P.V. DEVDU 54
P.V. AIGRP 31
P.V. ENFPS 37

# CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2010-2011

---

RM,MW,CH

## Commission du Développement durable,

## Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

et

## Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

**Procès-verbal de la réunion du 05 octobre 2011**

ORDRE DU JOUR :

Position gouvernementale concernant les projets liés de Wickrange et de Livange

*

Présents : M. François Bausch, M. Eugène Berger, M. Xavier Bettel remplaçant Mme Anne Brasseur, M. Fernand Boden, M. Lucien Clement, M. Fernand Diederich, M. Fernand Etgen, Mme Marie-Josée Frank, M. Camille Gira, M. Paul Helminger, M. André Hoffmann, Mme Josée Lorsché, Mme Lydia Mutsch, M. Roger Negri, M. Marcel Oberweis, M. Ben Scheuer, M. Marc Spautz, membres de la Commission du Développement durable

Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, M. Emile Eicher, M. Fernand Etgen, M. Gast Gibéryen, M. Camille Gira, M. Claude Haagen, M. Paul Helminger, M. Ali Kaes, M. Jean-Pierre Klein, M. Gilles Roth, M. Jean-Paul Schaaf, M. Raymond Weydert, membres de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

M. Claude Adam, Mme Sylvie Andrich-Duval, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. André Bauler, M. Eugène Berger, M. Fernand Boden, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, M. Emile Eicher, M. Ben Fayot, M. Claude Haagen, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Lies, Mme Josée Lorsché, M. Gilles Roth, M. Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, membres de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

***

Mme Diane Adehm, M. Alex Bodry, M. Jean Colombera, M. Félix Eischen, M. Léon Gloden, M. Claude Meisch, Mme Martine Mergen, Mme Lydie Polfer

***

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur
M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région
M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
M. Romain Schneider, Ministre des Sports

Mme Christiane Huberty, Mme Rachel Moris, Mme Marianne Weycker, de l'Administration parlementaire

Excusée : Mme Anne Brasseur, membre de la Commission du Développement durable

*

Présidence : M. Ben Fayot, Président de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

*

**Position gouvernementale concernant les projets liés de Wickrange et de Livange**

VERBATIM

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, Här Statsminister, ech begréissen Iech ganz häerzlech. Ech maachen dës Sitzung op vun dräi Kommissiounen: d'Commission du Développement Durable, d'Commission de l'Intérieur an d'Commission de l'Education Nationale et des Sports. An an där Qualitéit *(President vun der Commission de l'Education nationale et des Sports)* huet dann d'Conférence des Présidents mech gebieden, a Vertriedung vun deenen dräi Presidenten dës Sitzung ze leeden.

Mir hunn, wéi der jo wësst, décidéiert, hei eng öffentlech Kommissiounssitzung ze maachen. Dat ass méiglech no onsem Reglement. Déi gëtt jo och iwwerdroen iwwer Chamber TV.

Mir hunn och déi Sitzung hei aberuff opgrond vun Demandë vun dräi Fraktiounen. An dat ass d'Fraktioun vun der DP, vun de Gréngen an d'Sensibilitéit vun der ADR. An déi dräi Bréiwer vum 30. September, déi zur selwechter Zäit bei dem Chamberspresident eragaange sinn, bezéie sech op d'Fro vum Dossier "Wickreng/Léiweng - Projet Livange". Déi verschidden Aspekter ginn do traitéiert.

Ech géif da proposéieren, wéi mer dat ëmmer an deene Kommissiounssitzunge maachen, wou en Deputéierte freet, fir eng Kommissioun anzeberuffen, oder eng Kommissioun mat engem Sujet ze befaassen, deenen Auteure vun deenen Demanden hei d'Wuert ze ginn. Fir d'éischt dem DP-Vertrieder, dann dem Grénge-Vertrieder an dann dem ADR-Vertrieder. A mir géifen dann duerno deene verschiddene Membere vun der Regierung an enger gewëssener Reiefolg d'Wuert ginn, fir dobäi op déi Sujeten anzegoen, sou wéi si dat gesinn. An duerno géife mer dann d'Diskussioun opmaachen hei ënnert de Membere vun deenen dräi Kommissiounen. Wann dat esou an der Rei ass, da géife mer direkt ufänken.

Da géif ech direkt dem Claude Meisch vun der DP d'Wuert ginn.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Merci Här President. D'Positioun vun der demokratescher Partei am Dossier Léiweng, mengen ech, ass kloer. Déi brauch ech net méi ze rappeléieren. D'DP war an ass géint dee Projet, haaptsächlech aus zwee Grënn. Dat eent aus landesplanereschen Iwwerleeungen, well mer dat net gesinn, wéi dee Projet do an eng kohärent Landesplanung erapasst. Dat anert ass, datt mer fäerten, datt de Projet, e kommerzielle Projet vun där doter Envergure, tëschent der Stad Lëtzebuerg an den Entwécklungszentren am Süden, béid kommerziell Zentren, kommerziell Polen, éischter géif schwächen, wéi datt e géif zu enger genereller Beliewung vum Commerce bäidroen. Dat ass eis Positioun, souwuel an deene betraffene lokale Sektioune wéi awer och als national Partei. Dorëms geet et, mengen ech, haut och net hei. Déi doten Argumenter, déi sinn ausgetosch ginn en long et en large. D'Regierung wollt se net héieren.

Et gëtt awer eng Rei vun neie Momenter an deem doten Dossier, déi eis Fraktioun, zesumme mat der grénger Fraktioun, och beweegt hunn, zesummen éischter eng Plenarsëtzung unzefroen. Finalement ass sech op dëse Modell hei gëeenegt ginn. Deen neie Moment, deen d'lescht Woch jo publik ginn ass, dat ass dat Geheimdokument, an deem an eisen Aen d'Regierung zwee Promoteuren e Blankoscheck ausgestallt huet, fir eng illimitéiert Surface commerciale "Projet Léiweng" däerfen ze schafen. Illimitéiert, well do net dra steet, datt do 10-, 20-, 30.000 $m^2$ Surface commerciale däerfe kommen, mä datt der souvill géifen dohinner kommen, datt dee Projet, deen ugebonne wär un deen nationale Fussballsstadion, sech dovunner géif matfinanzéieren. Dat ass eng Iwwerleeung, déi contraire ass zu allen aneren Iwwerleeungen, wann et drëms geet, d'Implantatioun vu Surfaces commerciales hei am Land ze autoriséieren. Do geet et jo fir d'alleréischt emol drëms fir ze kucken, wéi d'Offer an der Regioun ass a wéi d'Demande an der Regioun ass. A packe mer eng zousätzlech Surface commerciale? Kréie mer keen Déséquiliber?

En zweete Punkt ass dann och genau deen, datt et eigentlech contraire ass zu deene Kritären, déi normalerweis am Mëttelstandsministère dann och zu Grond geluecht gi fir esou Autorisatioune wéi déi doten ze ginn. Dat Geheimdokument ass datéiert op den Abrëll 2009. Zënter gëschter Owend wësse mer, an dat ass dann en neie Fait, deen derbäi komm ass, datt am Dezember 2008 déi staatlech Aménagementskommissioun en däitlech negativen Avis géint de Projet Léiweng ginn hat. Dräi an en hallwe Mount duerno geet d'Regierung hei, vertruede vun enger ganzer Rei vu Ministeren, ënner anerem dem Premierminister, hin a seet zwee Promoteuren hir voll Kraaft fir d'Ënnerstëtzung vun deem Projet Léiweng do zou. Et gëtt mëttlerweil eng ganz Rei vun anere Verbindungen, déi nach diskutéiert ginn. Verbindungen notamment tëschent dem Promoteur vun deem Projet Léiweng an der Spuerkeess. Ech zitéieren aus engem virveröffentlechte Forumartikel: „Es ist jedoch ein offenes Geheimnis am luxemburgischen Finanzplatz, dass die CSSF der BCEE übergroße Kredite im Hinblick auf einen einzelnen Kunden", domadder ass gemengt de Promoteur vum

Projet Léiweng, „ankreidet - „single exposure warning“-, was im Klartext bedeutet, dass die Bank Risiken eingegangen ist, die offensichtlich zum Problem werden können“.

Mäi Fraktiounskolleeg, den Eugène Berger, huet och do schonn eng Fro un de Finanzminister gestallt, wéi et méiglech ass, datt de Generaldirekter vun der Spuerkeess am Conseil vun enger vun de Sociétéite vum Promoteur vum Projet Léiweng figuréiert. Dat wär normal. Mä wann et normal ass, dann heescht dat jo awer och, datt d'Spuerkeess do en erhebleche finanziellen Interessi drun huet, an éischter dann de Generaldirekter als Surveillant am Numm vun der Spuerkeess an deem Conseil do figuréiert. Dat konfirméiert an eisen Aen éischter dann och dat, wat an deem Forumzitat do opgeworf ginn ass. Ech gi mol einfach dovunner aus, datt och, wann déi Décisiounen esou geholl gi sinn, datt de Generaldirekter do wierklech fir d'Spuerkeess figuréiert an deem Conseil, datt déi Décisioune jo och en bonne et due forme geholl goufen, an op deene Plaze geholl goufen, wou se musse geholl ginn. De Risiko schéngt also hei wierklech sou grouss ze si fir d'Spuerkeess, datt net iergend ee Mataarbechter - well usus ass et an der Bankewelt, datt datdo ëmmer geschitt, mä datt meeschtens e Mataarbechter vun der Bank dann an ee Conseil geet -, mä hei geet de Generaldirekter an de Conseil vun där Bank. Also dat schwätzt nach eng Kéier derfir, datt et en erhebleche Risiko do schéngt ze ginn.

Mëttlerweil wësse mer, datt de Promoteur vum Projet Léiweng dann och dem Generaldirekter vun der Spuerkeess säi Privathaus opkaf huet. Kuerz Zäit drop wunnt den LSAP-Fraktiounspresident an deem doten Haus. D'Land ass kleng, soe mer oft, an an esou Fäll begéint een oft déiselwecht Leit erëm. Allerdings hunn ech Problemer, un esou vill Zoufall, hei dach an engem eenzegen Dossier, ze gleewen. Deen, deen haut Fraktiounspresident ass vun der LSAP, war zu deem Zäitpunkt, wou dat Geheimdokument do geschriwwe ginn ass, Ëmweltminister. En Ëmweltminister, deen eigentlech och hätt misse seng Zoustëmmung ginn zu deem Geheimdokument do, an dee jo och befaasst war vun deem Dossier Léiweng, dee selwer um Radio gesot huet, e wär e gudde Frënd vun deem Promoteur. Esou ee gudde Frënd, datt et eigentlech deen Éischte war, deen hien ugeruff huet, wou en dann eng Wunneng gebraucht huet, an net gemaach huet wéi anerer, déi eigentlech op den Internet kucke ginn, sech op déi entspriechend Site do informéiere ginn.

Ech stellen Iech eng ganz Rei vu Froe ronderëm deen doten Dossier. Mä wat eis am meeschte schockéiert huet dat ass, datt d'Regierung hei higaangen ass, an datt se e Pré-accord ginn huet un zwee Promoteure fir hir Projeten, a fir ee spezifesche Projet, nämlech dee vu Léiweng, ouni gesetzlech Basis fir esou ee Pré-accord kënnen ze ginn, ouni, datt iergend eng Prozedur do agehale ginn ass. An ouni, datt sech un dee Moment scho bestehend Avise gehale gouf. Dat ass an eisen Ae grave. Dat ass an eisen Aen inakzeptabel. Hei gi Gesetzer mat Féiss getrëppelt. Et gi Prozedure mat Féiss getrëppelt. An et kann een hei wierklech nëmme vun engem Verstouss géint d'rechtstaatlech Prinzipie schwätzen. Dat Pëzzelbild, wat amgaangen ass ze entstoen, gëtt dann och ëmmer méi komplett. Et feelen awer nach eng ganz Rei vu Pëzzelstécker doranner.

Ënner anerem, mengen ech, musse mer der Fro nach nogoen, firwat dat Geheimdokument dann elo iwwerhaapt geschriwwe ginn ass. A firwat sollt et geheim bleiwen? Ech wëll mer do nach e puer Gedanke maachen. Nämlech et ass jo esou, datt eigentlech d'Regierung keng legal Handhab hat, fir de Projet Wickreng ze verhënneren. D'Regierung hätt dat awer gär gemaach. Si konnt et awer net. Souguer d'Geriicht huet gesot, dee Projet Wickreng do, dee soll esou exekutéiert ginn.

D'Fro kann ee sech och stellen, ob mat der Exekutioun vum Projet Wickreng dann net de Projet Léiweng hätt misse fale gelooss ginn, well do dann net méi déi kritesch Mass beienee komm wier, virun allem d'kritesch Mass u Surface commerciale, fir dann dee Projet do um Liewen ze erhalen, wann ee virun allem da wëll e Fussballstadion do nach matfinanzéieren.

Firwat awer war de Groupe Rollinger, deen de Promoteur ass vum Projet Wickreng, firwat war deen d'accord, e Projet, deen en duerch hat, deen en autoriséiert hat, deen en hätt kënne realiséieren, deen am Joer 2010 hätt scho solle fäerdeg sinn, fir deen opzeginn a sech op e Verspriechen anzeloossen, wou awer nach eng ganz Rei vu juristeschen, prozeduralen an och politeschen Hürden ze huele waren? Dat ass eng vun deene Froen, déi mer eis stellen.

An d'Äntwert ass dee geheime Bréif, deen d'lescht Woch hei opgetaucht ass. Dat ass eigentlech d'Garantie fir de Groupe Rollinger, datt en dat, wat en opgëtt op där enger Säit zu Wickreng, op där anerer Säit kompenséiert wäert kréien an engem Projet zu Léiweng. Kompenséiert kann do en Ausfall vum gesamte Projet ginn, kompenséiert kann eng Verzögerung vun deem gesamte Projet ginn. Mä nach elo, esou laang dee Projet do zu Léiweng net autoriséiert ass an net steet, lafe mer nach ëmmer Gefor, datt dee Promoteur, deen initialement e séchere Projet opginn huet, datt dee sech wäert géint de Stat wenden a soen: „Dir hutt mer versprach, datt ech do eng Kompensatioun wäert kréien, dann hätt ech déi och elo gären".

De geheime Bréif gesäit jo och eng Kompensatioun vir, nämlech am Fall, wou de Projet Léiweng näischt géif ginn, wou dee komplett géif ausfalen, da misst de Lëtzebuerger Stat - en huet sech doranner engagéiert, d'Regierung huet sech doranner engagéiert -, datt se dann dem Promoteur vum Projet Wickreng en equivalenten Terrain fir x-Dausende vu Quadratmeter Surface commerciale hei am Land géif hëllefen ze sichen. A mir wësse jo awer och, datt esou een Terrain hei am Land wäert e Präis hunn. Wann also Léiweng scheitert, a Léiweng kann nach ëmmer scheiteren - e Sonndeg si Gemengewalen, an dat kann eng ganz aner Positioun op eemol vun der Gemeng ginn; et kann eng ganz aner Positioun op eemol opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer amgaange sinn ze féieren, hei vun der Lëtzebuergescher Regierung ginn -, da wäert et also esou sinn, datt finalement de Steierzueler wäert mussen dem Groupe Rollinger een neien Terrain mat hëllefen ze finanzéieren. An dat a Milliounenhéicht.

Dee Geheimbréif vun der Regierung, deen huet eis also an déi Situatioun gesat, datt entweder elo de Projet Léiweng mat alle Mëttel muss autoriséiert ginn. A wann en net autoriséiert gëtt, datt dann op där anerer Säit muss de Groupe Rollinger en Terrain vun de Steierzueler hei am Land bezuelt kréien. Dat ass an eisen Aen en handfeste Skandal. An dofir sollt dat jo och geheim bleiwen. An dofir ass dee Bréif, deen d'lescht Woch réicht opgetaucht ass, eben net sou schnell bekannt ginn. An dofir mengen ech, datt all déi, déi soen, dat dote wär schonn alles laang bekannt gewiescht, datt déi iren an nëmmen e ganz ganz klengen Deel vun der Wourecht gesot hunn. Et gëtt awer eng ganz Rei vu weidere Froen, déi ech an deem Dossier do stellen. Firwat iwwerhaapt esou e konfidentielle Bréif? Ass dat eng gängeg Praxis? Ech hu mech do e bësse renseignéiert. Déi Leit, déi Abléck haten an d'Regierungsgeschäfter, hu gesot: Neen, dat doten ass keng gängeg Praxis. Wann et awer eng gängeg Praxis wär, da wäre mer interesséiert als Parlament och ze wëssen, bei wat fir enge Projete sinn et ähnlech Arrangementer ginn. An natierlech och déi publik maachen. Wann net, da froe mer eis: Firwat ass et an dësem Fall da gemaach ginn? Firwat an dësem Fall also esou een däitlechen Engagement vun der Säit vun der Regierung, éier sämtlech Prozeduren iwwerhaapt emol

nëmme richteg entaméiert waren? Zënter wéini huet d'Regierung Kenntnis vum Projet Léiweng?

Eng aner net onwesentlech Fro, wann et drëms geet erauszefannen, wéi dee Switch Surface commerciale Wickreng/Léiweng do sollt organiséiert ginn. Huet d'Regierung an iergendenger Form Drock op de Projet, op de Promoteur vum Projet Wickreng ausgeübt? A wa jo, a wat fir enger Form? Vun esou engem Drock war de Mëtteg nach um Radio 100,7 ze héieren. Wéi gesäit déi Partizipatioun vum Promoteur vum Projet Wickreng am Projet Léiweng genee aus? De Bréif, dee seet eis do net ganz vill. Wossten aner betraffe Ministere vun dësem Geheimdokument? Notamment de Mëttelstandsminister an och den Ëmweltminister? Well och si jo an deene Prozeduren, déi nach hätte misse geholl ginn, mussen hir Zoustëmmung ginn. Wosst d'Gemeng vun deem Geheimdokument? Well och si an deene Prozeduren do muss hir Zoustëmmung ginn. Wosst d'Gemeng, éiert et zur Signature vun deem Dokument do komm ass, Bescheed an hat si hiren Accord dozou ginn? Aneschters wär et jo eigentlech fahrlässeg vun der Regierung gewiescht.

Stëmmt dat, datt de Promoteur vum Projet Léiweng héich Kreditter bei der Spuerkeess huet, déi dozou gefouert hunn, datt eng „single exposure warning“ vun der CSSF ausgeschwat ginn ass? Wa jo, wéi héich sinn déi Engagementer do vun der Spuerkeess? Esou héich, datt de Succès vum Projet Léiweng vun engem vitalen Interessi och fir d'Spuerkeess ka sinn?

De Promoteur, dat wësse mer, dat ass konfirméiert, vum Projet Léiweng keeft e Privathaus vum Spuerkeessdirekter. Mä féiert dat net dozou, datt de Spuerkeessdirekter en Interessenskonflikt huet? An ass dat an der Spuerkeess och esou gesi ginn? An huet en oder huet en net partizipéiert u weideren Décisiounen, déi dee Promoteur do vun der Säit vun der Spuerkeess aus betreffen? Wéi schätzt d'Regierung d'Legalitéit vun där Prozedur hei an? Nämlech en Tosch ze organiséieren, wou dat, wat d'Regierung gëtt, wat de Lëtzebuergesche Stat gëtt - dat ass e Reklassement vun engem Terrain, wouduerch deen Terrain däitlech valoriséiert gëtt -, an dat wat de Lëtzebuergesche Stat als Echange kritt, dat ass jo dann e Gebai, eng öffentlech Infrastruktur. An dësem Fall e Fussballsterrain. Déi awer en öffentlechen Notzen duerstellt. Wou ee sech muss d'Fro stellen, ob dat doten alles konform ass zu de Marché-publics-Gesetzer, déi eigentlech misste spillen, wann et ëm eng öffentlech Infrastruktur an ëm en öffentlechen Notze geet. Huet d'Regierung dat dote préife gelooss, a wa jo, da wäre mer och interesséiert, déi Etude ze gesinn.

Firwat huet d'Regierung deen Terrain, deen se als idealen Terrain dann erausfonnt huet - a mir deelen déi Aschätzung net -, nämlech Léiweng, firwat ass se net higaangen an huet deen Terrain do kaf an huet dann eng üblech PPP-Prozedur gemaach, fir dann Investisseuren ze sichen, fir souwuel e Fussballsstadion wéi och e Centre commercial kënnen do ze realiséieren? Gëtt et méi Detailer iwwert déi Investitiounskäschten, déi nach op de Stat wäerten duerkomme fir d'Ubannung vun der Eisebunn, vun de Stroossen? Ënner anerem, sinn déi méi detailléiert chiffréiert? Ass och d'Opdeelung vun deene Käschten tëschent dem Privatpromoteur an dem Lëtzebuergesche Stat scho méi am Detail ofgemaach? A gëtt et finalement de Lëtzebuergesche Stat da wierklech méi bëlleg, wéi wann hien higaange wär, an en hätt op enger Plaz dann e Fussballsterrain gebaut an där Envergure, wéi mer e wierklech brauchen?

Hat d'Regierung Kenntnis vum éischten Avis vun der Commission d'aménagement zu deem Zäitpunkt, wou se dat Geheimdokument do ënnerschriwwen huet? A wa jo, firwat gouf dat ignoréiert? A firwat fällt elo deen zweeten Avis vun der Commission d'aménagement dann

dach däitlech manner kritesch aus? Ass do eigentlech drënner ze verstoen dat wat am Geheimaccord ofgemaach war a wat do heescht "eng aktiv Begleedung vun der Säit vum Lëtzebuergeschen Innenminister"? Ass dat d'Resultat do dervunner?

An, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir verstitt och, datt ech eng Fro muss stellen am Zesummenhang vun all deene Rumeuren, déi zum Deel de Moien um Radio waren, zum Deel a Lieserbréiwer formuléiert ginn, déi ënnert der Bevëlkerung kurséieren, déi an Zeitungsartikele stinn, déi a Mailer doruechter verschéckt ginn, nämlech: Huet ee vun de Regierungsmembere vun der leschter an och vun dëser Regierung en Avantage materieller oder immaterieller Natur vun engem vun deene betraffene Promoteuren ugeholl?

Dat doten, dat sinn eng ganz Rei vu ganz prezise Froen. Mir hu se hei nach eng Kéier opgelëscht, well ech verstinn, datt een elo net kann direkt tel quel einfach esou dorobber äntwerten. Mä, fir datt mer hei geuerdnet virukommen, wëll ech dat hei verdeele loossen. An da si mer gespaant op déi Äntwerten do. Mir hätte gär op eis prezis Froe grad esou prezis Äntwerten, well et fir eis wichteg ass, datt d'Öffentlechkeet sech kann e prezist Bild maache vun deene Virgäng, déi am Virfeld vun deem Dossier Léiweng do gelaf sinn. An och mir als demokratesch Partei wäerten eis weider Beuerteelung vun deem dote Virgoe vun deenen Äntwerten ofhängeg maachen.

Merci, Här President.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci dem Spriecher vun der DP. Da kënnt de Camille Gira vun deene Gréngen.

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Jo merci, Här President. Ech mengen, och d'Positioun vun deene Gréngen zum Fong vum Dossier Léiweng ass bekannt. Ech wëll awer och drun erënneren, dass mir scho géint de Projet Wickreng waren, well mer do scho gemengt hunn, dass dee villzevill grouss wier, dass deen och géint all landesplaneresch Kritäre géif verstoussen. An ëmsou méi, mengen ech, trëfft dat fir de Projet Léiweng zou.

Eng Rei Froen, déi mir och hunn, si scho vum Kolleeg Meisch opgeworf ginn. Ech wëllt eng Rei prezis Froen awer zousätzlech stellen, an och a véier Beräicher opgedeelt, e bësse méi déi eng oder déi aner prinzipiell Fro, e bëssen eng Analys vu Prozeduren. Do gehéiert och e gewëssenen Historique vun deenen Terrainen zu Léiweng derbäi. Och konkret Froen zu de Käschten an och nach déi eng oder déi aner Fro zur Implikatioun vun der Spuerkeess.

Wat eis frappéiert huet an deem geheime Bréif, dat ass den Terme «nationalen Interessi» vun deem Projet. Mir hunn als Gréng kee Problem, deen Terme fir en nationale Stadion unzewenden. Dass mer esou ee Stadion brauchen, an dass dee soll iergendwou gebaut ginn, domat hu mir als Gréng kee Problem. Vill méi ee grousse Problem hu mer awer, engem Supermarché, engem Hypermarché den Terme «nationalen Interessi» ze ginn. Eis Fro: Gëllt dat do deemnächst fir all Centre commercial deen iergendwou opgeriicht gëtt, datt deen en nationalen Interssi huet? An eis Fro ass duebel berechtegt, mengen ech, wann een eben gesäit, datt deen do Centre commercial géint all Logik vun engem Programme directeur spréicht an och géint all Logik déi mer jo wëlle landesplaneresch endlech erëm kréien.

Ech menge mir hunn an de leschten 30, 40 Joer vill ze vill déi eenzel Funktiounen «Wunnen, Schaffen, Akafen» ausernee getrennt a mir waren eis jo eigentlech eens, wa mer de Verkéier zu Lëtzebuerg iergendwéi eng Kéier erëm fir zwee Sou sollten an de Grëff kréien, da sollte

mer elo déi nächst 30, 40 Joer an eng ganz aner Richtung goen, nämlech erëm «Wunnen, Schaffen, Akafen, Fräizäit» beieneen ze maachen. Or, et muss een elo kee landesplaneresche Spezialist sinn, fir eraus ze fannen, datt Léiweng awer nu guer net deenen do Kritären entsprécht. An et ass och erstaunlech, datt do soll eng Autorisatioun erausgoen, wou de Projet och iwwerhaapt net de Kritären, mengen ech, vum Droit d'établissement entsprécht, esou wéi d'CLC dat och richtegerweis gemaacht huet. Also wou kann een esou engem Projet, dee reng kommerzieller Natur ass, en «nationalen Interessi» ginn, wann en och nach géint all landesplaneresch Prinzipen, déi awer an engem Programme directeur eng gewësse Force légale hunn, sprécht.

Da wollt ech op den zweete Volet kommen. An dat ass e bëssen d'Geschicht vun deenen Terrainen. Et ass jo net déi éischte Kéier, dass probéiert gëtt, déi Terrainen do an eng Zone industrielle ëmzewandelen. Et ass och net déi éischte Kéier, dass déiselwecht Propriétairen dat maachen. Ech muss do e bëssen aushuelen. 1988 gëtt et en éischten Essai vun de Konsorte Lux/Becca, fir eng Extensioun vun der Zone industrielle vu Léiweng ze kréien. De Gemengerot war d'accord a gëtt an engem Vote définitif vun 1989 den Accord. Mä, den deemolegen Innenminister Spautz seet neen. An ech kommen net derlaanscht, zwee Kritären aus senger negativer Décisioun ze zitéieren. Well et einfach ze schéin ass: „Considérant que les fonds faisant l'objet du projet mentionné constituent un site qui est de toute beauté tant du point de vue configuration du sol que de par la flore riche et variée existant à cet endroit. Site qui mérite d'être maintenu comme aire de verdure". An engem Zweeten: „Considérant que l'aire concernée constitue une zone humide régulièrement soumise à des inondations ne se prêtant guère à l'implantation d'établissements humains".

De Gemengerot vu Réiser war awer net frou mat där negativer Décisioun. An hien ass deemools net virun d'Verwaltungsgeriicht gaangen, well mer dat nach net haten, mä virun de Statsrot. An de Statsrot huet déi Décisioun vum Minister Spautz konfirméiert am Dezember 1990. 1990 mécht awer och Lux/Becca en zweeten Essai a freet beim deemolegen Ëmweltminister Bodry eng Naturschutzautorisatioun un, fir d'Baach ze verleeën. Och den Ëmweltminister Bodry seet neen a berifft sech do op d'Vulleschutzdirektiv vun 1979 a seet: „(...) la création d'une zone industrielle serait contraire aux dispositions de ladite directive". Drëtten Essai, dës Kéier par intermédiaire vun der Gemeng. Dat geschitt 1991 am Kader vun der allgemenger Revisioun vum PAG vu Réiser. Do hat d'Gemeng niewent aneren Terrainen och erëm deen doten Terrain an de Périmètre d'agglomération geholl, fir do eng Zone industrielle ze maachen. An och do huet dann 1993 den Ëmweltminister Bodry nee gesot. Net nëmme fir déi do Parzell, mä och fir déi aner.

Eis Fro ass folgend un d'Regierungsvertrieder: Wat fir ee Rechtstat hu mer, wann e Promoteur sech 20 Joer net gëtt, fir ëmmer erëm iwwert déi verschiddenst Aart a Weisen zu sengem ze kommen a schlussendlech no 20 Joer beim véierten Essai Recht kritt? Wéi een Androck gi mer do no baussen, wat déi rechtstaatlech Prinzipie sinn? Well um Terrain zu Léiweng huet jo an deenen 20 Joer, wat Héichwaasser, wat d'Valeur vun deem Site do ubelaangt, awer nu guer näischt geännert. Wéi kann de Stat 1991, an no 19 Joer dräimol eng Extensioun refuséiere mat absolut stéchhaltegen Argumenter, an 2011 dann anscheinend all déi Argumenter op d'Säit drécken a soen, mir hunn elo kee Problem méi, dass dat do geschitt?

Mä ech stellen eng Fro hannendrun. Wann en déi do Antécédents kennt a souguer weess, dass et eng Jurisprudenz vum deemolege Verwaltungsgeriicht gëtt, fäert dann d'Regierung net, dass wa juristesch Recourse kommen - an déi wäerte jo awer ganz sécher kommen, do wäerte Bierger reklaméieren, do wäert d'Gemeng souguer, deemno wat den 9. Oktober geschitt,

reklaméieren -, fäert dann net d'Regierung souwisou, dass mat deenen doten Antécédents de Projet ganz grouss Gefor leeft, dass e viru Geriicht net besteet? A fäert se net, dass och duerch e Recours bei dem europäesche Geriichtshaff wéinst Net-Anhale vun enger europäescher Vulleschutzdirektiv och de Risiko ganz grouss ass, dass de Projet juristesch kee Bestand huet?

An och do muss ee jo kee Spezialist sinn: Dat hei ass en offiziellt Dokument vum Lëtzebuerger Kadaster, et brauch een net wäit sichen ze goen, et geet een op de Site vum Kadaster an da gesäit een, dat do ass den normalen Zoustand vum Terrain wann et ganz e bësse reent am Réiserbann. Kënnt do net an deem do Kontext effektiv d'Meenung op, dass et net méi e Landesplanungsminster ass, net méi en Innenminister, keen Ëmweltminister, deen hei am Land décidéiert wéi eng Regelen agehale ginn, wéi eng Prinzipien, wéi eng Kritären, dass mer fir e Projet hunn, mä hei sinn et d'Promoteuren déi d’Politik bestëmmen.

Den drëtte Froekomplex ass deen zu de Käschten. Ech wollt do opgräifen, wou de Claude Meisch opgehalen huet. Eis sinn d'Chiffere bekannt, oder déi zirkuléieren, dass op där enger Säit de Futtballstadion anscheinend 25 Millioune soll kaschten. An op där anerer Säit geet Rieds vu Chiffere vu 75 Milliounen Euro, déi de Stat an déi divers Moossnamen, d'Verbreederung vun den Accèsen, vun der Autobunn, an esou weider, géif investéieren. Wéi geet do déi Rechnung nach op? A firwat geet de Stat net einfach hin a kuckt iergendwou en Terrain vun zwee oder dräi Hektar ze fannen? Ech mengen, där misste mer genuch am Land hunn! Baut do e Futtballstadion, wat säin ass, an domat huet et sech! Oder ass et net esou, an dat Gefill gëtt ee jo net lass, geet et bei där ganzer Operatioun net nëmme schlussendlech drëm, dass déi Terrainen, déi eben Lux/Becca während 20 Joer do leien hunn, fir déi definitiv ze valoriséieren, fir déi Leit aus enger schwiereger finanzieller Situatioun erauszeretten?

An dee leschte Komplex: Nach eng Kéier d'Verstréckung vun der BCEE, vläicht ganz e bësse méi konkret. Ech mengen, déi Leit an der Direktioun vun der Spuerkeess si weiderhi Statsfonctionnairen. A wann een do de Statut liest, da muss de Ministre de la Fonction Publique all Kéier eng Derogatioun ginn, wa Leit an ee Conseil d'administration ginn. Ass dat geschitt? Mat wéi enger Argumentatioun? Mä, mécht dat do d'Spuerkeess bei all hire grousse Clienten? A wéivill Holdinge sëtzt den Här Finck dann? A kann d'Spuerkeess da wierklech de Risiko besser évaluéiere, wa se juge et partie op deenen eenzelne Säiten ass?

Ech mengen, dat wieren och fir eis emol an enger éischter Ronn déi véier grouss Themekomplexen, wat deelweis complémentaire ass zu deem, wat de Claude Meisch gesot huet. Wat eis awer besonnesch wonnert, dat ass, dass nodeem an den 90er Joeren eng Rei Ministere kloer an däitlech a mat gudden Argumenter nee gesot hunn, dass elo op eemol deeselwechte Promoteur 20 Joer duerno endlech zu deem kënnt, wat e scho virun 20 Jor wollt.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci dem Spriecher vun deene Gréngen. Da ginn ech d'Wuert dem Spriecher vun der ADR.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och Ugangs soen, datt d'ADR sech ëmmer géint de Projet Léiweng ausgeschwat huet. An ech wëll och soen, datt ech elo opgrond vun deem, wat meng zwee Virriedner gesot hunn, datt ech dat alles ka mat deelen an ënnersträichen, an dofir och net méi brauch op all déi eenzel Punkten anzegoen, déi vu mengen zwee Virriedner schonn am Detail hei ugeschnidde goufen.

Ech mengen, mir waren alleguer iwwerrascht, fir net ze soe schockéiert, wéi mer op eemol iwwert d'Press hu misse gewuer ginn, datt d'Regierung e Geheimdokument mat engem privaten oder mat private Promoteuren ofgeschloss huet. Mir wëssen alleguerten, datt mer gesetzlech Prozeduren hunn, an dat an enger ganzer Rei vun Domänen. Mir wësse, datt mer Gemengenautonomie hunn. An dofir ass een ëmsou méi iwwerrascht, wann d'Regierung an engem Geheimdokument, quasi kann ee soen, sech iwwer all dat ewech setzt an am Préalabel schonn eng Autorisatioun gëtt, an domadden all hier eenzel Ministèren an d'Gemeng eventuell souguer schonn am Viraus hypothekéiert.

Mir waren och iwwerrascht, wéi den Här Wirtschaftsminister Krecké dëser Deeg gesot huet, et wier iwwerhaapt kee Geheimnis an deem Dokument dran. Ech wëll just ee Saz zitéieren aus deem Dokument: „Cet accord avait un caractère hautement confidentiel“. Wann een esou eppes an den Accord schreift an et seet een dann herno et wier kee Geheimnis dran, da muss ee sech d'Fro stellen, firwat datt dee Saz an deem Accord stoung. A firwat, datt dee Saz, deen Accord, net publik gemaach ginn ass? Richteg wier et wann hie gesot hätt, zënter deem, datt e publik ginn ass, ass et kee Geheimaccord méi. Dann hätt hien d’Wourécht gesot.

Wat d’Spuerkeess ubelaangt, deelen ech och d’Aussoe vu mengen zwee Virriedner. Ech brauch dat net méi ze ernimmen, datt de Generaldirekter mat an engem Conseil d’Administration sëtzt, datt säin Haus un de Promoteur verkaaft ginn ass, an datt de Promoteur dat Haus erëm weider un e Politiker verlount huet, dee senger Zäit, wéi déi Diskussiounen hei gelaaf sinn, eng Funktioun hat als Ëmweltminister.

Ech mengen, ier een op de Projet Léiwéng direkt ageet, muss een am Fong de Projet Léiweng mam Projet Wickreng zesumme betruechten. De Projet Wickreng, deen hat jo d’Ënnerstëtzung vun der Gemeng vu Reckéng. Mä, et war d’Regierung, déi aus politeschen Ursaachen dogéint war, obschonn ee muss wëssen, datt de Mëttelstandministère 2007 déi Surface commerciale autoriséiert hat. Et lung also eng Autorisatioun vum Mëttelstandminister vir wat Wickreng ubelaangt huet an dat huet dozou gefouert, datt d’Regierung, wéi dat och gesot ginn ass, an enger schwéierer Situatioun wier wann zu engem gewëssenen Zäitpunkt dee Projet net géif autoriséiert ginn, an datt d'Regierung dann ebe fir eng Indemnisatioun kéint ugesicht oder verklot ginn. Et war also sécher, wann d'Regierung de Projet Wickreng net aus politesche Grënn wëllt, datt se dann an engem Zugzwang steet an och net wëll juristesch belaangt gi fir eng Alternativ zum Projet Wickreng ze fannen. An dat war dunn eben andeems se ëmgeswitcht huet an de Projet Léiweng ënnerstëtzt huet.

Et muss ee wëssen, datt dee Projet Léiweng - dat sinn Terrainen, déi haut an engem Gréngs leien, Zone Ackerland, an dass et vläicht en Naturschutzgebitt hätt kéinte ginn, et ass en Iwwerschwemmungsgebitt -, datt duerch dat Ëmdenken an Ëmlenke vun der Regierung am Fong déi Propriétaire vun deenen Terrainen zu Léiweng eng enorm Plus-value vun hiren Terraine kréichen. Si kréien am Fong vun enger Wiss, déi net méi wäert ass wéi eng Wiss nu mol ebe wäert ass, duerch den Accord vun der Regierung eng enorm Plus-value op deenen Terraine, wat een och muss bedenken. Ech géif dofir un d'Regierung eng Rei vu Froe stellen.

Éischtens: Ass et üblech, dass d'Regierung esou Geheimaccorde mat Privatpromoteure mécht? Zweetens: Gëtt et nach esou Geheimaccorden tëschent Regierung a Privatpersounen? Wat den Accord Wickreng/Léiweng ubelaangt, géif ech gär vun der Regierung wëssen, ob deen Text, deen elo publik ass, ob dat de ganzen Accord ass, oder gëtt et nach Zousazdokumenter an -engagementer zu deem Accord dee bis elo publik gemaach ginn ass? Eng weider Fro ass bei deenen Diskussiounen, déi do gefouert si ginn tëschent

Regierungsmemberen an de Promoteuren, ob den Här Statsminister perséinlech un esou Diskussiounen deelgeholl huet. Eng weider Fro ass: Am Bréif steet, datt den Accord gemaach gi wär "au nom du Gouvernement". Ass dat en Accord vun der Regierung, deen also vun der ganzer Regierung deen Abléck gedroe gëtt? A war deen Accord dann och am Regierungsrot, wou all déi concernéiert Ministeren dann och wëssen, zu wat an deem Accord d'Regierung sech do engagéiert huet? Zum Beispill den Innenminister, de Mëttelstandsminister - wou ech am Fong bedaueren, datt de Mëtten de Mëttelstandsminister, dee jo fir d'Autorisatioun vun dësem Accord zoustänneg ass, méi wéi aner Ministeren, datt deen net derbäi ass -, de Sportsminister, den Nohaltegkeetsminister. Ass beim Accord, dee getraff ginn ass, d'Regierung sech do bewosst, ob deen IVL compatibel ass oder net? Wéiwäit sinn d'Ministeren obligéiert, elo Autorisatiounen ze ginn, och wa vläicht politesch an der Gemeng ëmgeduecht gëtt, d'Gemeng net méi domat d'accord ass? Oder wann e Referendum géif an der Gemeng entstoen an d'Populatioun sech géif majoritär géint esou ee Projet ausspriechen, huet d'Regierung un all déi Konsequenze geduecht?

Een anere Punkt ass d'Finanzéierung, wou d'Regierung sech obligéiert huet. Et war an der Chamber den 19. Mee 2010 eng Réunioun vun der Kommissioun vun de Classes moyennes et du Tourisme a vun der Kommissioun vum Développement durable, an an där Réunioun ass iwwert de Projet geschwat ginn, an d'Regierung huet do opgrond vun engem Rapport - dat kann ee liesen - gesot: „En résumé l'estimation des frais se présente comme suit:“ an da kënnt een op e Chiffer vun ongeféier 70 Millioune, wou d'Regierung sech engagéiert hätt fir eben dee Projet ze begleeden, sief et iwwer Op- an Offahrten, Protektioune laanscht d'Autobunn, d'Verbreederung vun der Autobunn, Aarbechten un enger Bréck zu Léiweng an den Arrêt vum Zuch. All déi Saachen zesumme wieren ongeféier 70 Millioune, sou wéi et an deem Rapport steet, wou d'Regierung sech do engagéiert huet. Oder huet d'Regierung nach aner Partizipatiounen zougesot?

Et ass dëser leschter Deeg am Zesummenhang, och mat Déifferdeng, geschwat gi vun engem PPP. Souwäit wéi mir déi Saach gesinn, ass dat heite jo awer kee PPP. Et ass eng privat Initiativ an et ass och ni eppes, wat spéiderhi soll un de Stat zréckfalen. Mir soen awer kloer, datt mir der Meenung sinn, datt wéi bei all aner sportlechen a kulturellen Infrastrukturen – wa mer zur Iwwerzeegung kommen, datt mer am Land en neie Stadion brauchen -, de Stat dee Stadion soll bauen. Mir sinn iwwerzeegt, datt dat méi bëlleg géif ginn, wéi dat wat mer hei eleng mussen u Partizipatioun bezuelen, fir datt hei Privatpromoteure kënnen einfach iergendwéi op enger grénger Wiss e grousse Centre baue, wou am Fong de Stadion just den Ophänkert ass fir aner Aktivitéite kënnen op deem Terrain ze maachen.

Eng weider Fro, déi ee sech muss stellen, dat ass mat der Déontologie politique. Wa mer wëssen, datt d'Politiker mat Privatpromoteuren, och Regierungsmembere mat Privatpromoteuren, hei sou Händel maachen a Geheimdokumenter maachen, stellt sech d'Fro, ob et Politiker gëtt, déi och mat deene Promoteuren an iergendenger Form Privilegien zougeschwat kritt hunn. Eng weider Fro nach, wat d'Spuerkeess ubelaangt: Opgrond vun deem, wat meng Virriedner gesot hu, wollt ech nach just froen, ob nach aner Leit, also aner Leit niewent dem Generaldirekter, aner Leit vun der Spuerkeess, a vläicht anere Verwaltungsréit sëtze vun dem Immobilie Promoteur Becca?

Dann eng zweetleschte Fro: Dat ass wéi d'Regierung dat da geduecht huet, opgrond vun hirem Bréif, wéi de Promoteur vu Wickreng géif mat an de Projet vu Léiweng agebonne ginn. Well d'Regierung seet jo, wann dat näischt géif ginn, wier se bereet, fir do eng nei Léisung ze

sichen. Da muss se jo och wëssen, wat do geschwat ginn ass, wéi deen ee Promoteur soll an deem anere Promoteur säi Projet mat erakommen.

An dann déi lescht Fro, déi ass am Fong, ob d'Regierung sech och iwwerluecht huet, wat d'Konsequenze fir de Steierzueler wieren, wann de Projet Léiweng näischt géif ginn.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci och dem Spriecher vun der ADR. Ech géif dann d'Wuert un d'Regierung ginn, an als éischt un den Här Statsminister.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech fannen dat Gespréich, wat mer hei hunn, absolut normal. D'Parlament exercéiert d'Kontroll iwwert d'Regierung. A wann dem Parlament Faite bekannt ginn, vun deenen ee mat guddem Wëllen oder mat schlechtem Wëlle kann unhuelen, dass déi Faiten Ulass gi fir der Regierung Froen ze stellen, halen ech et fir deen normalste Virgang vun engem parlamentaresche System, dass d'Regierung dann och an d'Chamber kënnt, fir Froen ze beäntwerten, déi se gestallt kritt a fir duerzestellen, wéisou a firwat et zu bestëmmte Situatioune komm ass.

Et war eng öffentlech Sitzung gefrot ginn. Dat huet eis geschéngt net dat adequat Instrument ze sinn, well d'Chamber jo net a Sessioun ass, an dofir dës Formel ze wielen, mä awer där Aussprooch, déi mer hei hunn, déi néideg Publizitéit ze ginn, fir dass d'Leit am Land och wëssen, wourëms et hei geet. Mir presentéieren eis also net als beleidegt Liewerwurschten oder -wirscht hei, mä als Membere vun der Regierung, déi der Chamber Ried an Äntwert ze stoen hunn. Dat wëlle mer och maachen objektiv wéi ech denken.

A well alles sech ëm dee Bréif, ergo och deem seng Virgeschicht a seng Folgen dréint, mengen ech, muss een d'Virgeschicht vun deem Bréif erklären, an och d'Kontextur vun deem Bréif erklären, an och d'Fassong vun den Ausdrocksweisen, déi an deem Bréif gebraucht ginn. Vu dass ech un der Virgeschicht net staark bedeelegt war, hätt ech u sech gären, dass déi Kolleegen, déi dat waren, duerstellen, wéi d'Situatioun sech mat der Zäit entwéckelt huet - dat ass de Kolleeg Krecké an de Kolleeg Halsdorf -, dass déi, déi haut en charge si vun de Suitë vun deem, wat hei kritesch hannerfrot gëtt, duerstellen, wat si gemaach hunn a wou se dru sinn, an da géif ech zum Schluss gäre mech selwer erklären. Ech hunn dee Bréif ënnerschriwwen. Ech géif Iech gär soe firwat, wéisou, a wéisou an där Form.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci, dat heescht, dass de Minister Krecké elo als éischten dru kënnt.

**M. Jeannot Krecké,** Ministre *de l'Economie et du Commerce extérieur (Ministre des Sports de 2004 à 2009).*- Jo, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2007 sinn et eng Rei Diskussiounen hei am Land ginn iwwer Sportinfrastrukturen, Nationalinfrastrukturen, haaptsächlech ronderëm d'Stad Lëtzebuerg mam Sportslycée, Vëlodrom, an dobäi kënnt d'Diskussioun iwwert den neie Bau vun engem Stadion gegebenenfalls, well mer wëssen, dass de Stadion Josy Barthel, deen 1928 gebaut ginn ass, net méi tragbar ass. En ass nach eng Kéier renovéiert ginn Ufank oder Mëtt den 80er Joren an entsprécht net méi den Normen. Mir hunn eng Derogatioun vun der UEFA, fir iwwerhaapt nach dierfen do ze fonctionnéieren, a wéi laang déi oprecht ass, war mir net bewosst. Dat konnt och kee mer soen, an dofir hunn ech fonnt, dass et un der Zäit wier, vläicht och doriwwer nozedenken.

Parallel dozou sinn Diskussioune geféiert ginn, och en public, iwwert eng Kockel-Arena. Do sollten dann all Infrastrukturen déi eppes mat Sport ze dinn hunn zesummekommen. D'Stad Lëtzebuerg, grad wéi de Sportsministère zu deem Zäitpunkt, waren der Meenung, dass dat net déi richteg Solutioun wier. Keng Ubannung un d'Eisebunn, keng kloer Besëtzverhältnisser, sou wéi mer eis se virgestallt hunn. Dobäi ware mer an Diskussiounen, fir de Vëlodrom zu Zéisseng ze maachen, an de Sportslycée sollt op den INS kommen, sou dass déi Diskussioun relativ schnell fäerdeg war.

Ech war och an intensive Gespréicher zu deem Zäitpunkt mat der Stad Lëtzebuerg iwwert den Emplacement vun der Luxexpo. Well déi sollt vum Kierchbierg fortgoen, an dat spillt och hei mat eran. Dat wäert der elo gläich gesinn.

D'Stad Lëtzebuerg war fir mech eng Prioritéit. Ech hunn dat och e puermol gesot. Ech hunn dat nach eng Kéier widderholl, och deen Dag vun der Pressekonferenz. Mä, relativ schnell war et kloer, dass op der Areler Strooss, wéi d'Madame Brasseur dat och an der Press ausgedréckt huet, an absehbarer Zäit kee Futtball méi gespillt gëtt. D'Zirkulatiounsresponsabel vun der Stad Lëtzebuerg hu sech och gewiert dogéint an hu gesot, op der Areler Strooss ass näischt méi dran. Well am Ufank hunn ech geduecht, kéint een do nach eventuell eppes maachen, vläicht eppes aneschters, en anere Genre wéi dat, wat mer haut hunn. Mä, et war ganz kloer, dass d'Virstellung vun der Stad Lëtzebuerg iwwert deen Areal eng aner ass. Si wëllen deen anescht gebrauchen, zesumme mat de Pompjeeën an zesumme mat dem ganzen Deel, dee sech ëm den Offall bekëmmert. Sou dass mer eis relativ schnell eens waren, dass d'Areler Strooss net dee richtege Site méi war. D'Ubannung verkéiersméisseg, hunn ech verstanen, war vun der Stad Lëtzebuerg net méi gewollt.

Et sinn du Spekulatiounen opkomm - ech mengen, well ech och eng Kéier ugedeit hat, dass een e neie Stadion soll bauen op dem Kongress vun der Federatioun. An du koume Rumeuren op. Ech hunn ëmmer gesot, fir de Rumeuren aus dem Wee ze goen an net brauchen ze beäntweren „ et gëtt südlech vu Beggen“ e bësse pauschal gesot. Mä, ech erklären awer, wat dat heescht.

Parallel zu deem Moment krut ech de Virschlag gemaach vun engem Här Lahrhofen, Responsable vu Multiplan Esch/Belval, dee gesot huet: Ech hunn héieren, vu dass dat an der Press och stoung, dass Dir gegebenenfalls wëllt e Stadion bauen, mä wësst Dir, haut ginn d'Stadionen alleguerten esou gebaut: Privat a mat Geschäfter. An déi gi finanzéiert iwwert d'Geschäfter. Sou ginn haut d'Stadionen am Prinzip gebaut. Entweder ass de Stadion eleng, esou wéi d'Allianz Arena oder Gott weess wat, da gëtt e vun engem gebaut, oder wéi beim Emirates Stadium vum Arsenal, oder et ass da fir déi, déi alt emol an de Wantersport fueren, fuert Der zu Sankt Gallen laanscht, do si Geschäfter, an do sot hien : mir Multiplan, mir si spezialiséiert dorobber. An du sinn ech eng Kéier dorobber gefuer kucken, op Roda Kerkrade. Do fonctionnéiert esou eppes. Do ass e ganz grousse Centre commercial direkt doniewent. Do sinn Hotelen, Restauranten, kleng Geschäfter, grouss Geschäfter, Fitnesszenter, alles. An hie sot mir datselwecht zu Zwolle. Et huet mir gutt gefall. Ech hu fonnt, dass et eng Léisung wier, well ech wosst zu deem Zäitpunkt, bei nationalen Sportsinfrastrukture gëtt d'Regierung jo am Prinzip 70%. An de Stadion kascht tëschent 25 an 30 Milliounen. Et muss een oppassen, do ass den Terrain nach net dobäi, nach keng Parkplaz an näischt. Ech mengen, et muss een och dat ronderëm gesinn. Dofir, hu si direkt gesot, wann Der esou eppes baut, musst Dir jo Parkingen dobäi maachen, da musst Der eppes maachen, dass déi Parkingen och gebraucht ginn. Da musst Der eppes maachen, dass déi Terrainen och anescht kënne gebraucht ginn. An esou, dat ass déi Iddi, déi also vun deem Här Lahrhofen komm ass, déi mir gefall huet.

A mir hunn déi Diskussiounen do weidergefouert, an notamment hunn ech dat och mam Här Helminger weidergefouert, dass mer geschwat hunn iwwer méiglech Siten op der Stad Lëtzebuerg, well als Sportsminister war ech der Meenung, datt dat an d'Stad Lëtzebuerg gehéiert. Relativ schnell, hat ech gesot, hu mer d'Areler Strooss sigelooss. De Kierchbierg koum och eng Kéier op, vu dass mer déi Diskussioun zu deem Zäitpunkt och iwwer Luxexpo gefouert hunn. Mä, mir hunn de Kierchbierg och schnell fale gelooss. Ech hat d'Gespréicher souguer mam Stater Geschäftsverband, dee seng Ideeën ausgedréckt huet, an ech hunn ëmmer gesot: Majo, et ass evident, wann Dir de Buergermeeschter souwäit kritt, dass hie mer en Terrain zur Verfügung stellt, da kënne mer och doriwwer schwätzen, iwwert d'Complémentaritéit. Wann ech awer zu Ëlwen de Stadion muss bauen, sot ech, dann ass et awer wahrscheinlech esou, dass ech mam Stater Geschäftsverband net als alleréischt schwätzen, fir ze kucken, wat fir eng Geschäfter dann do dra kommen.

An den Här Lahrhofen koum och mat engem Projet, an zwar bei Roodt/Syr. Komescherweis gëtt vun deem ni geschwat. Mä, dat ass deen eenzegen, wou eng Kéier wierklech e Projet dohinner geluecht ginn ass, quitte dass e ganz sommaire war, mä et ass deen eenzegen, dee mat Fotoen a mat Pläng beluecht war zu deem Zäitpunkt. Roodt/Syr, wann een dohinner fiert, op der rietser Säit. Mir sinn awer och do relativ schnell zur Konklusioun komm, dass dat e ganz schlechte Site wier. Och landesplaneresch war en net akzeptabel. A mir koumen zur Konklusioun, well ech deem Här Lahrhofen gesot hunn: Lauschter, ech sinn elo an der Situatioun, du muss mat engem Terrain kommen. Ech weess net, dee Projet ass gutt, mä mir brauchen een Terrain. En huet awer kee fonnt. Do hu mer mat de Beamten och gekuckt, wéi mer dann elo solle virgoen. Do si mer deen ëmgedréintene Wee gefuer. Do hu mer gesot, et wier vläicht besser, mir géife kucke, wou ass et iwwerhaapt méiglech, esou eppes ze maachen. An da siche mer eis e Promoteur, fir et drop ze maachen. Dat war also ongeféier sou am Laf vum Joer 2008.

An da soen ech Iech, wat déi Kritäre sinn, déi ech du gesot hunn, no deene misst gekuckt ginn. D'Prioritéit: D'Stad Lëtzebuerg. Zweet Prioritéit: Do wou d'Majoritéit vun de Leit wunnt. Als Beispill wier net Réiden usus, an et wier net gutt, fir dann eng ganz Pilgerfahrt op esou een Terrain ze maachen. Ech hu gesot, e misst an der Stad, oder wann en dann net an der Stad ass, misst e südlech vun der Stad sinn, do wou déi meeschte Leit och wunnen. Ubannung un d'Autobunn, Ubannung un d'Eisebunn, Unicitéit vum Terrain. Dat heescht, dass en entweder der Gemeng gehéiert, dem Stat, oder dann e puer Propriétairen. Well mir wousste jo, fir esou ee Projet kann een net expropriéieren. Et geet jo duer, dass een net matmécht, da kann een näischt méi maachen. Dofir hunn ech gesot, da muss et esou sinn, dass et engem gehéiert oder dann zumindest, dass et kloer ass, dass d'Leit matmaachen. An dat kann een net bei 20 Stéck. Dat hu mer festgestallt. D'Méiglechkeet fir Commercen drun ze maachen, war eng Virbedingung. Well soss geet et jo net mat engem Privatpromoteur. Et muss een dat akzeptéieren. An dann d'Nuisancë bei der Bevëlkerung mussen esou sinn, dass net d'Zirkulatioun duerch d'Agglomeratioun geet, an datt de Stadion net direkt matten an enger Agglomératioun ass. Et ginn där. Mä, hautdësdaags gi se meeschtendeels ausserhalb gebaut.

Déi Kritäre ware vun 2008 u bewosst, déi hunn ech haart dobausse gesot. Et huet och kee Mënsch sech doriwwer opgereegt. A mir hunn do Konsultatioune mat den eenzelne Ministère gefouert, a mir hunn der Landesplanung gesot - dem zoustännege Minister deemools, dem Här Halsdorf senger Administratioun - si soll eis soen, wou mir iwwerhaapt sou eng Méiglechkeet hätten. An den Ënnerscheed, Här Meisch, zu deem wat Dir gesot hutt, wat

vläicht richteg ass, wat den Här Spautz ubelaangt - oder war et den Här Gira -, ass, dass mir jo haut véier Projete vu Plans sectoriels hunn.

Deen éischten ass iwwer Logement, deen zweeten ass iwwer Transport, deen drëtten ass iwwer Zones d'activités an dee véierten ass iwwer schützenswäert Zonen. Déi sinn nach net applicabel als Règlement grand-ducal, well mer op dat Gesetz waarden - dat wësst Der, dat hunn ech zéngmol, zwanzegmol scho gesot -, wou dra steet, dass mer keng Spekulatioun kréien. Wa mer elo op eemol d'Plans sectoriels opleeën, da kënnt jo direkt d'Spekulatioun, da sinn déi Terrainen direkt méi wäert.
Dofir ass dee Passus agebaut, datt déi Terrainen net méi kënne wäert sinn, wéi dat wat se waren zu deem Zäitpunkt wéi e Plang öffentlech ginn ass. E läit an der Chamber, elo viru kuerzem ass den Avis vum Conseil d'Etat komm, nodeems mer en 2007 deponéiert haten. Mir hunn also dorop gewaart.

Mä, déi Plans sectoriels bestinn a mir sinn an der Regierung eis eens gewiescht, mir maachen och näischt wat deene Plans sectoriels elo net entsprécht. Dat heescht, och wa se net d'application sinn, kucke mer duerno. Dofir ass och duerno gekuckt ginn an et koumen eng Rei Iddien eraus. Ech soen Iech mol einfach déi Siten, déi ech gekuckt hunn. Ech hunn eenzelner virdru genannt. Fir dass Der einfach wësst wat mer gesicht hunn. Do wäert Iech dat eent oder anert wonneren. Mir haten ugefaange mam aktuelle Stadion, d'Kockelscheier hat ech gesot, zu Dummeldéng den Areal vun der fréierer Arbed, zu Mäerel bei dem alen Terrain oder souguer bei deem aktuellen Terrain war gekuckt ginn an en ass ze kleng, um Kierchbierg hat ech gesot, um Airport hate mer probéiert, ob do keen Terrain wär, zu Holleresch, an der Porte de Hollerich wollte mer et maachen.

A just fir Iech ze weisen, dass et deemools eng oppen Diskussioun war, wat mer géife maachen. Op der Porte de Hollerich huet et mir virgeschwieft, d'Luxexpo ze maachen. An anstatt do e Centre de conférences ze maachen, dee mer och um Kierchbierg hunn, hunn ech geduecht, mir maachen de Stadion dowidder. Do kann een dann d'Parkingen anescht rationaliséieren, d'Aktivitéite kann een anescht maachen, dat kann een zesumme gesinn. Ech hunn och mam Här Helminger doriwwer geschwat. Hien huet och ee beoptragt, ze kucken, fir Terrainen ze kréien. An en huet mer ee Moment gesot: Mäi léiwe Jong, dat do gëtt eng laang Saach. A mir kréien am Moment déi Terrainen net sou, wéi mer eis dat virstellen. An doropshin hunn ech d'Porte de Hollerich fale gelooss, mä do war d'Iddi, fir dat zesummen ze maache mat der Luxexpo.

Mäi Favorit, kann ech Iech soen, dat ass de Midfield. Dat seet elo vläicht deene meeschte Leit net vill. Dat ass den Areal vum Centre douanier, a wou haut och déi Autoen ofgestallt ginn. Dat sinn ongeféier 7 Hektar. Si entspriechen absolut deene meeschte Kritären, Eisebunnubannung an esou weider. Dat war mäi Favorit, an do muss ech Iech och soen, dass ech dunn drop verzicht hunn, well do ass jo déi Stroosseféierung, déi der kennt, déi relativ komplizéiert ass, déi muss total geännert ginn. Elo wann de Ban de Gasperich développéiert gëtt muss dat total geännert ginn. An och dat huet mir villzevill laang gedauert op deem Areal. Mä, dat war u sech deen, dee mir am beschten gefall huet. An e wier an der Stad Lëtzebuerg gewiescht, e wier op der Limit zwëschen der Stad Lëtzebuerg an Hesper gewiescht.

Véier Gemengen hu sech gemellt gehat. Dat war Betebuerg, dat ass net a Fro komm, well mer keen Terrain fonnt hunn. Monnerech läit e bëssen op der Hand, well déi jo den aktuelle Centre de Football hunn. Do ass awer d'Verkéierssituatioun net akzeptabel. Déifferdeng ware

mer kucken. Dee war ze kleng, deen Areal hannen. Dat weess de Buergermeeschter och. Leideleng krute mer proposéiert. Do hunn ech gesot: Wou ass dann d'Ubannung un d'Eisebunn? Du sot deen : Jo, déi kënnt jo iergendwann. Ech sot : Jo, mä dat geet net duer, wann ech dat do muss verteidegen, da muss déi Ubannung do sinn. An du sot ech: Weis mer Deng Propriétéitsverhältnisser! Déi ware sou morcelléiert, dass ee mat Sécherheet dat net hätt kënne maachen. An dann hu mir nach e puer Site gekuckt. Ech hunn dee genannt vu Richtung Roodt/Syr, Nidderaanwen, déi zwou Zonen. De Buergermeeschter wénkt och mam Kapp, well e weess et wahrscheinlech. Haebicht, hu mer gesot, do hu mer nach en Areal.

**Une Voix.-** Geet et dann?

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur*.- Majo, e Futtballsterrain ass jo vläicht do gewollt. D'Lentille Terre Rouge zu Esch, just fir Iech d'Panoplie vu Saachen ze weisen, déi mer alleguerte gekuckt, alleguerte studéiert hunn, iwwert déi eraus also, déi vun der Landesplanung gesot ginn. An ech muss Iech soen, dat lescht, wat mer gekuckt hunn, war Leideleng an Hamm. An de staadter Buergermeeschter weess dat ganz genau, well do gëtt et en Terrain, deen an der Flugschneis läit. Ee Moment hu mer gesot: Ma dat wär jo vläicht d'Méiglechkeet, well do kanns de näischt anescht maache wéi esou eppes wéi dat do. Mir sinn awer och allen zwee zu der Konklusioun komm, dass et vläicht ze no bei den Haiser war, datt et direkt un den Haiser houng. Mä stroosseméisseg, verkéiersméisseg hätt een do nach kënnen eppes maachen. Mir sinn allen zwee zu der Léisung komm: Dat geet schwéier. An hie war och deemools d'accord fir ze soen: Bon, mir hunn ebe keen Terrain, an ech kann der et net verdäiwelen - weess de, kanns de dech nach erënneren, dass de gesot hues -, da sinn ech mat d'accord, dass de entzwousch anescht och sichs. An d'Madame Brasseur, zoustännege Schäffen, huet xmol an Zeitungen - ech hunn déi och hei -, gesot: Et kënnt guer net a Fro, dass de Stadion an d'Stad Lëtzebuerg kënnt. Dat ass alles liicht nozevollzéien. Mir sinn och guer net béis doriwwer, ech mengen, weder den Här Helminger nach ech. Mir hu laang gesicht.

Ech hunn d'Siten opgezielt. Mir hu wierklech probéiert, mä mir hunn näischt Richteges fonnt. An dunn hu mer gekuckt, vu landesplanerescher Siicht - ech soen dat nach eng Kéier -, opgrond vun deene Virgaben, déi mer eis ginn haten, an zwar war dat „grand ensemble paysager". En dierft net dogéint verstoussen. En dierf net géint de Biodiversitéitsplang verstoussen. En dierf net verstousse géint d'Zone interurbaine zwëschen dem Zentrum, also der Stad Lëtzebuerg quasi, an dem Süden. En dierf net verstoussen géint oder e muss e Bestanddeel si vum „Espace d'action paysage urbain". Dat war dat, wat mer gesicht hunn. An déi Pläng ginn et. Déi hunn ech gewisen op der Pressekonferenz. An dat entsprécht deem absolut.

Wa mir eis also eens sinn, dass mer amgaange sinn, Zones protégées a Plans sectoriels ze definéieren, da kann et jo net sinn, dass aner Leit kommen a soen: Ah neen, och wann déi elo net dra sinn, da si se also laut dem Plan sectoriel net ze protegéieren, - elo hätte mer awer gären, dass déi protegéiert ginn. A wat richteg war vläicht 1990, wou et keng Ebauche vu Plans sectoriels mol zumindest ginn ass, ass haut awer net méi richteg, wann ee weess, dass déi do fäerdeg um Dësch leien a just drop waarden, appliziéiert ze ginn. Mir hunn eis also un déi do Kritäre gehalen, an do koum dann no Ofschätzung vun all deene Siten, déi ech elo genannt hunn, koum Léiweng eraus.

Do hu mer d'Propriétéitsverhältnisser zu Léiweng gekuckt, déi ech net kannt hunn. Ech sinn net aus där Géigend. Ech hunn iwwregens a kengem vun deene Siten

d'Proprietéitsverhältnisser kannt. Mä, mir si all Kéiers kucke gaangen: Wéi sinn d'Proprietéitsverhältnisser, dat heescht, wéi morcelléiert ass et? An do huet een op eemol gesinn, dass et nëmmen e klenge Krees vu Leit wier, an do hu mer gesot, deen, deen elo dee meeschten Terraine huet, a wou och den zentralen Deel vun den Terrainen ass, deen hunn ech ugeruff an ech hu gesot: Léiweng ass erausgesicht gi vun der Regierung fir dee Stadion ze kréie mat Geschäfter. Ass et méiglech vun Iech déi Terrainen ze kréien, Här Becca? Mir géife gären dorop dee Projet maachen. Du sot hien : Neen. Wann Der esou eppes maacht, da maachen ech et gär selwer op deenen Terrainen. Sou ass de Werdegang gewiescht. Hien huet du gesot : Jo, mä da maachen ech e gär selwer.

Jo! Lauschter, hätt ech eng aner Méiglechkeet gehat? Hätt Dir mer eng Méiglechkeet ginn, Här Bettel?

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- De Midfield wär net schlecht gewiescht.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Also! De Midfield, hunn ech gesot, huet de Problem, dass e jo elomol nach net entaméiert ass.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- U weem hänkt et dann?

**Une Voix.-** Léiweng och net.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Jo, et ass jo elo egal u wiem et hänkt, Madame Polfer. Ech weess net, mir si bis elo roueg bliwwen. Da mengen ech, solle mer och esou weiderfueren.

Op alle Fall si mir weidergefuer, trotz där Fro vu Léiweng, wou ech gesot hunn: Majo da maacht mer mol e Projet, wat Dir da géift dohinner maachen. Du si mer weidergefuer mat anere Promoteuren. Awer mir koumen zu kenger besserer Léisung. Do ass och scho vum sportlechen a geschäftlechen Deel selbstverständlech geschwat ginn. Ech hunn Ufank 2009 e Gespréich mam Buergermeeschter och gemaach, deen a priori sech net dogéint ausgeschwat huet, deen de Projet net am Detail kannt huet. E sot: Bon, ech kéint awer mat esou enger Saach liewen, dat interesséiert mech. A mir hunn en dunn de 26. Februar 2009 an enger Pressekonferenz virgeschloen.

Et kann een net ofstreiden, dass Léiweng direkt un enger Autobunn läit, dass Léiweng do läit, wou déi meeschte Leit wunnen, nämlech zwëschen dem Zentrum an dem Süden, dass Léiweng d'Méiglechkeet huet, fir Commercen ze kréien, dass do e Passage journalier ass - dee jo wichteg ass fir Geschäfter, déi Leit wëllen unzéien -, vun 110.000 Leit. Dass do en Terrain ass, dee grouss genuch ass fir Geschäfter matzemaachen, dass d'Infrastruktur sech esou kann agencéieren, dass de Rugby, dat war dat eenzegt, wat mer mam Futtballsstadion mat era wollten huelen. Dat weess de fréiere President vum Rugby - oder ass et haut nach -, dee weess dat, dass mer de Rugby wollte mat eran huelen. An dass déi spezial Nuisancen, déi un esou engem Stadion hänken, net zevill op d'Bevëlkerung géifen iwwergoen. Dat huet deem alles entsprach, plus deem wat ech Iech virdru gesot hunn.

Ech hu keng Kenntnis gehat vun engem Avis vun iergendenger Commission d'aménagement. Souwisou, de Wirtschaftsminister gëtt dat net gewuer. A souwäit ech haut de Moien, ... ech hunn en ..., ech weess elo haut nach net, wat et ass. An de Minister, deen zoustänneg ass, kann dorop äntwerten. Wou soll ech wëssen, dass et en Avis gëtt, deen net emol officialiséiert

ginn ass? Also zu deem Zäitpunkt hat ech keen. Dann huet een d'Fro gestallt, wéisou den Intérêt national? Eh bien, an de Plans sectoriels iwwert d'Zones d'activités ass ee Passus dran. Do geet rieds iwwer Commerce de détail d'importance nationale. An dat hu mer als Outletzenter. Mir hu jo definéiert: Et gëtt nëmmen een Outletzenter zu Lëtzebuerg. Mir wëllen awer esou een.

Vu dass mer jo wëllen hei zu Lëtzebuerg e Centre d'attraction fir Commercë ginn an dofir gëtt et de Commerce de détail d'importance nationale et à caractère unique. Esou steet en am Projet de règlement grand-ducal, deen, wéi gesot, fäerdeg ass fir ze kommen. Do kënnt Der dann och préiwe wann en um Dësch läit, datt dat esou ass. Mir hunn eis deementspriechend och beholl. Esou datt mer, mengen ech, hei probéiert hunn e Projet op d'Been ze setzen deen ongeféier zwësche 25 an 30 Milliounen - ouni Terrain - Valeur huet. De ganze Projet rechnen ech bei 200 Milliounen.

Als Wirtschaftsminister, muss ech Iech soen, hunn ech domat jo och kee Problem. Eng Création d'emploi vun ongeféier 1200 Leit, en Investissement - zu deem Zäitpunkt wou ech Iech och ka soen och haut nach - stinn d'Leit net Schlaang fir ze investéieren hei zu Lëtzebuerg. Et ass ganz einfach, si brauchen nëmmen d'Prozeduren ze kucken, wéi laang et dauert, an de Ban de Gasperich ass nëmmen ee Punkt. Also soen ech, wa Leit nach wëllen zu Lëtzebuerg investéieren, dann ass e Wirtschaftsminister och gäre bereet deene Leit och wiederzehëllefen an ze kucken, ob dat méiglech ass.

Ech ginn Iech just ee Beispill. Zwee vun deene Geschäfter, grousser, ongeféier fir 16.000 $m^2$, zwee vun deene Geschäfter hutt der säit zwee Deeg erëmfonnt am Projet Ikea, ronderëm. Zwee Geschäfter, déi hei heihinner sollte kommen, wou ech weess, dass se fest Zousoe gemaach hunn, fir op Léiweng ze kommen - ech kéint Iech d'Nimm souguer nennen, dovun ass ee Lëtzebuerger an een Auslänneschen. E ganz groussen Auslänneschen, deen och keng Konkurrenz ass zu Saachen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Deen een am Jardinage an deen aner am Sportsberäich. An déi sinn elo décidéiert, bei deen niewent den Ikea ze goen op déi belsch Säit. Also mir kënnen och esou weiderfueren.

Ech hu gemengt, als Sportsminister, dass wann een esou ee Centre ka kréien, wéi deen, deen do um Projet ass, a wou Der de Masterplang jo kennt, well en ass jo duerno ausgeschafft ginn, dass een als Sportsminister kënnt domat d'accord sinn.

Nach ee Wuert zu enger Fro, déi gestallt ginn ass, ob dat dann des öfteren esou geet, dass een eppes ofmécht mat enger Entreprise, mat engem Promoteur, dass een eppes ofmécht an dat net publik mécht? Hutt Dir schonn héieren, dass ech Pressekonferenze maachen iwwer MOUen, iwwer „Memorandum Of Understanding", déi ech mat Entreprise maachen, wann dee seet - dat kann ee sinn, dee vu bausse kënnt, et kann awer och ee sinn, deen hei ass - : Ech wëll ausbauen. Da schwätze mer: Wat wëlls de? Oder e wëll op eng aner Plaz. Ech hunn elo een, do soll elo den Tram duerch säi Site fueren. Do ass et evident, hie seet zu mir, so, mä kënne mir dann net entzwousch anescht goen? An da fänken ech u mat deem ze verhandelen, an da schreiwen ech MOUen oder ech schreiwen ëm e Bréif, oder engem Auslänner schreiwen ech e Bréif, an da soen ech: D'Regierung wier frou, wann Dir géift do investéieren. Hei hu mer en Emplacement fir Iech, an d'gesetzlech Bedingungen fir eng Hëllef ze kréie sinn déi do an déi do. Dat maachen ech courant. Iwwregens gëschter war nach esou ee Communiqué an der Press - dat ass mer haut de Moien eréischt opgefall -, wou steet, dass d'Regierung "accompagnera activement" dat do.

An ëmmer ass et kloer, an dofir steet dat jo och an deem Bréif - mä dovu schwätzen anerer -, ëmmer ass et kloer, dass wa mir soen, d'Regierung ënnerstëtzt dee Projet do, dass dann all Prozedure mussen agehale ginn. An dat wäert Der jo gesinn, dass dat de Fall ass. Dofir, et ass verréckt fir ze soen, hei wollte mir Prozeduren net anhalen. Et ass evident, an ech hu gesot: Travaux futurs, wat ass do ze maachen? „Préparer dossiers techniques complets de l'ensemble du projet à soumettre aux autorisations d'usage“. Also méi kann een awer net soen zu där doter Saach. Dofir, dat ass elo de Werdegang, wéi deemools de Sportsministère, deen ech niewent dem Wirtschaftsministère hat, wéi ech zu där Konklusioun komm si mat Léiweng. An ech mengen, an der Zwëschenzäit ass awer Wickreng dobäi komm. An dozou seet dann den zoustännege Minister eppes.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Sou, ech géif da mengen, de Minister fir Aménagement du territoire, den Innenminister, kritt d'Wuert.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Merci, Här President. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass ee muss den Historique vu Wickreng kennen, fir besser ze verstoen, wéi dee Bréif entstanen ass, firwat en entstanen ass. Fir och de Wäert vläicht dovun ze verstoen an ze gesinn, dass dee Bréif manifestement eng Emanatioun ass vu Wickreng oder vun deem, wat sech zu Wickreng gemaach huet. Dofir wollt ech Iech en Historique maachen, chronologesch, vun deem, vun där Démarche, déi mer do haten. Da versteet een nämlech och vill besser d'Démarche vun der Regierung an déi néideg Transparenz kritt een och.

An den Dossier Wickreng, deen huet schonn eng laang Nues. En ass den 13. November 1993 lass gaangen. Do ass nämlech am Kader vun der Revisioun vum PAG vun der Gemeng Reckeng een Deel vun deenen Terrainen op deem Site - an zwar 75 Meter déi eng Säit, a 75 Meter déi aner Säit vun der Nationale 13 -, als e Gewerbegebitt fir artisanal a kommerziell Zwecker oder Aktivitéiten ëmklasséiert ginn. An d'Approbatioun vum Minister ass komm den 13.11.1993, eng Zäit also, wou d'Landesplanung nach an de Kannerschong stoung. Eng éischt Extensioun vun der Zone Gewerbegebitt gouf den 18.10.1999, respektiv de 4. Februar 2000 vum Ëmweltminister, respektiv Innenminister approuvéiert.

Et ass nach eng zweet Extensioun gemaach ginn op deem Site vum Innenminister a vum Ëmweltminister. Dat war den 11., 12. Dezember 2001, respektiv den 29. Januar 2002. Dunn, am Joer 2007, de 27. Juli, huet de Mëttelstandsminister de Conseil informéiert, datt hien eng Demande d'autorisation vun der Wickreng Shoppingzenter S.A. virleien hätt an zwar iwwert e Centre commercial vun 31.000 $m^2$, an zwar zu Wickreng. An hie sot, hie wéilt därselwechter eng Suite favorable ginn. Ech hunn deemools gesot, datt dëse Projet net en ligne wär mat de Prinzipie vum IVL. An et waren och Diskussiounen am Conseil, ob de Projet net sollt op enger aner Plaz am Land realiséiert ginn.

Den 23. August, also e Mount méi spéit, 2007 huet dunn de Mëttelstandsminister de Centre commercial mat 22.971 $m^2$ zu Wickreng autoriséiert. Nes zwee Méint méi spéit, den 18. Oktober 2007, ware länger Diskussiounen iwwer Wickreng an dem Regierungsrot, wou d'Landesplanungsaspekter méi detailléiert ënnert d'Lupp geholl goufen. Iwwerleeungen, déi ech och dann nomëttes an enger Pressekonferenz, déi ech deemools als Landesplanungsminister ginn hunn, nach eng Kéier exposéiert hunn. Deemools gouf och festgestallt, an dat ass och wichteg ze wëssen, datt e formellen Avis vun der Commission d'aménagement ugefrot war, an deen och deemools der Gemeng zougestallt gouf, an datt deeselwechten Avis vum 13. Juni 2007 negativ war. Och do sinn Argumenter vun

Aménagement du territoire, Mobilitéit an och, dass de Site virgesi wär fir artisanal Aktivitéiten an net de Commerce, opgeworf ginn. De 26. Mee 2008 huet eben dunn op Basis vun där Décisioun vun 1993 fir eben do e Gewerbegebitt ze maachen, de Buergermeeschter vun der Gemeng Reckeng, den Här Sinnen, eng Autorisatioun ginn un d'Société Wickrange Shoppingzenter S.A. Dat ass e Fakt.

De 4. Juni hunn ech dunn den Distriktskommissär instruéiert, en Dossier mat de Pläng opzestellen, fir kënnen déi Décisioun iwwert d'Baugenehmegung am Detail ze kucken. An den 12. Juni hunn ech dem Buergermeeschter e Bréif geschriwwen, wou ech him matgedeelt hunn, seng Baugenehmegung wier illegal. Den 10. Juli 2008 huet de Buergermeeschter zréckgeschriwwen an all Accusatiounen zréckgewisen, an esou d'Bautegenehmegung net zréckgeholl. An de 24. Juli 2008 hunn ech eng Affekotenetude domat beoptragt, fir e Recours en annulation auszeschaffen. Den 8. August 2008 hunn ech e Recours en annulation virum Tribunal administratif eragereecht, well ech och als Landesplanungs- an Innenminister festgestallt hunn, datt dëse spezifesche Projet nieft Landesplanungsreserven och iwwert d'Preskriptioune vum PAG vun der Gemeng erausgeet, also dëse PAG net respektéiert. De 4. September 2008 gouf alt nes eng Kéier am Regierungsrot iwwer Wickreng geschwat.

An de 17. Dezember, datselwecht Joer, ass d'Uerteel vum Tribunal administratif komm. Dat huet festgehalen, dass de Recours irrecevabel wär, well mir hätte keen Intérêt, well den Antragsteller jo en hierarchesche Pouvoir hätt, respektiv eng spezifesch Tutelle. Dat ass jo esou, den Innenminister an d'Gemengen, an déi géifen him erlaben, dee litigiéisen Akt ze annuléieren. Dat wär dann den Artikel 103 vum Gemengegesetz, dee gëtt effektiv eenzeg dem Grand-Duc d'Recht, kollektiv an individuell Akte vun de Gemengenautoritéiten ze annuléieren, wann dës Akten entweder konträr zum Gesetz oder zum Intérêt général sinn. Den 19. Dezember 2008 hunn ech fir d'éischt dem Conseil matgedeelt, ech wéilt keen Appel maache géint d'Décisioun vum Tribunal administratif.

Mä, d'Regierung sollt sech Gedanke maachen, ob d'Bautegenehmegung sollt iwwert den Artikel 103 vum Gemengegesetz annuléiert ginn. An der Diskussioun huet sech d'Meenung erausgeschielt, et sollt ee virsiichteg sinn, wat den Asaz vum Artikel 103 betrëfft. De Conseil huet mech du beoptragt d'Démarche "Artikel 103" am Détail ze analyséieren. De 6. Februar 2009, also 6 Woche méi spéit, hunn ech mech am Conseil de Gouvernement dofir ausgeschwat, op den Artikel 103 vum Gemengegesetz zréck ze gräifen.

De 6. Februar 2009, also 6 Woche méi spéit, hunn ech mech am Conseil de Gouvernement dofir ausgeschwat, op den Artikel 103 vum Gemengegesetz zréckzegräifen.

Dësen Artikel, dee seet: "Le Grand-Duc peut annuler les actes collectifs et individuels des autorités communales qui sont contraires à la loi ou à l'intérêt général." Sou hätt ech dann d'Baugenemegung vum Buergermeeschter vu Wickreng Shopping Center S.A. annuléiere kënnen, well mer hu festgestallt, et waren zevill Niveauen do, d'Héicht vun de Gebaier war net an der Rei, de Recul war net respektéiert, an och de CMU, de Coefficient maximal d'utilisation - dat ass wéivill däerf een do bauen -, do ware mer der Meenung, dass deen och net an der Rei wär. Et goufen allerdéngs Zweifel iwwert déi exakt Tragweit vum Artikel 103, an doduerch natierlech och iwwert den Ausgang vun enger dorop baséiernder Prozedur, well mer kee Précédent an dësem Beräich haten, well deen Artikel 103 war nach ni benotzt ginn, fir esou eppes ze maachen. Dementspriechend bestong also de Risiko, datt wann dës Démarche duerch en Urteel invalidéiert géing, datt mir kéinten op dommages et intérêts vun de Promoteure verklot ginn.

Du gouf no enger anerer Léisung gesicht. Et ass dunn décidéiert ginn, datt ier mer eng eventuell Prozedur op Basis vum Artikel 103 géife lancéieren, fir d'éischt géif mat de Promoteure geschwat ginn, fir hinnen d'Vuë vun der Regierung ze exposéieren. Wat ech normal fannen! Den 13. Februar 2009 huet de Wirtschafts- a Sportsminister der Regierung matgedeelt, datt hie Gespréicher mat de Promoteuren hat, dass dës e Préjugé favorabel hätten fir eng Alternative, an datt een neie Konzept dem Mëttelstandsministère géif virgestallt ginn. Hei war also ganz kloer Transparenz.

Den 20. Februar 2009 huet nees eng Kéier de Wirtschafts- a Sportsminister e Rapport gemaach iwwer d'Negociatioune betreffend eng Alternativléisung am Dossier Wickreng. Den 20. Februar, deeselwechten Dag, huet eise Premier, eise Statsminister, a senger Pressekonferenz gesot, dass den Emplacement Wickreng net IVL-konform wier, eist Land weider kommerziell Strukture vun dësem Typ bräicht, mir géifen also eng Léisung siche, fir Wickreng mat Léiweng ze verknäppen. De Wirtschaftsminister hätt tugendhaft Gespréicher geféiert, an e géing dovunner ausgoen, datt an e puer Wochen eng Léisung kéint fonnt ginn - kloer gesot, wat mer gemaach hunn.

De 26. Februar 2009 huet de Sportsminister, wéi en iwwer deen neie Football-Stadion zu Léiweng geschwat huet, nach eng Kéier de Wonsch ausgedréckt, oder de Wonsch vun der Regierung rappeléiert, datt de Projet Wickreng op d'mannst deelweis misst an de Projet Léiweng afléissen. An den 22. Mai 2009 hunn ech de Conseil informéiert, datt en Accord, eng Gesamtléisung fonnt gi wier, sou datt dee geplangte Projet Wickreng géif fale gelooss ginn, an datt e Gesamt-Projet zu Léiweng géif entstoen.

Schliisslech, de 27. Mai 2009, ass d'Bautegenehmegung vum Buergermeeschter vu Reckeng de plein droit periméiert, well d'Aarbechten um Site net signifikativ ugefaang haten. Also Dir gesitt, déi ganz Démarche. Et ass kloer, jiddereen ass hei am Bild gewiescht, an hei ass näischt hanner dem Réck oder iergendwéi an engem däischteren Eck geschitt.

Dofir ass, wann hei Problemer opgeworf ginn, wéi zum Beispill, et wier een aneren Avis do, elo net méi iwwer Wickreng, mä iwwer Léiweng, vun 2008, an dee wier negativ - dat ass wat den Här Meisch gesot huet -, da muss ech zum Här Meisch soen, dass effektiv en Avis do ass vun 2008 iwwer d'Gemeng Réiser, an zwar iwwer dee ganze PAG vun der Gemeng Réiser, a wou dann e Kommentar ass iwwer deen Areal, wou eng Zone d'activités geplangt war, wéi se dee Moment geplangt war. Dat heescht, net dee Projet, deen eng national Importance huet, deen elo um Dësch läit. Dat heescht also, dass deen Avis...

***(Interruption)***

**M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.-* dat heescht also, dass deen Avis vun der Kommissioun sécherlech deemools, wéi och déi Kéiere virdrun, wou probéiert ginn ass, dee Site ze reklasséieren, ëmmer ofgewise ginn ass, well gesot ginn ass, dass et ganz vill Plazen am Land gëtt, wou ee kann Zones d'activités économiques maachen. Dee Stadion awer hei, oder déi Infrastrukturen, déi mer hei plangen, als national Infrastrukturen - ech mengen, de Jeannot Krecké huet dat am Detail gesot -, fir dee gëtt et keng honnert Plazen, wou een esou een Areal fënnt, wou een all déi Conditions cadre kritt, déi ee brauch, fir dass esou ee Projet ka realiséiert ginn, an och dee néidege Success kritt.

Doriwwer eraus ass vum Camille Gira invoquéiert ginn, dass Héichwaasser op deem Site wier, an en huet eis och eng Kaart gewise vum Kadaster. Do kann ech him soen, dass déi Problematik vum Waasser, dass do eng ganz kloer Linn ass, wat dee Site ugeet, an iwwerhaapt wat d'Politik hei am Land ugeet. Hei am Land si bis 2008, wou dat neit Gemengegesetz komm ass, d'Héichwaasser-Zonen respektiv d'Iwwerschwemmungs-Zonen zu Lëtzebuerg geregelt ginn, entweder iwwer d'PAGe vun deene concernéierte Gemengen, oder awer iwwer Règlements grand-ducaux'en, déi ganz oft an der Urgence geholl goufen an de Joeren 1999- 2000. An déi, déi doduerch dann natierlech, well d'Urgence invoquéiert ginn ass, heiansdo verworf gi si vum Statsrot, si wiere net rechtméisseg. Réiser huet weder an senge PAG Dispositiounen iwwer deen Areal, nach huet et esou e Règlement grand-ducal geholl, dat ass also Vergaangenheet. De Présent ass deen, de Présent ass deen......

***(Interruption)***

**M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.-* ….de Présent ass deen..... Ech loossen d'Leit normalerweis ausschwätzen, ier ech engem dra schwätzen. Also....

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.-* Kënne mer wann Iech gelift, kënne mer dem Minister nolauschteren? Ech mengen, jiddereen huet…bis elo, si si jo nach net fäerdeg! Si sinn nach net fäerdeg.

**M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.-* Mir sinn elo an enger Phase intermédiaire, dat heescht, wou déi al Dispositiounen nach deelweis spillen, an déi nei Dispositioune vum Gesetz vun 2008 iwwer d'Artikelen 38 an 39 eis erlaben, sougenannte Cartes zones d'inondation, oder zones inondables, a Cartes des risques d'inondation opzestellen. Déi Kaarte sinn opgestallt ginn, déi waren an der Prozedur bis den Abrëll dëst Joer, 2011, an d'Leit konnten och dorop Remarquë maachen, respektiv Kommentaren, déi Kaart kommentéieren.

Wéi sinn déi Kaarten opgestallt? Et ass wichteg, dat ze wëssen.

Déi Kaarten also, déi Cartes zones d'inondations oder Cartes des risques d'inondations, si just gemaach ginn op déi 15 Haaptwaasserleef vum Land, Uelzecht, Our, Atert an esou weider; an d'Bibbeschbaach, déi hei betraff ass, ass net consideréiert ginn, wéi all déi kleng Baachen net, well se net vill Volume hunn, an dofir fënnt een och net à titre général Dispositioune, wat deen Areal hei betrëfft, wat eng limitéiert Utilisatioun vun deem Terrain géif viraus setzen op Basis vu Waasser-Argumenter. Dat heescht, à titre général, gëtt et keng Dispositiounen ebe fir deen Areal hei. An iwwerhaapt, déi grouss Opreegung, déi et gëtt am Beräich vun Iwwerschwemmungen ass dorop zréckzeféieren, dass mat där aler Legislatioun, déi mer haten, et net méiglech war, an Zonen, déi inondabel waren, ze bauen.

Mat deem neie Gesetz, Artikelen 38 an 39 vum Waasser-Gesetz vun 2008 ass et méiglech, ënner verschiddene Conditiounen op Arealer ze bauen, déi och iwwerschwemmt ginn, no engem Schema vun enger honnertjähreger Iwwerschwemmung. Mir hunn 300-400 Observatioune kritt, nodréiglech, well d'Leit opgereegt sinn, well se op esou Kaarten drop sinn. Dat ass net dramatesch, et ass gutt, dass d'Leit dat wëssen, an dat soll dann och an déi Kaarten agedroe ginn, an dofir wäert et och nach bis 2012 daueren, bis déi Reglementer geholl wäerte ginn, also a Kraaft trieden betreffend d'Iwwerschwemmungen an deenen Zonen, déi ebe bei Flëss iwwerschwemmt ginn.

Dofir gëtt et, wat deen hei Site ugeet, well keng General-Dispositiounen do sinn, awer Rechtssécherheet, well da ginn am Fong geholl d'Iwwerschwemmungsgebitter en fonction vun deem Iwwerschwemmungspotential, wat se hunn, analyséiert. Dat nennen ech also eng Approche, déi net generell ass, mä particulière. An dat ass méiglech, haut mat deem neie Gesetz ze bauen, wann ee Kompensatioune mécht. Dat heescht, an deem hei Gebitt hu mer manifestement ....- et heescht jo "Im Weiher"-, déi fällt net ënner d'Dispositions générales, mä si fällt ënner déi Dispositions particulières, well mer hunn Iwwerschwemmungen, well d'Iwwerflächen-Waasser gëtt zeréckgehalen, notamment duerch baulech Moossnamen; duerch d'Autobunn kann et net esou offléissen.

An et ass kee Problem, wann de Projet do gemaach gëtt, op deem Areal, da brauch een natierlech, fir dat ze maachen, eng Waasser-Autorisatioun, an déi Waasser-Autorisatioun, déi gëtt ausgestallt, an déi setzt da viraus, dass een Dispositiounen hëlt, wat d'Rétentioun ugeet, e Rétentiouns-Becken, oder e Weiher, dass een d'Gestioun vum Iwwerflächen-Waasser muss domat regelen. An dat ass an deem heite Fall méiglech, mir sinn nach net do, mä dat ass méiglech. Wann ech de Masterplang kucken, deen nëmme schematesch ass, do sinn éischt Elementer, fir déi Kompensatiounen ze maachen drop, éischtens ass e Weiher drop, wou kann, am Fong geholl, d'Waasser opgefaange ginn, an zweetens ass eng Renaturéierung vun der Bibbeschbaach virgesinn, sou dass ee souguer ka soen, wann ech dat mam Brëll kucke vum Waasser-Minister, géif d'Situatioun op där Plaz mat deem Projet besser ginn, wat d'Waasser ugeet, wéi virdrun.

Et ass nun emol esou, an dofir mengen ech, muss ee verstoen, dass, wa virdrun Argumenter an de Raum gesat gi sinn, dass een net kéint do bauen, well Waasser do war, dass déi no dem Gesetz vun 2008 net méi relativéiert musse ginn, well et méiglech ass, ënner verschiddene Konditiounen duerch Kompensatioune baulech eppes ze maachen. Dat war virdrun net méiglech, dat ass elo méiglech. Et ass en neie Moment, dat muss ee wëssen, an dofir ass dat ganz kloer, dass, wat deen Aspekt ugeet, dass do sécherlech e Kader ass, deen enk ass, mä et ass eppes méiglech. Voilà, dat waren déi Aspekter, déi ech wollt uschwätzen, an déi mech eppes uginn.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci dem Minister. Dann de Statsminister.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, léif Kolleegen, fir an deem historesche Récit do virun ze fueren, deen d'Préhistoire vun deem Bréif ass, deen ech als Statsminister ënnerschriwwen hunn, mä wou ech keen zoustännege Minister an deem ganze Rayon do sinn, an deen hei hannerfrot gëtt, wëll ech, wat meng Persoun ubelaangt, soen, dass ech déi éischte Kéier mat där Problematik Wickreng konfrontéiert gi sinn, wéi den deemolege Mëttelstandsminister eng Autorisation de commerce ausgestallt huet fir dee Projet, an dee Minister, de Fernand Boden, hat och keen anere Choix, well en huet sech exakt missten un d'Critèrë vun der Loi d'Etablissement vun 1998 halen. Hätt en déi Autorisatioun refuséiert, hätte mer direkt eng Geriichtsprozedur kritt, déi mer net hätte kënnen am Interêt vum Stat positiv ofschléissen.

Ech hunn dunn, an der zweeter Halschent 2008 an deene verschiddene Regierungsréit, wou iwwert d'Problematik Wickreng geschwat ginn ass, nogelauschtert an hunn zur Kenntnis geholl, dass den Innenminister an deemolege Landesplanungsminister an elo nach just Innenminister Jean-Marie Halsdorf gesot huet, e wier aus landesplananeresche Grënn op kee Fall d'accord mat der Implantatioun vun deem Projet zu Wickreng, well dat géif géint déi diesbezüglech Regelunge verstoussen, an e wier d'ailleurs och der Meenung, dass déi

Baugenehmegung, déi vum Buergermeeschter ausgestallt gi wier, net en Conformitéit wier mat de geltenden, och kommunalen Texter, an dofir huet d'Regierung decidéiert, d'Verwaltungsgeriicht ze saiséieren, an ech hu mer am Dezember beriichte gelooss, dass mer dee Prozess verluer hätten, well de Verwaltungsriichter fonnt huet, d'Regierung hätt keen Interessi fir ze agéieren. Ech kritiséieren d'Geriichtsdecisiounen ni, mä ech fannen dat och scho bemierkenswert, dass d'Regierung gesot kritt, si hätt keen Interessi fir ze agéieren, wann se fënnt et géif sech net u Regele gehal ginn. Mä, ech loossen dat emol als eng Observatioun um Rand vum Wee stoen.

Dunn ass den Inneminister mat der Propositioun komm - dat huet en elo grad duergestallt -, den Artikel 103 vum Gemengegesetz ze aktionnéieren, deen der Regierung et erlaabt - et ass jo nach ni gemaach ginn -, e Kommunalakt ze annuléieren, wann dee Kommunalakt géint d'Gesetz oder géint den Interêt général géif verstoussen. An et ware Kolleegen an der Regierung der Meenung, et géif jo géint den Interêt général verstoussen, wann d'Prinzipie vun der Landesplanung net géifen observéiert ginn. Mir hunn eng juristesch Etude gefrot - wa meng Erënnerung richteg ass -, vum Här Guy Schleder aus dem Justiz-Ministère, deen d'Fro sollt analyséieren, ob dann de Verstouss duerch eng Gemeng géint eng Kommunal-Veruerdnung oder Kommunal-Decisioun virläit, ob dat och kéint gewäert ginn als ee Verstouss géint d'Gesetz a géint den Interêt général, an dat huet eis juristesch dunn extrem kompliziéiert geschéngt, fir et dorop ukommen ze loossen, wann esou eng Prozedur, déi nach ni, zënter dass d'Gemenge-Gesetz besteet, appliziéiert ginn ass, ze tentéieren, well et jo ganz kloer war, dass mer dann ee Recours vun deem Promoteur vun deem Projet zu Wickreng géife kréien. An do war de Risiko grouss, dass mer do och géifen ofgewise ginn, an de Risiko war och grouss, dass mer do mat bestëmmte Fuerderungen da vun dem Promoteur kéinte konfrontéiert ginn.

Nu kënnt et an der Regierung dacks vir - dat wëssen och déi Kolleegen a Frënn, déi schon dra waren, heibannen, an nach dra sinn -, déi wësse ganz gutt, dass d'Ministeren net ëmmer enger Meenung sinn. An dat huet guer näischt mat hirer respektiver Partei-Zougehéieregkeet ze dinn, well, wann ee Minister ass, da vergësst een - et soll ee jiddefalls vergiessen -, a wat fir enger Partei dass een ass. Mä dat ass mer, vun un dass ech an der Regierung sinn - an dat gëtt elo d'nächst Joer 30 Joer, ech däerf dat net ze haart soen -, an alle Regierungen opgefall, dass Ëmweltminister, Transportminister, Mëttelstandsminister, Bauteminister, Wirtschaftsminister, ganz dacks net enger Meenung waren. A wat se méi an enger Partei waren, wat se méi ënnerschiddlecher Meenung waren. Wat ech och normal fannen, well e Minister ass Minister a sengem Ressort an huet dat ze maachen, wat senges Amtes ass.

Ech hunn dat observéiert a mech dunn drun erënnert, dass et och an den Attributioune vum Statsminister steet - doriwwer gëtt et jo och doktrinär Bäiträg, déi ech an hirer Konsequenz net ëmmer deelen -, dass de Statsminister zoustänneg ass fir d'Koordinéierung vun der Regierungsaarbecht an „pour la bonne marche de l'administration". Lo gëtt de Statsminister meeschtens net gewuer, wann d'"bonne marche de l'administration" net garantéiert ass. Dat liest e meeschtens, wann et ze spéit ass, an der Zeitung. Mä, wann een awer selwer dobäi ass a gesäit, dass d'Leit sech do net richteg eens ginn, da muss en handelen.

Entretemps sinn ech ugeschriwwe ginn, mat Datum vum 4. Februar 2009, vun der Entreprise Rollinger zesumme mat ING Real Estate, déi mer erklärt hunn, si hätten dee Projet Wickreng Shopping-Center, mengen ech, gemeinsam geplangt a si géifen en och gär gemeinsam duerchféieren, a mir hätte jo elo dee Prozess do verluer virum Verwaltungsgeriicht, a si géifen elo gäre bei mech kommen, fir mer aus hirer Siicht emol hir Interesselag duerzestellen. An

doriwwer hunn ech de 6. Februar 2009 de Conseil de Gouvernement informéiert a gefrot: „Mengt Dir, et wier gutt, wann ech dee Promoteur géif gesinn?“- well mir hu jo hei e Konflikt tëschent enger Entreprise, déi eng kommerziell Aktivitéit wëllt developpéieren, déi eis och aliicht, mä net op där Plaz, wou se geplangt ass aliicht, an dem Stat -, „soll ech déi Leit empfänken?“ An do hunn ech mer selwer proposéiert, ech géif dat maachen.

Den 20. Februar 2009, - den Här Halsdorf huet dat duergestallt -, hunn ech op enger Pressekonferenz - ech hunn déi Zäit nach méi regelméisseger gemaach wéi elo -, gesot, d'Regierung wier der Meenung, dee Projet zu Wickreng, dee wier net konform mat landesplanereschen Iwwerleeungen a wier net IVL-konform, mä de Projet en tant que tel géif awer Sënn fir eist Land maachen, an dofir géife mer probéieren, am Gespréich mam Promoteur dee Projet ze delokaliséieren a mir géifen och driwwer schwätzen, ob een net kéint, well zu Léiweng jo och Planungen amgaang wieren, dee Projet dohinner delokaliséieren, andem een e géif doranner integréieren. Mir ass gesot ginn, dat wier landesplaneresch absolut net esou eng gravéierend Fro wéi d'Lokaliséierung zu Wickreng. Doriwwer hu mer e Gespréich an dat muss ee jo am Verfolge vu weidere Prozeduren gesinn.

Ech hunn dann den 30. Mäerz 2009 zesumme mat de Ministere Krecké an Halsdorf - och well mer dee Problem Wickreng wollte léisen, wou de Stat sech a Konflikt fonnt huet mat enger ekonomesch wichteger Aktivitéit, wou mer eis net eens waren iwwer d'Lokaliséierung vun där selwechter; den Här Gira huet déi Attitude och indiquéiert ze verstoen, well hien och géint de Projet zu Wickreng gewiecht wier, wat also weist, dass doriwwer eng Diskussioun war, ob een dat kéint zu Wickreng maachen -, do hunn ech de Promoteur empfaang. Iwwerall do, wou steet, déi dräi Ministeren an ech - an ech sinn elo selwer vum Här Gibéryen d'éinescht gefrot ginn -, hätte mat de Promoteure<u>n</u> geschwat, stëmmt net!

Den Här Rollinger huet bei mir eng Entrevue gefrot iwwer Wickreng. Ech hunn den 30. Mäerz 2009 a mengem Büro den Här Rollinger empfaangen a mat him doriwwer geschwat. Do war keen Här Becca dobäi. Am Géigesaz zu villen aneren, wéi et schéngt, wosst ech och net deemools, dass et den Här Becca géif ginn. Ech hat en och nach ni gesinn. Ech hunn den Här Becca eréischt kennegeléiert am Zesummenhang mat senge Velos-Aktivitéiten an am Zesummenhang mat kengen aneren Aktivitéiten, wiesentlech méi spéit a laang nodeem déi Bréiwer, ëm déi et hei, dee Bréif, ëm deen et hei geet, geschriwwe gi war.

An ech hunn dem Här Rollinger d'Positioun vun der Regierung explizéiert. Mir wiere net géint säi Projet, mir wiere géint säi Projet op där Plaz, an ech géif him ze iwwerleeë ginn, ob et dann net gutt wier, wann e géif eng aner Plaz sichen, an ob et net méiglech wier, dat dann am Zesummenhang mat deene Projeten, déi zu Léiweng geplangt wieren, an déi ech am Detail och net kannt hunn, fir dann dat dohinner ze leeën. An do huet den Här Rollinger gesot: „Anstatt elo mat der Regierung hei Prozesser ze féieren, ech sinn dann d'accord, mech emol kundeg ze maachen a Gespréicher, ob dat geet, mä Dir musst mer awer verspriechen, wann dat net geet zu Léiweng, falls ech do géif eens gi mat dem Här Becca, dass d'Regierung mer dann hëlleft, een aneren Emplacement ze siche fir mäi Betrib, well ech ka jo net fir d'éischt vun der Regierung blockéiert ginn aus landesplaneresche Grënn, a wann ech dann deeselwechte Projet - oder anescht -, op enger anerer Plaz maachen, nach eng Kéier blockéiert ginn, wéinst der landesplanerescher Aktivitéit. Ech hunn awer hei wirtschaftlech Interesse fir mech a fir meng Leit, dofir hätt ech gären, dass d'Regierung mer géif hëllefen, eng aner Plaz ze sichen“. Do hunn ech gesot: „Dat kann d'Regierung Iech och verspriechen. Mir hëllefen Iech, falls dat alles näischt gëtt, een aneren Emplacement ze sichen“.

Doraus kann den Här Rollinger, niewebäi bemierkt, keng finanziell Fuerderung géint de Stat ofleeden, wa Léiweng net géif autoriséiert ginn - an et ass jo ëmmer nach méiglech, dass Léiweng net autoriséiert gëtt -, mä e ka keng finanziell Fuerderung aus deem Engagement, dass d'Regierung him hëlleft, een aneren Terrain ze sichen, an net him en aneren Terrain ze ginn, doraus kann den Här Rollinger, esou wéi ech d'Rechtslag gesinn, och keng finanziell Fuerderung stellen. Jiddefalls liesen ech deen Engagement vun der Regierung, him een aneren Terrain ze sichen fir de Fall, wou alles näischt géif ginn, liesen ech net als ee méigleche finanziellen Engagement.

Do hu mer ee Bréif geschriwwen, wou mer dat schreiwen, wat Der kennt. Wickreng gëtt näischt, an dofir probéiert dat zu Léiweng ze maachen, a mir accompagnéieren, wéi mer dat mat ville Promoteuren an Investisseure maachen, dee Projet positiv. Schreiwen, dass een ee Projet accompagnéiert, schreiwen, dass een ee Projet appuyéiert - wat eng Traditioun ass an der lëtzebuergescher Standuertpolitik, wann ee mat engem Investisseur schwätzt, dass een deem seet, ech sinn drunn interesséiert, dass De dat méchst -, dat ass, ech bieden Iech dat wierklech ganz eescht ze huelen, kee Préaccord, an och net den Hiweis drop, dass, egal wat geschitt, well d'Regierung ee Projet accompagnéiert an appuyéiert, d'Regierung dee Projet an allen Hypothesen, an allen Instanze géif autoriséieren. Ech mengen, dat kann een net esou liesen, sou ass et jiddefalls deem Auteur vum Bréif, deen hei schwätzt, net gemengt, well dat wier jo ee kloeren Sech-Ewechsetzen iwwert alles, wat et vu Reglementer a vu Gesetzer gëtt.

Gelift?

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Dann hu mer awer Interpretatiounsdivergenzen....

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, Dir kënnt Iech mat esou Saache beschäftegen, déi Der aus aneren Dossieren zitt. Ech loosse mer hei vu kengem meng "bonne foi" ofstreiden, dass ech net versprach hu mat menger Ënnerschrëft, dass egal wat geschitt, dee Projet Léiweng gemaach gëtt. Mir ass et an engem Gespréich mam Här Rollinger drëm gaangen, de Problem vun der Firma Rollinger zu Wickreng ze léisen.

Dir frot mech, firwat ass dat e konfidentielle Bréif? Et ass usus dass, wann d'Regierung e "Memorandum of Understanding", oder ähnlech Dokumenter mécht, deen net zur Publikatioun geduecht ass. An dësem Fall war eppes anescht. An ech muss Iech elo eppes soen, wat ech Iech iwwerhaapt net dierft soen, well ech fannen, dass ech do wäit ginn, ech gi jo och wäit gedriwwen hei. Also loosst mech dreiwen.

***(Interruption)***

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Jo, jo, mä d'Chamber an eng öffentlech Debatt, an esou enger si mer, wann och an där extraer Form, ass eppes anescht. Den Här Rollinger, deen huet sech an deem Moment, wou e bei mir war, den 30. Mäerz 2009, nach an enger kontraktueller Relatioun mat ING Real Estate befonnt, op Grond vun enger Option d'achat iwwer Terrainen, déi ënnerschriwwe gi war. An et war de Wonsch vun der Entreprise Rollinger, dass déi Matière awer muss confidentiel behandelt ginn, well ansonste se sech nawell liicht kënnt Fuerderunge vun ING Real Estate ausgesat gesinn, wann een, deen an enger kontraktueller Relatioun mat där hollännescher Bank war, géif parallel dozou probéieren, dee Projet, deen en eigentlech mat där ING Real Estate wollt maachen, op enger anerer Plaz mat engem anere géif probéieren ze maachen. An dofir huet den Här Rollinger mech gefrot „Kënnt Der dann net, ech hätt gär, dass dat confidentiel bleift.“ An ech hunn dat

verstan, well do ass et ëm d'wirtschaftlech Interesse vun engem Betrib gaangen. An ech schreiwen an de Bréif, dat wier confidentiel.

Sou, dee Bréif, deen huet haut iwwerhaapt keng Ursaach méi, confidentiel ze sinn, mä deen hat Ursaach confidentiel ze sinn, also ënnert de Parteien ze bleiwen, sou laang wéi eng Entreprise mat enger anerer an Désengagements-Verhandlunge waren, déi Entreprise konnt dach net an der Zeitung liesen, dass do een Accord fonnt gi wier tëscht der Entreprise Rollinger an der Entreprise Becca, oder wéi ëmmer déi och heescht, well dat hätt évidemment Fuerderungen zur Folleg gehat. Dat huet mer ageliicht, wéi den Här Rollinger mer dat gesot huet. Ech hat awer keng aacht Stonnen Zäit, fir doriwwer nozedenken, verstidd Der? Ob ech soll schreiwe loossen, dat wier confidentiel oder net. Mä well deen Interêt économique vun där Entreprise mer ageliicht huet, hunn ech fonnt, bon dat musse mer confidentiel behandelen bis Äer Verhandlunge mat ING Real Estate eriwwer sinn. Dofir ass dee Bréif, huet en deen Ajout kritt, dass e confidentiel wier. An d'Regierung wollt souwisou déi sinn, déi iwwert dee ganzen Dossier do géif kommunikéieren, an net iergendwelch Promoteuren an anerer, déi Sträit mateneen hätten, oder mateneen eens gi wieren.

Ech maachen och drop opmierksam - dat interesséiert net onbedéngt jiddereen -, dass ech e feinen Ënnerscheed maachen, wann ech Bréiwer schreiwen, zwëschen normale Bréiwer, confidentielle Bréiwer a Secrets-Bréiwer. Dir schwätzt hei dauernd vun engem Geheimbréif! Da géif do stoen: „Cette lettre est secrète." Well där schreiwen ech öfters, a méi wéi eemol d'Woch. Am Zesummenhang mat Froen, déi d'Statssécherheet an ähnlech gelagert Froe betreffen. Do kréien ech Bréiwer déi „très secret" sinn, oder „secret" sinn, do kréien ech Bréiwer déi „Secret d'Etat" sinn, an ech schreiwe Bréiwer, déi „Secret d'Etat" sinn, an déi „très secret" sinn, an déi „secret" sinn, an ech gesinn net, dass ech dat kéint anescht maachen. Et ass een Ënnerscheed tëscht engem „secret", also engem geheime Bréif, an engem „confidentielle" Bréif, deen natierlech aus der Siicht vun haut u Kloerheet gewonnen hätt, wann ech dra schreiwe gelooss hätt: Dat zielt awer nëmmen esou laang, wéi Äer Verhandlunge mat der ING Real Estate lafen. Ech wollt Iech dat just soen, dass d'Geschicht hannert der Geschicht eng ass, déi een ëmmer och muss mat betruechten.

De 15. Mee 2009 kréien ech dann dee Bréif vun den Häre Becca a Rollinger, wou déi mer matdeelen, si zwee hätten een Accord ënnert sech fonnt, fir zu Léiweng ee Projet ze realiséieren. Mä dat wier awer eréischt - wéi soll ech dat soen -, als bor Mënz ze huelen, wann déi Verhandlungen, déi den Här Rollinger mat der Real Estate, mat der ING Real Estate amgaang wär ze féieren, wann déi ofgeschloss wieren. An den Här Rollinger géif drun erënneren, dass, wann dat alles näischt géif ginn, d'Regierung jo gesot hätt, si géif sech engagéieren, fir him ze hëllefen, een aneren Terrain ze fannen, fir da säin ursprüngleche Projet, wann deen dann net zu Léiweng kéint gemaach ginn, iergendanzwousch anescht ze maachen.

Den 20. Mee 2009 kréien ech erëm ee Bréif vun deenen zwee Hären, vun deenen ech den Här Rollinger eemol gesinn hat a bis dohinner den Här Becca ni méi, wou se mer matdeelen, si hätten dann elo deen Accord kënne finaliséieren, well et och elo zu engem definitiven an irrévocabelen Accord tëschent dem Här Rollinger an der ING Real Estate komm wier. An da schreiwe se derbäi, an dat ass mer wichteg, well ech jo soen, dass zu kengem Moment, wou ech Gespréicher mam Här Rollinger gefouert hunn, konnt d'Gefill opkommen - a mam Här Becca hunn ech keng gefouert -, et wier ee Préaccord vun der Regierung géint alles, wat u Gesetzer an u Reglementer geet, ausgesprach ginn, schreiwen se derbäi: „Les soussignés espèrent qu'après avoir mis en oeuvre tous ces efforts", dat heescht déi Arrangementer mat

ING Real Estate, an esou virun, an esou fort, „les soussignés espèrent que le projet de Livange pourrait être mis en chantier dans un délai raisonnable, compte tenu des procédures légales à observer“. Dat heescht, am Verständnis vun de Promoteuren ass et esou, dass d'Regierung net gesot huet : Egal wat geschitt, Dir kritt Äre Projet autoriséiert. Et ass ganz kloer am Verständnis vun deenen zwee Promoteuren, a jiddferfalls och an deem vum Här Rollinger gewiescht, dass sech un all einschlägeg gesetzlech an aner Prozeduren ze halen ass.

Nodeem den 20. Mee déi zwee Promoteure matgedeelt hunn, lo wier alles méi kloer tëscht hinnen an och mat deem Geschäftspartner vum Här Rollinger vu virdrun, hunn ech d'Regierung den 22. Mee doriwwer informéiert, dass een Accord fonnt gi wier. Dat ass dat, wat ech mat däer Affär ze dinn hunn.

An ech soen nach eng Kéier, ech fannen et séier normal, dass d'Regierung hei muss Stellung bezéien a sech veräntwerten. An ech kann och net op all déi 45 Froen, wann ech richteg gesinn hunn, äntwerten, déi den Här Meisch gemaach huet. Do falen der vill, déi wäit vu menge Kompetenzen ewech sinn. Selbstverständlech all Froen, déi mer hei a mëndlecher Sitzung net beäntwerten, gi schrëftlech vun der Regierung beäntwert, woubäi ech net weess - do muss ee mam Finanzminister schwätzen -, d'Regularie si mer och net ganz kloer, ob mir all Froe kënne beäntwerten, déi d'Kreditgebare vun engem Betrib an d'Kreditgeschäft vun enger Bank betrëfft. Inwiefern datt dat zoulässeg ass, weess ech net, mä da musse mer eis doriwwer ënnerhalen. Jidferfalls wëllt d'Regierung op all Froen, déi se kann, beäntwerten, eng Äntwert ginn.

Ech wollt ofschléissend just soen, Här President, an dat ass mer wichteg: Bei allem Verständnis dofir, dass een déi Froen hei stellt an dass en och déi Froe muss beäntwerten - dat hunn ech, wat mech ubelaangt, probéiert ganz sober ze maachen -, hunn ech net gär wann - ech accuséieren och eigentlech keen heibannen dat ze maachen -, hunn ech net gär, wann d'Gefill opkomme gelooss gëtt, hei géif jidderee mat jidderengem ënnert enger Decke stiechen. Verstitt Der, vu mir kënnt Der villes behaapten, a mat mir kënnt Der Iech politesch auserneesetze bis zum Geht-nicht-mehr, mä dat loossen ech mer net gefalen. Falls dat also engem seng Absiicht wär, fir ze soen, de Juncker an de Becca, oder soss nach een, déi stiechen ënnert enger Decken, dat géif ech nu wierklech fir d'éischt, dass ech Politik maachen - an ech maache se scho laang -, als eng richteg säfteg perséinlech Beleidegung huelen. Ech si ganz wäit vun all deene Milieuen ewech, a jiddereen heibannen, dee mech kennt, dee weess dat. A meng Aquaintancë mat deene Milieue si ganz, ganz minimal. Neen, ech, den Här ..., Pardon, Här Bausch, den Här Gibéryen, ech verstinn dat bal, dee freet, an och den Här Meisch an enger anerer Form, ob dann do materiell Avantagen un dësen oder un dee gaange wären, oder un ee vun deenen dräi Ministeren. Ech wëll soen, ech verstinn, dass een esou Froe stellt. Ech wëll just soen, ech hu mat esou Saachen näischt ze dinn. Guer, glat näischt. Näischt!

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Et bleiwen nach anerer.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président*.- Sou, merci. Wann ech gelift merci. Deen, ech mengen...

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech wonnere mech, dass ech muss öffentlech erklären, dass ech net bestiechlech sinn!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président*.- Voilà. De Claude Wiseler, mengen ech, sollt nach intervenéieren iwwert déi Froen, déi mat deem Projet ze dinn hunn.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Här President, villmools merci. Ech wëll just e puer Erläuterungen nach zousätzlech ginn, well och prezis Froen doriwwer gestallt ginn iwwert Aménagement du territoires-Froen an d'Froe vum Site selwer.

Ech wëll fir d'éischt nach eng Kéier soen, datt et och hei de Rôle vum Aménagement du territoire ass, der Regierung an de Regierungsmemberen zur Verfügung ze stoen, wa se dann Implantatioune vun Infrastrukturen - wéi hei e Futtballsstadion - wëlle maachen, a fir och am Kader vun dem Aménagement du territoire eng Rei Propositiounen an Analysen ze maachen, fir dat Sënnvollst erauszefannen. Dat ass och an dësem Domaine geschitt gewiescht. An dat, an déi ass gemaach ginn no deene Kritären, déi klassescherweis nom Aménagement du territoire geholl ginn.

Wann Der kuckt, wéi hei d'Analys vun den Terraine gemaach gëtt - vun deene potentiellen Terrainen, déi méiglech wären, no wat fir enge Kritären -, dann ass gekuckt gi fir d'éischt no der Superficie. Normal Fro. Duerno och eng Fro, déi an dësem Fall wichteg wär, no der Disponibilitéit. Sinn déi Terrainen disponibel an enger kuerzer Zäit vu Joeren? Duerno ass gekuckt ginn no dem noutwendege Reklassement. Wat ass ze maachen? Ass et méiglech, ass et net méiglech? Schlussendlech ass no der Valeur de coût vun den Terraine gekuckt ginn. Et ass och en Element Zentralitéit gekuckt ginn. Leien déi Terrainen op enger Plaz, wou et sënnvoll ass, datt esou eppes ka gebaut ginn? Et ass selbstverständlech nom Stroossenaccès gekuckt ginn. Et ass no dem Transport en commun an der Desserte vun den Transports en commun gekuckt ginn. Et ass no der Kompatibilitéit vun deene Projeten zu den Avant-projete vu sämtleche Plans sectoriellen am Detail gekuckt ginn. Et ass de Potentiel commercial gekuckt ginn a schlussendlech nach eng Rei aner Kritäre bei eenzelnen Terrainen, wéi zum Beispill, ob se polluéiert wären oder net polluéiert wären, well dat awer eng wichteg Donnée wär, déi eis an dësem Kontext noutwendeg war.

Dat ass d'Roll vum Aménagement du territoire gewiescht. Do ass eng Grille opgestallt ginn. Do si vun deenen zwielef Terrainen, déi analyséiert gi sinn, vun deene Beamten an Experten, déi zoustänneg waren, zum Sportsminister senger Zäit, an huet gesot, datt der zwee proposéiert ginn. Dat ass dee vu Léiweng als éischt Propositioun, dee vun Hamm als zweet Propositioun. An dee vun Hamm als zweet Propositioun ass net zréckgehale ginn, haaptsächlech well e sech relativ no bei de Wunnenge befënnt an eis dee Moment och eng ganz Rei Schwieregkeeten - notamment och Accèsschwieregkeeten, déi eng oder déi aner -, gestallt hätt. Dat war an där Phase d'analyse, déi den Aménagement du territoire gemaach huet. Elo kann een, wann een d'Analys kuckt - an déi Grille ass jo momentan och publik -, mat deenen eenzelnen Evaluatioune vu jidfer Terrain, ob jidfer Kritär; wann Der se net hutt, kritt Der se nach ganz gär ausgedeelt. Elo kann ee soen, ech deelen dat net, oder ech deelen dat, oder ech maachen en anert Jugement doriwwer. Nach ass et, datt hei de Ministère déi Zäit - haut den Departement - gekuckt huet, fir ze probéieren, dem Sportsminister eng ganz objektiv Analys an de Grapp ze ginn, déi propper wär an no där och kënnt jugéiert ginn.

Duerno ass d'Evolutioun vum Projet selbstverständlech weidergaangen. An et ass och ni gesot ginn - de Statsminister huet et elo preziséiert -, datt d'Prozeduren ausser Kraaft gesat wären. Au contraire, et ass ëmmer an iwwerall gesot ginn, datt déi Prozeduren, déi bei all Projet vun där doter Envergure, oder méi klenger, noutgedrongenerweis musse gemaach ginn, datt déi och haut hei selbstverständlech noutwendeg wären. Et sinn dat déi klassesch PAG-Ännerungen, déi jo och amgaange si gemaach ze ginn. Hu mer an der Zeitung gelies, mat enger Rei Problemer. Et ass dat d'Ëmweltautorisatioun. Et ass dat d'Autorisatioun vun der

Gestion de l'Eau. Et ass dat d'Autorisation de commerce vun de Classes moyennes. Et ass duerno e Kommodo- Inkommodo, d'Baugenehmegungen - all dat si klassesch Saachen, déi musse gemaach ginn, déi och kloer waren, datt se hu misse gemaach ginn. Dëst hunn ech par ailleurs zweemol a Sëtzungen, notamment hei an der Plénière, de 16. Mäerz 2010, an an de Kommissiounssëtzungen en long et en large den 19. Mee 2010, erklärt.

Duerno ass och eng Fro gestallt ginn. Ass dann déi ganz Plaz, esou wéi se elo hei ass, konform zu deene verschiddene Plans sectoriels? Ech hunn Iech nach eng Kéier déi Kaarten ausdeele gelooss, déi zwar d'Chamberskommissioun an enger anerer Form schonn eng Kéier krut, notamment 2010, wou mer se gemeinsam explizéiert hunn an enger Chamberskommissioun. Ech wëll se awer nach eng Kéier kuerz, awer wierklech a geraffter Form, duerchgoen.

Wann Der déi éischt zwou, huele mer déi zweet Kaart, kuckt, da gesitt Der am Fong, wou d'Implantatioun vun deem Léiwenger Terrain ass. Zwëschen, op där enger Säit, der N31, enger Nationalstrooss, op där anerer Säit, der A3, déi meeschtbefueren Autobunn hei aus dem Land, an op där anerer Säit d'Betebuerger Streck, déi meeschtbefueren Zuchstreck aus dem Lëtzebuerger Land. An uewen d'Aire de Berchem, eng Bensinsstatioun mat op där lénkser Säit nach en Hotelskomplex an op der rietser Säit nach eng Zone d'activités. Et ass do, wou den Terrain sech befënnt, wou elo haut soll eppes gemaach ginn. Ech wollt déi Descriptioun eng Kéier maachen.

Plus kënnt dann nach dobäi, datt mer de toute façon och nach hei den Echangeur just niewendrun hunn, wat och wichteg ass, fir direkt vun der Autobunn erofzekommen, an direkt op esou ee Site ze fueren, ouni duerch eng Lokalitéit eranzefueren. Datt deen Echangeur souwisou sollt frësch gebaut ginn, datt mer souwisou zumindestens bis d'Aire de Berchem an déi Meteren nach weider och bis zu deem Echangeur e Projet op der Lee stoen hunn, fir den 2x3 Ausbau vun der Autobunn do ze bauen. An dann och nach, datt eng zousätzlech zweet Zuchstreck geplangt war op der lénker Säit dovun, fir déi mer virun engem oder zwee Méint an der Regierung den Tracé festgesat hunn, an déi och nach sollt kommen, an d'Accessibilitéit vun de Bussen och ouni Problem hei ka stattfannen. Dat alles huet den Aménagement du territoire probéiert kloer opzezeechnen.

Well dat d'Fro war: Ass dat sënnvoll oder ass et net sënnvoll? Déi Froe probéiert mat deem noutwendege Kaartematerial an Analysen ze beäntweren.

Da war déi aner Fro: Ass et konform zu de Plans sectoriels? Éischte Plan sectoriel: Dee vun de Paysagen. Wann Der kuckt, wéi deen ausgesäit - an dat ass deen -, dat Bild duerno wat ech Iech ausgedeelt hunn, wou läit dee Site hei dran? Mä e läit am Fong an deem, wat mer en „Espace d'action paysagère urbain“ nennen. Do kënnt am Text d'Wuert "urbain" dra vir. Wann ee kuckt, wat dann elo an dem Avant-projet vum Plan sectoriel dofir virgesinn ass, da gesäit een, datt do u sech keng Preskriptioun, an dat heescht, keng verbindlech Virschrëft op deem Terrain läit. Par contre eng Rei Recommandatiounen. Wat soen déi Recommandatiounen? Haaptsächlech fir deen hei Typ vun Implantatioun soe se, datt ee ganz gutt muss drop oppassen, wéi d'Integratioun an d'Landschaftsbild soll geschéien. Also eng ganz kloer architektonesch Fro, déi sech stellt: Ob deen, deen hei wëllt eppes maachen, deen hei wëllt eppes bauen, datt dat soll uerdentlech an de ganzen Territoire, op déi Plaz sech upassen, erapassen, an datt do eng besonnech Suergfalt muss dofir geholl ginn.

Haut ass zwar e grousse Masterplang do, mä awer sécherlech selbstverständlech kee Plang, deen eis definitiv Detailer gëtt, sou datt een nach net ka jugéieren, ob dat da realiséiert gëtt, oder net. Et mierkt een, datt eng Rei Efforte gemaach ginn, mä dat muss natierlech dono d'Autorisatioune vun der Gemeng jugéieren, ob et elo konform ass oder net zu däer Recommandatioun, wat nach keng Virschrëft ass.

Déi zweet Saach – dat ass dee Slide duerno -, dat ass d'Konformitéit zu engem Biodiversitéitsplang. Wann een do kuckt, wou déi Fläch hei läit, da gesäit een, datt se a sech net direkt am Schutzdénge vu Biodiversitéit läit, mä et gesäit ee just, datt uewendriwwer e Biotop läit, deen zwar net um Terrain selwer, dee soll bebaut ginn, hei läit, mä just uewendriwwer.

Selbstverständlech, wann do e Biotop läit, da muss deen an der Impaktstudie am Detail analyséiert ginn. Dat ass eng Obligatioun. Dolaanscht kënnt een net.

Op der rietser Säit vum Terrain hu mer dann esou e Biodiversitéitsgebitt. Mä d'Trennung gëtt gemaach vun deem, wou hei soll gebaut ginn, éischtens duerch eng Zuchlinn, an zweetens duerch eng Zone d'activités, déi zwëschen dem Biodiversitéitsgebitt ass an der Bauzone hei selwer. An op der lénker Säit hutt Der och esou ee Gebitt. Mä do hu mer och eng Trennung duerch d'Autobunn an duerch nach zousätzlech eng gebauten oder ze bauender neier Zuchstreck, déi wäert dohinner kommen. Just fir Iech d'Beschreiwung do ze maachen.

Deen nächste Slide, gesitt Der, déi Cartographie, iwwert dat wat ee "Landschaften als Naturerbe" zielt. Et ass a sech genau déiselwecht Descriptioun. Mir hunn op der rietser Säit esou ee Zonage. Mä déiselwecht Elementer trennen deen Terrain, deen hei gebaut soll gi, vun deem Zonage.

Wa mer weiderfueren, déi nächst Kaart, an ech ginn elo wierklech schnell doduerch, dat ass déi vun de Coupures vertes. Do gesitt Der och, déi Coupures vertes sinn hei mat de grénge Strécher uginn. Déi trennen deen een Dénge vun deem aneren. Gesitt Der, datt mer och hei net direkt concernéiert sinn, wéi hei déi méi prezis Kaarten, wéi se an dem ufänkleche Landschaftsplang dra stinn, weisen. Dofir hunn ech déi och nach eng Kéier krut vun de Servicer.

Déi zweet Saach, dat ass déi vun de Zones d'activités économiques. Do brauch ech net laang drop anzegoen, well den Här Krecké schonn erklärt huet, datt et am Punkt 6.19 esou wär, datt kéinte fir d'Konstruktiounen, respektiv Surfaces commerciales d'importance nationale et de caractère unique, eng Rei Ausnahme gemaach ginn, Ausnahmen éischtens vun der Ubannung un den öffentleche Réseau vum Transport. Déi brauche mer hei guer net. Well eng besser Ubannung, wéi deen hei Site, fënnt ee kaum.

Dat Zweet, par contre, dat ass, datt ee kann eng Derogatioun vun der Zentralitéit maachen. An dat ass effektiv, wann een och eisen Tableau kuckt, wann ech sou däerf soen, de Schwaachpunkt vun deem hei Projet. En ass net zentral an urbanistesche Gebidder geleeën. An dat kënnt och ganz kloer an där Analys vun de Schwächten a vun de Stäerkte vun deene Punkten eraus. Ech wëll dat och net verstoppen. An et ass d'ailleurs kloer an allen Texter dran. An et ass och ëmmer kloer do drop opmierksam gemaach ginn.

Just, datt een awer muss och kucken, wann een esou eppes wéi en Outlet wëllt maachen, wéi déi op anere Plaze gebaut ginn, wéi gesot hei kann een bei esou Saachen eng Ausnahm

maachen, mä ganz oft well den Outletzenter awer e ganz aneren Achandalagerayon huet, wéi aner Type commercialen, soll en, a läit e ganz oft och am Ausland op guttbefuerenen Autobunnen. Et brauch ee just un Zweibrücken ze denken, u Messancy, un Talange an ähnlech Saachen, wou ähnlech Implantatiounen dofir virgesi sinn.

Ech ginn Iech déi Beschreiwung an d'Iwwerleeungen, déi sengerzäit vum Aménagement du territoire gemaach gi sinn. Ech brauch Iech net d'Konformitéit vun dem Plan sectoriel de transport ze beschreiwen, well mer dat scho gesot hunn, wat alles vu Stroosseninfrastrukturen duerch de Plan sectoriel an där doter Géigend automatesch virgesinn ass vu Stroossen a vun Zuchinfrastrukturen. Esou, datt ech ka soen - a vum Plan sectoriel logement, mengen ech, brauche mer net ze schwätzen, well hei schwätze mer jo net iwwert deen Type vun Infrastrukturen. Dat zu där Problematik.

Dann ass nach eng ganz prezis Fro gestallt ginn. Dat ass ëm déi Infrastrukturen, déi, wann esou eppes da géif kommen, de Stat sech engagéiert ze maachen, respektiv déi musse gemaach ginn, fir datt déi Struktur kann do fonctionnéieren. Do ass et och ganz kloer - an ech hunn deen Detail och scho viru ronn engem Joer an allen Detailer an der Kommissioun gesot. Also och do ass kee Geheimnis draus gemaach ginn. Et ass esou, datt den Echangeur vu Livange muss frësch gemaach ginn. E muss méi performant gestallt ginn an e muss deenen neie Gegebenheete gerecht ginn.

Elo muss een awer zwou Saachen dozou soen. Déi éischt Saach, dat ass, datt souwisou geplangt war, e frësch ze maachen, en neien Echangeur do ze maachen. Éischt Remark. Zweet Remark: Wat awer och ganz kloer ass, wann esou en Zenter wéi deen do géing dohinner kommen, da muss een en anescht frësch maachen. Da gëtt en och méi deier. Well e méi performant muss sinn, a well en och eng ganz Rei aner Embranchements muss hunn, fir dat korrekt ze desservéieren. Dat geet net anescht. Wann - dann, da muss en och anescht gemaach ginn. Da kascht en och méi deier. Da kascht en 32 Milliounen Euro. Mä wat grad sou kloer ass, wann dat da soll gemaach ginn - a wann ee kuckt wat fir eng Embranchementer dann op e Centre commercial oder e Stadion a wat och nach ëmmer féieren, déi just dozou déngen -, dann ass et ganz kloer, datt déi och proportionnell vun deem Promoteur musse bezuelt ginn. Dat hunn ech och ëmmer an därselwechter Form kloer an däitlech gesot.

Fir Iech e Beispill ze soen: Wa mer e Rondpoint hunn, wou véier Stroosse sinn, an et ass eng vun deene Stroossen, déi an esou ee Centre commercial géif eraféieren, da misste 25% dovunner bezuelt ginn. Wann et der zwou sinn, déi eraféieren, dann ass et 50%, déi musse bezuelt ginn. Dat si genau déiselwecht Proportioune wéi an aneren ähnleche Projeten an der Stat, anzwousch anescht, haut scho gemaach gi sinn, well et logesch ass a well et normal ass, datt se gemaach ginn.

Et muss natierlech och eng ganz Rei Protektiounen, Protections acoustiques, gemaach ginn, Elargissementer gemaach gi fir Schallschutz ze organiséieren. Déi kaschten och eng, zwou Milliounen Euro.

Et mussen och Aarbechten un der Bréck vu Léiweng gemaach gi fir 7 Milliounen Euro. Ass och gesot ginn.

A schlussendlech, wann ee wëllt eng Zuchstatioun, Quaien dohinner maachen, wat logesch a sënnvoll ass, an haaptsächlech dann, wa mer déi aner Betebuerger Streck gebaut hunn, well da kann een déi al Streck fir de Lokalverkéier benotzen. Wann een also esou e Centre

dohinner setzt, da schéngt et mer och logesch - ëmmer de Wann, dann - , da schéngt et mer och logesch, datt mer sou Quaien dohinner maachen. Déi kaschten zwësche 15 an 20 Milliounen Euro. Wierklech grob Aschätzung, well d'Planifikatioune si selbstverständlech nach net dozou gemaach.

An ech wëll als lescht Remark hannendru soen: Déi hei Investissementer, oder en Deel dovun, wéineg manner oder e wéineg méi, vläicht anescht, egal wou esou eppes entsteet, egal wou mer e Stadion bauen oder en Outlet eng Kéier hinner kënnt, musse gemaach ginn. Well mir hunn elo néierens, oder net, datt ech mer et ka momentan erënneren, iergend en Terrain, deen direkt ugebonnen ass a wou vun der Kommunikatioun, vum Transport, wou alles direkt klappt. Souwisou mussen Infrastrukture bei deem Typ do vun Infrastrukture gemaach ginn, egal wou mer e setzen.

Dat wär et fir mech.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci den Häre Ministere fir déi Explikatiounen. Ech hunn e puer Wuertmeldunge vun de Membere vun der Kommissioun. Fir d'éischt huet sech gemellt de Camille Gira.

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Jo, ech muss scho soen, ech versti jo, dass d'Regierungsvertrieder net op all Fro ...

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Entschëllegt, Camille

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Ah, Pardon.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Ah, Dir wollt och nach intervenéiere fir nach eppes ze soen? Jo, kuerz vläicht.

**Une Voix.-** Jo, kee Problem.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- .. hie muss.

**M. Marco Schank,** *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*: Jo, dat éischt wat ech wollt soen dat ass, datt mer jo hei an enger Prozedur dra sinn. Dat ass mengen ech dat beschte Beispill, datt keng Prozedure solle courcircuitéiert ginn oder wéi och ëmmer. Mir si ganz am Ufank vun enger Prozedur, enger Modification ponctuelle vum PAG. An et ass dann och esou, dass den Departement Environnement vum MDDI nach net mam Projet befaasst ass. Weder wat den Naturschutz, d'Naturschutzgenehmegung ubelaangt, nach wat de Kommodo ubelaangt, well mer nach ganz fréi sinn. Dir wësst dat, aus der Press huet een dat jo héieren, datt ee Vote provisoire gemaach ginn ass. Duerno muss d'Publikatioun gemaach ginn. Ech denken, datt ...

**M. Eugène Berger,** *DP.*- Kann eis den Innenminister vläicht drop äntweren, ob dann déi Gemengerotssëtzung iwwerhaapt net muss annuléiert ginn.

**M. Marco Schank,** *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Dat ass gutt, tëschent Parenthèsen, voilà. Mä ech wollt just soen, dat ass d'Suite vun den

Evenementer vun enger normaler Prozedur. D'Publikatioun ass nach net gemaach. Duerno ginn och dann d'Dossieren, d'Etudes d'impact ginn da mat an d'Enquête publique.

Wat ech wollt soen, dat ass, datt mer offiziell net befaasst sinn, datt mer awer informell selbstverständlech gefrot ginn - wéi dat bei allen Dossieren ass, besonnesch bei gréissere Projeten ass -, datt mer sollicitéiert ginn, fir ze froen, wéi eng Informatioune gi gebraucht, wéi eng Donnéeë gi gebraucht? An dat ass ganz kloer.

Mir hunn eis elo viru Kuerzem déi Etude d'impact gefrot, déi datéiert vum September 2011, fir eng Kéier séier driwwer ze kucken. Mir sinn amgaang dat kritesch ze kucken, wat de Bureau d'études efor-ersa, fir en net ze nennen, do och als Konklusiounen ausgedäitscht huet. An et muss een och wëssen - dat wëssen awer och d'Spezialisten aus de Gemengen -, dass déi Elementer, déi elo an deene Konklusioune stinn, net mussen definitiv sinn, well jo theoretesch d'Méiglechkeet nach besteet, wat den Zoning ubelaangt, datt och kënnen Ännerunge kommen um Niveau vun dem Vote définitif, wann et dann esou wäit kënnt.

Da wollt ech soen, mir sinn amgaang, wéi gesot, eis dat unzekucken an déi Konklusiounen, iwwert déi ech elo nach net ganz vill ka soen - et ass awer evident, datt eng Partie, also en Impakt op d'Landschaft ass, dat schéngt mer evident ze sinn - mir sinn amgaang ze kucke wéi vill, wat dat bedeit.

Engersäits vis-à-vis vun der Zone communautaire an och anerersäits vis-à-vis vun deene vun de geschütztenen Aarten. A wat een elo schon, mengen ech, mat Sécherheet ka soen, datt, wann et dann esouwäit kënnt, datt de Projet viru geet, wann et esou wäit kënnt, datt eng Autorisatioun géif kommen, dat misst kompenséiert ginn. Da vläicht nach ganz zum Schluss, wat jo dann och nach feelt, wa bis den Naturschutz geklärt wier, datt um Niveau vun de Kommodosetude, vun der Kommodosautorisatioun, muss gekuckt ginn a Puncto Liicht, well dee Stadion géif jo da beliicht ginn zimlech staark, wat de Stëbs, wat de Kaméidi an esou weider ubelaangt. Och do, souwäit si mer natierlech net.

Vläicht nach en allerleschte Saz zu dem Impakt op d'Landschaft. Virun allem muss een an dräi Beräicher kucken. Dat eent ass d'Baach, d'Bibbeschbaach, dat ass awer scho gesot ginn, datt do misst eng Renaturéierung kommen. Dat weess een elo schonn. An da sinn nach zwee Beräicher. Dat eent sinn d'Flantermais, dat anert sinn allerdings keng europawäit geschützten Aarten no den Annexë vun där entspriechender Habitat-Direktiv. An nieft de Flantermais nach verschidde Vullenaarten, ënner anerem de Schwaarzmilan, wou muss gekuckt ginn, datt de Site opgewäert misst ginn, wann et dann esou wäit kënnt, datt eng Genehmegung kënnt.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci.

**M. Marco Schank,** *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Neen, wann ech, nach just ee Saz. Op där enger Säit hu mer en europäescht Vulleschutzgebitt, mir hunn d'Reserve naturelle Réiserbann an op där anerer Säit hu mer de Betebuerger Bësch. Wann eppes do passéiert, muss ee selbstverständlech fäerdegbréngen, datt Verbindungen entsti wann een no deenen Aarte kuckt, an duerno muss ee kucken.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci. An dann nach de Sportsminister Romain Schneider.

**M. Romain Schneider,** *Ministre des Sports.*- Merci, Här President. Bon, ech géif kuerz op de sportleche Volet agoe, wou ech zréckkommen op déi Réunioun, déi mer den 19. Mee 2010 an

der Kommissioun haten, wou eigentlech eng ganz Rei vu Froen, déi hei gestallt ginn, scho beäntwert goufen. A wou ech awer eppes feststellen - och erëm de Mëtteg vun zwou Fraktioune kloer ausgedréckt, vun der drëtter, mengen ech, ugedeit -, datt keen den nationale Foussballstadion a Fro stellt. Dat ass eppes, wat de Sportsminister zur Kenntnis hëlt.

Et ass awer virun allem dat, wat dem Sportsminister ëmmer erëm dobausse gesot gëtt, bei alle Vertrieder vun der FLF, bei alle Foussballsfrënn, awer och bei de Vertrieder vun der UEFA, datt mer dringend en neie Foussballsstadion brauche, well en net méi de Sécherheetsnormen, awer och net méi dem Konfort entsprécht, wat an deenen eenzelne Länner de Fall ass. Dofir musse mer kucken - an de Sportsminister mécht nach eng Kéier een Appel -, datt mer sou schnell wéi méiglech en nationale Fussballsstadion kréien.

Wat d'Ausgesi vun esou engem Fussballsstadion ubelaangt, wësst Der, datt hautdësdaags keng Fussballsstadione méi „normal" gebaut ginn, just mat engem Terrain, just mat Luten, just mat Zuschauer, reng wou ee spillt. Mä hautdësdaags gëtt de Foussball ëmmer méi zu engem Event a gëtt och zu engem Familljenerreegnis. An och hautdësdaags ass et esou, datt wa mer och hei am Land mëttelgrouss Stadionen opriichten, dat och mat considéréiert gëtt, an zurecht mat considéréiert gëtt, wa mer op aner Plaze sou Stadione bauen. Dofir mengen ech, kann een net nëmme vun engem renge Foussballstadion schwätzen, mä et muss ee vun enger Eventarena schwätzen, wa mer wëllen de Foussball och an engem nationale Stadion attraktiv maachen hei am Lëtzebuerger Land.

Ech muss dann och soen, datt bei der Erstellung - Här Berger, ech hunn Iech och ausschwätze gelooss -, datt bei der Erstellung vun dësem schematesche Masterplang selbstverständlech sou wéi bei allen Infrastrukturen hei am Land, déi mer a Partnerschaft maache mat Gemengen, mat Syndikater vu Gemengen, eis Beamten aus dem Sportsministère mat hirer fachlecher Kompetenz selbstverständlech deenen, déi sou Stadionen opriichten a plangen, zur Verfügung stinn an och zur Verfügung stoungen. Ech mengen och, dat sief op dëser Plaz gesot.

An esou ass meng Hoffnung déi, datt mer no där Réunioun vum 19. Mee, wou eng ganz Rei vun Äntwerte koumen, déi hei eigentlech erëm widderholl ginn - an enger anerer Form, mengen ech -, och de Mëtteg eng ganz Rei vun Äntwerte komm sinn. An ech huele virun allem zur Kenntnis, datt hei eng Unanimitéit ass, datt mer en nationale Stadion brauchen. Ech hoffe just, datt mer och eng Kéier ee bauen, an datt, wa mer en op enger neier Plaz oder op dëser Plaz wëllen opriichten, net iergendwéi Contrainten ëmmer erëm an d'Woschuel gehäit ginn. Merci.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci. Voilà. Da kritt dann elo den éischten, dee sech ageschriwwen huet d'Wuert, de Camille Gira.

**M. Camille** *Gira (déi gréng).*- Jo, ech wollt fir d'éischt soen, dass ech verstinn, dass mer net op all déi Hällewull Froe ganz prezis Äntwerte kréien. Ech muss awer soen, dass ech als Vertrieder vun där gréнger Fraktioun relativ onzefridde sinn, well ganz Voletën net behandelt gi sinn, an awer och well mer op eng Rei Froen, wou misst kënnen eng Äntwert do sinn, keng Äntwert kritt hunn. Mir kréie jo nach vläicht Geleeënheet. Ech wollt just déi eng oder aner Constatatioun maachen.

Et schéngt eis esou ze sinn: Wa mir da landesplaneresch virginn a wëllen national Infrastrukture maachen, dann ass - well dat gesäit ee jo och aus deem Tableau eraus, de Wirtschaftsminister huet dat hei preziséiert -, dann ass den Haaptkritär: Wou huet e

Promoteur vill Terraine beieneen? Dat, muss ech soen, dat mécht eis Angscht als Gréng. Well domat si mer op deem Punkt, wou net méi e Landesplanungsminister, net méi eng Regierung décidéiert, wéi, wou, wat hei an deem Land geschitt, mä déi Leit, déi ganz vill Geld hunn oder ës mol haten a mat der Zäit iwwer Land esou vill wéi méiglech Hektare vun de Bauere konnten ofkafen. Dont acte.

Dann hunn ech déi eng oder aner prezis Fro, well déi elo opgeworf ginn ass: Wäerd den Innenminister, oder ass en net schonn amgaang, hätt en net scho missen déi ganz Prozedur zu Réiser annuléieren? Ech hunn déi Pièce gesinn, wou eng Schäffin aus deem Schäfferot eng Pièce ënnerschriwwen huet, déi zu der Partie intégrante vun der Prozedur gehéiert, obwuel jo anscheinend hire Mann an deem Areal Terrainen huet. Also schéngt net wouer ze sinn, wat den Här Krecké och wëllt gleewe maachen, dass just den Här Becca do Terrainen huet. Et schénge jo dann nach eng ganz Rei aner Leit do Terrainen leien ze hunn. Gëtt déi Prozedur annuléiert an ass et net eng duebel Ursaach fir d'Prozedur ze annuléieren?

Hätt d'SUP (Strategische Umweltprüfung), vun där de Minister Schank elo geschwat huet, net och scho misse Partie intégrante vum Vote am Gemengerot sinn? Da ginn ech emol dovunner aus, dass mer kënne mengen, dass den Innenminister dat do annuléiert. Da wollt ech soen, dass et eis als Gréng net nëmmen ëm dee Bréif elo geet. Elo kann een doriwwer diskutéieren, wéi eng Chamber wëllt eng Regierung kontrolléieren, wann Ofkommes mat Promoteure geheim sinn, dat ass elo eng aner Diskussioun.

Mä, eis geet et ëm de Fong vun der Saach. Mir zweifelen als alleréischt dat Konzept un, ze mengen, wat zu Köln an der Lanxess Arena eventuell fonctionnéiert, kéinte mer muer zu Lëtzebuerg maachen. Komm, mir bleiwen awer och ganz e bësse bescheiden. Ech hat gelies, dass beim leschte Match vun der Futtballnationalequipe, an e Match wou se Chancen haten ze wannen, 2.000 Leit waren. A wéivill géint Albanien ....?

**Une voix.-** Firwat dann?

**M. Camille Gira** *(déi gréng)*.- Neen, jo net nëmme wéinst engem Stadion. Ech mengen net ...

(Discussions)

**M. Camille Gira** *(déi gréng)*.- Ech mengen net, dass ee «copy/paste» ka maache vu Köln, wou mer duebel souvill Leit hu wéi a ganz Lëtzebuerg, dass een dat kann iwwerdroen. Dat ass déi éischt Geschicht. Sou dass mir weider der Meenung sinn, de Stat soll kucken, iergendwou en Terrain vun zwee, dräi Hektar ze fannen, do e Futtballstadion selwer drop ze bauen op seng eege Käschten, an ze kucken, dass do d'Nationaléquipe an aner Leit kënnen uerdentlech Fussball spillen. Dat zu deem Volet.

Da fannen ech et awer e komeschen Deal, deen mat de Promoteure gemaach ginn ass. Wa meng Informatiounen elo richteg sinn, sollten zu Wickreng, mengen ech, 23.000 $m^2$ Surface commerciale gebaut ginn. Wann meng Informatioune weider richteg sinn, gi jo elo awer och no deem Deal hei, 15.000 $m^2$ Surface commerciale gebaut, a mir kréien op där anerer Säit 37.000 $m^2$ plus nach 40.000 $m^2$ fir Outletten. Dat heescht, op där enger Säit waren 23.000 $m^2$, op där anerer Säit kommen der elo 80.000. Do muss ech Iech ganz éierlech soen, do hätt ech als Promoteur och jo gesot, ob de Bréif elo geheim gewiescht wier oder net. Dat fannen ech awer e relativ interessanten Deal, muss ech soen, deen do gemaach ginn ass. An da kommen ech awer zréck op déi Jurisprudenzen, déi et gëtt aus den 90er Joeren.

Nach eng Kéier mengen ech, dass um Terrain, wat dee Site ubelaangt, näischt geännert huet. Do sinn nach ëmmer déiselwecht Planzen, et sinn och nach ëmmer déiselwecht Vullen- an Insektenaarten do, an ech mengen, den Här Bodry huet sech beruff net op d'Naturschutzgesetz vu Lëtzebuerg, mä deemools, fir de Refus ze maachen, 1991, op déi europäesch Vulleschutzdirektiv 409/79, déi gëtt et haut nach. An d'Annexe 1, op déi e sech berifft, vun deenen Zorte vun Déiere gëtt et och nach. A menges Wëssens huet do näischt Wesentleches geännert.

An ech krut keng Äntwert op meng Fro, wéi dann d'Regierung d'Situatioun aschätzt, wann dat do viru Geriicht geet - an do sidd Der jo sécher, datt dat do viru Geriicht geet -, wéi grouss datt do d'Chancë stinn, datt Der net ähnlech verléiert wéi zu Wickreng, well einfach déi Argumenter déi an de 90er Jore geholl gi sinn fir eng Extensioun vun där Zone ze maachen, datt déi nach ëmmer richteg sinn. Elo sinn ech awer net ganz zefridden op déi Äntwerte mat dem Avis vun der Commission d'aménagement. Wann een deen aktuellen Avis awer am Détail liest, da spiert een, datt déi Leit ferme hu misse réngen, fir dat ze schreiwen, wat se geschriwwen hunn a vläicht léiwer gesot hätten, dee Projet wär wierklech net landesplaneresche Kritäre gerecht.

Ass et richteg, datt et eng éischt Versioun ginn ass a stëmmt et, datt do Drock ausgeübt ginn ass, datt deen Avis elo esou ausgesäit wéi en ausgesäit?

An dee leschte Punkt deen eis virun allem och an där ganzer Saach stéiert, a wou een net ka soen: Sou, elo schafe mir hei 1.200 Aarbechtsplazen. Mi si fest iwwerzegt, datt den Ordre de grandeur - an et muss ee sech jo ëmmer erëm virun Aaen halen, datt déi gesamt Fläch Belle Etoile a Concorde beieneen ass, et ass jo net, wéi wa mer hei e mëttlere Supermarché géifen opriichten, oder just en Outletzenter -, dass deen eng gewalteg negativ Repercussioun souguer bis op d'Geschäftsleit vun der Stad Lëtzebuerg huet.

A wann der wëllt wësse, wat geschitt, wann ee mengt, et kéint een de Botter an d'Geld vum Botter hunn, da gitt an eng Stad, déi ech relativ gutt kennen - dat ass Arel -, déi haten eigentlech e wonnerbare Geschäftszentrum an der Mëtt. Déi hu gemengt, si misste baussen hin ähnlech Infrastrukturen hisetze wéi dat hei. Gitt dat haut kucken, déi Stad ass amgaangen auszestierwen, an eis grouss Angscht ass, dass dat och an der Stad geschitt. Oder, dass dat zu Esch geschitt. A wann ee weess, dass d'Geschäftsleit um Belval haut scho Krämpes hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, da menge mir, dass dat hei souguer negativ Konsequenzen huet.

An ech soll Iech am Numm och hei vum Fränz Bausch - mä ech mengen, dat ass eng Etude, déi d'Stad Lëtzebuerg gemaach huet -, eng Etude och iwwerreechen, déi onofhängeg vu Léiweng ganz kloer seet wéi eng Gefor fir de Bannenhandel entsteet. An dat ass vläicht bei där ganzer Geschicht, nieft deene landesplanereschen an naturschützereschen Iwwerleeungen, eis grouss Angscht als Gréng: Dass mer genau de Géigendeel maache vun deem, wat mer ëmmer priedegen: Wunnen, Schaffen an Akafe beienee bréngen, nämlech e rise Konsumtempel op d'gréng Wiss setzen an domat all eis Stied, wou och d'Gemenge ganz vill Geld investéiert hunn fir déi liewenswäert ze maachen, futti maachen!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci. Ech géif elo just een Abléck soen, dass ech nach fënnef Wuertmeldungen hunn, an dass mer vläicht déi verschidde Froe solle beienee beäntweren. Mä, elo huet de Camille Gira fënnef Froe gestallt. Ech hoffe jo, dass d'Ministere

sech se opgeschriwwen hunn, dass mer prezis dorobber kënnen äntweren. Mä de Statsminister huet natierlech d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech sinn e bëssen enk an der Zäit. Mä ech bleiwe soulaang, wéi et geet. Ech sinn heihinner komm, fir Rechenschaft ofzeleeën a Froen ze beäntweren, déi dee Bréif betreffen. Dir stellt Iech jo net eeschthaft vir, dass déi aner Froen, déi mech och interesséieren, mat där Minutie a mat deem Soin vu mir am Sekundentakt behandelt ginn, dass ech déi Froen, déi och de Camille Gira gestallt huet, alleguer hätt kënne beäntweren. D'Kolleege kënnen dat maachen.

Ech wëll dofir just soen, dass ech déi Expressioun "Geheimofkommes" tëschent der Regierung an de Promoteuren net nach eng Kéier onkommentéiert hei stoe loossen. Et ass kee Geheimofkommes mat de Promoteuren. Et huet ee Gespréich stattfonnt a Presenz vum Statsminister mat engem Promoteur, fir de Problem zu Wickreng ze klären. Ech hu keng Gespréicher mam Här Becca, ergo och net mat Promoteuren am Pluriel kënne féieren. Ech hu just ee konfidentielle Bréif geschriwwen. An ech hunn Iech déi wirtschaftlech Grënn duergeluecht, firwat dass ech d'accord war, deem Bréif de Charakter vun der Konfidentialitéit ze ginn.

Ech hätt gären, dass dat, wat een als Erklärung gëtt, och sproochlech bei der Formuléierung vun där nächster Fro gebührend gewürdegt gëtt.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Voilà. Ech géif soen, huele mer vläicht nach een oder zwee Intervenanten, an da komme mer dorobber.

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Mä ech hätt awer nach eng Rei Froen, Här President. Ganz konkret un den Innenminister, oder ...

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Jo, ech …

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- … d'Prozedur.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Bon, also dann.

**M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Economie et du Comemrce extérieur.*- Här President, ech kann eenzel Saachen direkt beäntwere, wann Dir wëllt. Also, ech fannen et eng Frechheet, fir ze soen, dass hei lauter Terrainen ausgesicht gi wieren, wou Leit am Fong geholl Spekulatioune wëlle maachen. Ech hunn dräi Saache gesot, an do hunn ech Zeien dofir. Ech hu gesot, ech hätt gär e Gemengenterrain, oder e muss dem Stat gehéieren, oder Privatleit. Dann, wann et Privatleit sinn - an ech gi jo net dovunner aus, dass all déi Siten, déi ech elo genannt hunn, wou Privatleit do sinn, dass dat Spekulante sinn -, dann deet et mer leed, sou kann een dat net gesinn.

Ech hunn Terraine gefrot vun der Stad Lëtzebuerg, déi hir gehéieren. Oder vun enger anerer Gemeng. Terraine vum Stat. Ech hunn den Här Reuter an den Här Gillen- deen een zoustänneg fir de Fonds de Kirchberg, deen aneren zoustänneg iwwerhaapt fir d'Besëtzverhältnisser vum Stat - gefrot: Wou hu mir Terrainen an deene Beräicher, wou d'Landesplanung mir dat gemaach huet. Dat eenzegt, wat ech mat Sécherheet weess - ech

weess bei Haebicht net méi, wéi d'Verhältnisser sinn -, mä de Midfield gehéiert eis. Et ass dat eenzegt, wou ech weess. An déi aner net.

Dat zweet ass, et ass net richteg ze soen, déi 15.000 $m^2$ , déi een elo zu Wickreng kënne stutzeg maachen, déi wieren dem Här Rollinger zouzeschreiwen. Deen huet der 8.000 zougeschriwwe krut. An dat anert si bestehend Geschäfter, déi do sinn, wou scho bestehend Autorisatioune waren, déi am PAG scho waren, an déi scho souwisou hätte kënnen ausgebaut ginn. Majo, dat ass Asport, dat ass Steinhäuser, an esou weider. Mä, dat huet scho virdru bestanen, déi Autorisatioune hu scho virdru bestanen, déi sinn am PAG schonn dra gewiescht. Déi hätten dat och kënnen direkt maachen. Déi sinn hei mat opgezielt, mä dat sinn net dem Här Rollinger seng.

Dat lescht, déi Flächen, iwwer déi dann elo geschwat gëtt - haalt dach elo mol op vu 40.000, et ass ni rieds gaange vu 40.000 $m^2$ Outlet. Dat ass falsch. 25.000, 25.000 $m^2$ Factory Outlet. Ech soen et nach eng Kéier: Magasins de sports, ongeféier 8- 9.000 $m^2$, Jardinerie 7.000, Meubles, Art de la table, Dekoratioun, där hu mer der jo och keng honnert hei am Land, do waren 11.000 virgesi fir déi zwee zesummen. De Supermarché 3.700. An da war, dat wat vu Wickreng eriwwerkënnt, wou 11.000 ee Moment gesot gi war, vu dass dat d'Halschecht vun 22.000 ass. Mir hu gesot: Dir behaalt der 8.000 op där enger Säit, mir huelen der 11.000 eriwwer. Dat sinn déi richteg Zuelen. An ech soen Iech, haalt endlech op ze soen, dat wieren der 40.000. Well dobäi kommen da Fitness, Restauranten an esou weider. Et ass jo evident, dass dat muss dobäikommen. Wann Dir dat elo esou dobäi rechent, jo dann, souguer Säll, déi déi kommerziell genotzt gi, wéi Squashsäll, wéi dat, wat de Statsminister ëmmer sou gär huet, Beachvolleyball oder Futtball am Sall, dat gëtt herno kommerziell ausgenotzt. Et ass awer keng Konkurrenz fir iergendeen. Dat kann een da soen, an déi Meter carré mussen da mat bäigerechent ginn. Mä dat ass d'Realitéit.

E leschte Punkt: Och vu Säite vu Léiweng sinn Etudë gemaach ginn, Études de marché. Ech weess net firwat, dass déi net publik gemaach ginn. Déi gi publik gemaach an deem Moment, huelen ech un, wou den Dossier déposéiert gëtt - well et ass keen Dossier déposéiert -, mä ech hunn awer scho Kenntnis krut, do wäert Der och nach staunen. Well do ass déi staatlech Etude näischt méi wäert duerno.

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Dir kennt awer d'Resultater scho vun enger Etude, déi nach net publizéiert ass?

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Comemrce extérieur.*- Jo, ech kenne vill Saachen, déi nach net publizéiert sinn, Här Gira, soss sinn ech net an der Regierung. Ech kann awer zu all Dag um sechs Auer oder, vu dass ech ganz spéit heem ginn - et misst um 10 Auer sinn -, eng Pressekonferenz maachen, an erklären, wat ech dee ganzen Dag gemaach hunn.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Sou, elo …

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech géif gären iwwer Är Persoun dem Här Gira nach eng Kéier soen, dass an deem Bréif, als deem säi Co-signataire ech hei optrieden, net iwwer Metercarréeë fir dësen oder fir dee geschwat gëtt. Dat ass eng Fro, déi mech näischt ugaangen ass an deem Zesummenhang hei. An dofir sinn och keng Flächenelementer dran. Zum Beachball wëll ech just soen, dass ech de Beachball net aus deem Grond gär hu wéi déi, déi komplizenhaft sech hei en Aen zougedréckt hunn, mä den

Här Krecké seet, ech hätt dee Projet sou gär, well ech géint dee Projet war, deen hien awer an der Regierung géint mäin ausdréckleche Wëllen duerchgesat huet, sou wéi dat mer ëmmer méi dacks geet.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den Här Halsdorf wollt zu enger Fro vum Här Gira Stellung huelen.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Jo, ech wollt zur Fro kommen, déi opgeworf ginn ass iwwert d'Approbation oder iwwert de Vote provisoire. Dir kënnt sécher sinn, Här Gira, ech huelen do meng Responsabilitéit, wat dësweideren oppe beweist, dass och, wann et esou ee Bréif gëtt, dass mir all eis Responsabilitéit huelen. An dofir hunn ech eppes gemaach, wat u sech net d'Regel ass. Well d'Regel bei eis wëll - dat si jo Prozedure -, dass den Innenminister d'Tutelle oder de Contrôle légal mécht beim Vote définitif. Beim Vote ass dat d'Regel. Beim Vote provisoire ass awer elo hei – dat hunn ech iwwer d'Press matkritt an och soss -, dass do Problemer wären. Dofir hunn ech de Justizkommissär domat beoptraagt, e soll op d'Plaz goen, e soll all déi Dokumenter, dee ganzen Dossier ficelléiere mat allen Elementer, d'Kadasterpläng, d'Hypothekenamt uschreiwen an esou weider, dass ee kann en connaissance de cause eng Décisioun huelen. A wann ech eng Décisioun huelen -, Dir hutt nämlech gefrot, firwat huet den Innenminister elo net annuléiert? - den Innenminister wäerd och net annuléieren, et ass de Grand-Duc deen annuléiert. Fir de Rescht d'Regierung an de Grand-Duc …

**M. Camille Gira** *(déi gréng).*- Merci, Här Innenminister, dat ass nei fir eis.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Elo kënnt den Här André Hoffmann.

**M. André Hoffmann** *(déi Lénk).*- Merci Här President. Meng Bedenken, muss ech éierlech soen, iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat a senge Vertrieder op där enger Säit an dem Privatsecteur op där Säit sinn net zerstreet. An ech wëll dem Här Juncker vläicht dat hei soen: Et ass eng Saach, enger Persoun ze ënnerstellen, si géif mat iergendengem ënnert enger Decke stiechen, respektiv si hätt materiell Intérêten. Dat ass eng Saach.

Eng aner Saach ass, sech Froen ze stellen oder sech Suergen ze maachen iwwer Intransparenz, Onkloerheet vun de Verbindungen tëschent de Vertrieder vum Stat, an där Funktioun wou se sinn, op där enger Säit, a Vertrieder vu privaten Intérêten op där anerer Säit.

Mir kruten, an doduerch sinn och meng Bedenken net zerstreet, mir krute keng Äntwert op d'Fro, - ech stellen déi mol einfach sou nach eng Kéier an de Raum -, vun der Implikatioun vun der Spuerkeess. Do stelle sech Froen, och net fir mech persounebezunn, sondern funktiounsméisseg bezunn: Wéi eng Roll huet d'Spuerkeess do gespillt? Wann dat, wat Der am nächste Forum kënnt noliesen, wann dat nëmmen zum Deel stëmmt, dann ass dat eng hefteg Accusatioun par rapport zu der Spuerkeess, par rapport zu der Regierung.

Et muss ee sech jo d'Fro stellen - ech weess net, ob Dir mer se kënnt beäntweren: Firwat keeft den Här Becca massiv Agrarland op? Dee wollt jo net e rise Baurebetrib do opmaachen, je suppose! Ech huelen un, dass deen iergendwelch aner Vuen hat. Wou kommen déi Vuen hier? A wéi sinn dann do d'Implikatioune mat deem wat dann duerno geschitt. Ech sinn net mat dem Postulat d'accord, de Stadion misst verbonne gi mat engem Konsumtempel oder ëmgedréint, et misst een e Konsumtempel fir d'éischt opriichten, an da kréich een nach

doniewent e klenge Stadion, well et kéint een dee bal sou interpretéieren. Ech sinn net domadder averstanen. An ech froe mech och, wéi esou eng Konzeptioun mat eise Prinzipie vun der nohalteger Entwécklung iwwerhaapt vereinbar ass, iwwerall riseg Surfaces commerciales opzebauen, a gläichzäiteg gi mer dann de Leit priedegen, si sollen e bësse méi mässeg konsuméieren, an esou weider an esou fort, well dat net vereinbar wär mat der nohalteger Entwécklung, mam Klimaschutz, an esou weider an esou fort. Dofir deelen ech dat Postulat also net. An ech hannerfroen, ob dat Postulat net beaflosst ass, grad vu Partikularinteressen.

An dofir stellen ech mer eben déi Fro, oder maache mer déi Suergen, wéiwäit dass an deene Relatiounen do wierklech den allgemengen Intérêt dominéiert, a wéiwäit dass do eenzel partikular Interesse ganz kloer en Afloss och op d'Entscheedungen hunn.

Zum Bréif, also net nach eng Kéier déi ganz Geschicht vun der Konfidentialitéit, mä d'Fro vun de Prozeduren. Eppes ass mer opgefall am Bréif, a mir schéngt dat awer net onwichteg ze sinn. Bei deem reduzéierte Projet Wickreng steet am Bréif eng Reserve. Nämlech, do misst awer geuecht ginn op d'Contrainte d'aménagement durable du site. Dat steet am Abschnitt zu Wickreng. Am Abschnitt zu Léiweng steet keng Reserve, guer keng. Obwuel dee vill méi grouss dimensionéiert ass, stellt ee sech jo d'Fro, do hätt jo opmannst misste stoen: „Sous réserve de, sous réserve de la compatibilité“ an esou weider a „sous réserve du respect des procédures“.

An do kënnt jo den Androck entstoen - ech soen net, ech géif mengen, dee géif stëmmen -, do kënnt jo awer den Androck entstoen, wann de Bréif esou formuléiert ass, et kéimen zwar herno Prozedure, wéi den Här Wiseler gesot huet. Natierlech gleewen ech Iech, Dir haalt d'Prozeduren an. Et kënnt awer esou den Androck entstoen, mir ginn eng Zouso, an opgrond vun där Zouso si mir herno bal genéidegt, och en Afloss op d'Prozedure respektiv op d'Resultat vun de Prozeduren ze hunn. An dat ass bedenklech. Bedenklech, an dofir mengen ech, dass een an esou engem Fall sech vill méi kloer muss ausdrécken, dass eng Regierung e Projet ënnerstëtzt - ech mengen dogéint huet heibannen iwwerhaapt keen eppes -, mä dass awer d'Regierung keng Zouso mécht, ouni drop hinzeweisen, dass déi Zouso nëmme gëllt "sous réserve de", an dann d'Prozeduren am Parlament, an esou weider an esou fort.

Dem Camille Gira seng Fro - do sinn ech gespaant, wéi d'Äntwert herno ausgesäit -, wat déi Décisiounen ubetrëfft aus den 90er Joren, wou jo dann dräimol eigentlech gesot ginn ass: Dee Site ass net kompatibel. Elo wär en dann op eemol kompatibel mat de landesplaneresche Prinzipien. Ech liesen deen Avis vun der Commission d'aménagement d'selwecht wéi den Här Gira. Ech liesen deen esou: Eigentlech hätte mer wëllen nee soen, mä vu dass mer dat net sou richteg kënnen, maache mer elo e puer Konditiounen, setze mer awer d'Konditiounen, fir dass dat net allzevill schlëmm gëtt. Sou liesen ech deen Avis vun der Commission d'aménagement.

An ech waarden och op d'Äntwert op d'Fro, wéi deen éischten Avis dann do war, an opgrond vu wéi enger Interventioun, oder aus wéi enge Grënn, dass deen da geännert ginn ass. An deem sinn eng Rei vu Saachen, déi mat der Landesplanung ze dinn hunn, schonn opgeworf ginn. Wëll ech also net nach eng Kéier widderhuelen. Mä, och an där Commission d'aménagement, an deem Avis vun der Commission d'aménagement steet awer fir mech eppes ganz Wichteges, wat net direkt eppes oder indirekt nëmme mat Naturschutzfroen ze dinn huet, sondern mat der Entwécklungsplanung iwwerhaapt vum Lëtzebuerger Urbanismus.

An do steet dann nach eng Kéier dra, wat zënter Jorzéngten ëmmer erëm an der Landesplanung gesot gëtt: Mir musse virun allem d'Zentren, déi elo bestinn virun allem entwéckelen, an net nei Zentren op der grénger Wiss entwéckelen. Ëmmer erëm ass dat gesot ginn, an dat seet och, wéi gesot, hei d'Commission d'aménagement an deem Avis, an dat schéngt hei dann awer keng Roll méi ze spillen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci dozou.

**M. André Hoffmann** *(déi Lénk).*- Jo, just awer eng Remark zum Schluss. Et kann awer och net sinn, an dat huet mech awer e bëssen entsat, et kann awer net sinn, mir schwätze mam Här Becca, mir soen zum Här Becca : Mir géifen Iech Terrainen ofkafen, fir e Stadion drop ze bauen. An da seet den Här Becca : Neen. An da soe mir : Ok, da baue mir de Stadion nëmmen ënnert deene Bedingungen, déi s Du gären häss. An dat kann net sinn!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Sou.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech fannen déi Fro berechtegt, ech fannen all Fro berechtegt, déi den Här Hoffmann gestallt huet, mä ech fannen déi Fro berechtegt, fir ze soen, firwat ass an där Partie Wickreng /Rollinger een aneren Text am Bréif ze fanne wéi an där Partie Léiweng/Becca? D'Explikatioun dofir ass, dass mer jo mam Här Rollinger am Konflikt waren, iwwer d'Aart a Weis wéi e säin Zenter zu Wickreng wollt bauen an de Landesplanungsminister der Meenung war, dass dat mat där Etendue a mat där Configuratioun, déi geplangt war, net géif goen. Dofir soe mer zum Här Rollinger - mat deem hunn ech jo geschwat, dofir ass deen och besser bedéngt ginn hei, a méi detailléiert bedéngt ginn am Bréif, wéi mat deem, wou ech net geschwat hunn -, dass awer selbstverständlech déi Zouso, dass en zu Wickreng selwer eppes ka maachen, natierlech muss en all deene Rappelen, déi do gemaach ginn, Rechnung droen, well mer jo an enger aktiver Ausenanersetzung mat him iwwer grad déi dote Froe waren, aktiv Ausenanersetzung, déi jo zu deene Konflikter, déi mer mat ëm haten an déi mer probéiert hunn ze léisen, gefouert hunn. Dass dat mam Här Becca net rappeléiert ginn ass, ass eng Evidenz. An ënnerstellt net, dass deen, deen dee Bréif geschriwwen huet, mengt, den Här Rollinger, dee misst sech un d'Prozeduren halen, an den Här Becca net. Sou wäit kënne mer eis jo wahrscheinlech hei net erofloossen, ansonsten et bedauerlech wier.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, falls nach keen et gemaach huet, dass mer nom Regierungsrot vum 8. Juli 2011 nach eng Kéier rappeléiert hunn, dass all legal a reglementaresch Dispositiounen zu Wickreng an zu Léiweng mussen agehale ginn. Et kann iwwerhaapt keng Onkloerheet driwwer bestoen, dass et evident ass, dass d'Regierung drop drängt. Si huet jo iwwerhaapt keen anere Choix, vu dass hei all Gesetzer an all Reglementer scrupuleusement agehale ginn. Dir kënnt net der Regierung ënnerstellen, si hätt hei deene Promoteuren oder engem vun deenen zwee Promoteure d'Versprieche gemaach, dass egal wat géif geschéien, kéint dee Stadion an dee Centre commercial, a wéi ëmmer dat och heescht, gebaut ginn. Dat ass net de Fall. An ech akzeptéieren och net, wann ënnert dëser oder där Form ëmmer erëm suggéréiert gëtt, d'Regierung hätt sech d’Hänn gebonnen a misst egal wat geschitt „jo“ soen zu deem, wat do geplangt wär. Dat ass net de Fall. An een „neen“ vun der Regierung oder vun aneren Instanzen entrainéiert kengerlee Fuerderunge finanzieller Natur un d’Regierungsadress oder un d’Landesadress.

Déi éischt Fro vum Här Hoffmann, d’Relatiounen tëschent héije Beamten a Privatwirtschaft (privaten Intérêten) ass eng Fro, déi ech ganz eescht huelen; fir dat ganz kloer ze soen. Et ass

awer net ze verhënneren, datt wann ee plangt, wann ee projetéiert, datt ee muss Leit vun der öffentlecher Hand a Leit vun der privater Hand zesummebréngen. Dat weess jiddfereen, och deen um Gemengeplang, dat war mä Fall nach ni, dee mat däeraartege Projeten ze dinn huet. Datt ee gutt oppasse muss ass fir mech ganz evident.

Ech hu mech schonn eng Kéier mat deem Thema beschäftegt, onofhängeg vun deem wat an dësem Zesummenhang gesot gëtt, wéi een e Code de déontologie kéint formuléieren. Déi Virlagen, déi ech mer do ugekuckt hunn, déi sinn net ganz zielführend, muss ech soen. Mä, ech si gäre bereet, mat wiem och ëmmer a rouegem Gespréich déi Froen ze klären. Et ass keng Fro, déi mech géif aktuell ëmdreiwen. Et ass awer eng Fro, déi mech am héchste Mooss interesséiert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Merci. Elo kënnt den Eugène Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP).*- Merci, Här President. Bon, effektiv kann ech och dat soen, wat de Camille Gira scho gesot huet, datt mer eng ganz Rei Froe gestallt hunn - 47, 48 Stéck -, datt mer ganz wéineg Äntwerte kruten. Awer elo opgrond vun deenen Erklärungen, déi mer virdrun hei haten, si mer nach e puer nei Froen agefall, respektiv hunn déi mech provozéiert.

Eng Fro, déi mech interesséiert, dat ass déi mat de Plan-sectorielen. Do si jo Avant-projeten. Als Deputéierten hunn ech déi eng oder aner Kéier gefrot, ob mer dann och d'Kaarte kéinte kréie vun deene Plan-sectorielen. Da gëtt mer ëmmer geäntwert: „Neen, déi si confidentiel, fir datt net d'Spekulatioun ufänkt."

Dat heescht, déi Kaarte si gezeechent. Meng Fro: Wat fir eng Regierungsmembere kennen déi Kaarten? Wat fir eng héijer Beamten zum Beispill kenne jo awer déi Kaarten, déi scho gezeechent sinn? Zum Beispill héijer Beamten, wéi den Här Diederich aus dem Innenministère.

A kéint een och vläicht dervunner ausgoen, datt dann, wann et dann déi Kaarte ginn - et si verschidde Leit, déi déi Kaarte kennen, déi anerer net solle kennen -, a Geheimaccorden och iwwer esou Kaarten mat Promoteuren awer schonn diskutéiert géif ginn. Oder fir et méi kuerz ze maachen: Ginn et awer dann och iwwert dee Wee Promoteuren, verschidde Promoteure wéinstens, déi déi Kaarte kennen?

Zweet Fro, dat ass déi Geschicht, wou vun der Ceinture verte interurbaine Rieds geet 2004 - ech war nach selwer do an deenen Aarbechte mat beschäftegt. Et ass am IVL deemools, deen also déi grouss Landesplanung hei soll zu Lëtzebuerg guidéieren, festgehale ginn, datt d'Réiser Gemeng, respektiv déi Arealer, eng Ceinture verte interurbaine solle bleiwen. Dat heescht, datt do keng gréisser Infrastrukture méi solle kommen. D'Grondiddi war déi, datt net vun der Capitale, vun der Stad Lëtzebuerg bis an de Süde géif alles lues a lues urbaniséiert ginn, mä datt do eng gréng Pufferzon soll bleiwen.

2008 war jo en Avis vun der Commission d'Aménagement, dee gesot huet, bei méi engem klenge Projet, deen also schonn um Dësch louch an den 90er Joren, dat géif net goen. En huet sech wahrscheinlech och op den IVL référéiert. Komescherweis 2009, oder virdrun, huet den Innenminister gesot, bei engem klenge Projet géif et net goen, mä bei engem grousse Projet, do géif et awer goen. Ass do en neien Avis gemaach ginn? Sinn nei Etudë gemaach ginn, fir datt et op eemol dann awer kéint goen, a firwat dann och eigentlech déi Grondiddi aus dem IVL vun 2004 sech net méi erëmfënnt. An elo si Kaarte gemoolt ginn: Espaces d'action

paysages urbains, wou dann op eemol déi Terrainen, déi 2004 nach als Pufferzone agezeechent waren, op eemol aneschters agezeechent waren. Opgrond vu wat fir engem Cas?

Eng aner Fro, déi ech och gestallt hunn, dat ass: Virdrun huet de Wirtschaftsminister vu potenziellen 1.200 Aarbechtsplaze geschwat. Ech hat eng Kéier an enger Kommissiounssitzung d'Mëttelstandsministesch, d'Madame Hetto, gefrot, weivill Aarbeschtsplazen dann do kéinte krééiert ginn. Si huet du gesot, et wieren nach keng Etüde gemaach, si kéint net op déi Fro äntwerten. Si wéisst guer net, wéivill Aarbechtsplaze do kéinte krééiert ginn.

Ass mëttlerweil do eng Etude gemaach ginn? Respektiv kéint ech och d'Fro stellen: Wéivill Aarbechtsplaze ginn op anere Siten dann hei zu Lëtzeberug doduerch verluer?

Déi grondleeënd Fro ass jo och hei, déi ee sech stellt: Ëm wat geet et hei? Geet et hei ëm e Stadion? Mir kruten zwar virdrun en long et en large erkläert, datt dat eigentlech à l'origine war, fir do eng Recherche ze maachen, mä et geet jo awer elo am Endeffekt ganz wéingeg nach Rieds, wéi herno awer d'Démarchë waren, déi sech jo em de Stadion gedréint hunn.

Virdrun huet den Nohaltegkeetsminister geschwat, datt se bei hire Recherchen - an ech hu mer et hei notéiert - Outlet-compatibel gesicht hunn. Si hunn also net Stadion-compatibel, mä Outlet-compatibel gesicht. Si hu gekuckt, wou Autobunne sinn, wou Sortien, an esou weider, sinn.

Ass iergendeng Kéier an iergendengem Moment och gekuckt ginn, wat fir en Impakt dat op d'Bevölkerung zum Beispill kann hunn, wou och Leit wunnen, wéi zum Beispill zu Léiweng, zu Bierchem, zu Béiweng? Ass dat an iergendenger Etude och considéréiert ginn? Oder si just d'Autobunnen an d'Autobunnssortië considéréiert ginn?

Virdrun hunn ech elo grad héieren, datt de Sportsminister gesot huet, do kéint ee sech och aner, wann dann also niewent deem risegen Outlet och nach e klenge Stadion géif gebaut ginn… Ech mengen, dee gëtt net gebaut; dat soen ech Iech haut schonn. Wa mir do an d'Responsabilitéit kommen, da kënnt do ni eppes dohinner. Mä wann et géing dohinner kommen, Dir kënnt jo dreemen, wat fir eng Eventer sinn dann do geplangt? Soll do all Owes e Concert stattfannen oder soss iergendeppes? Dat heescht, datt et all Owes do Aktivitéite gëtt.

Eng lescht Fro, dat ass déi, vläicht un den delegéierten Nohaltegkeetsminister, well hien do vläicht méi dran ass, mat de SUPen. Et ass awer och am Kontext mat där Geschicht vun der Annuléierung vun der Gemengerotssitzung vum 21. September zu Réiser. Op där enger Säit hu mer deen Aspekt dovunner, datt eng Schäffin schonn un der Prozedur mat ofgestëmmt huet, wou se net hätt dierfen. Mä et ass jo eng SUP, déi virläit. An där SUP steet awer, datt nach weider Ëmweltberichter misste gemaach ginn.

Ass also d'SUP schonn definitiv gewiescht, respektiv ware se all publizéiert? Well am Gesetz vun 2008 steet awer, datt se missten dem Public zougänglech gemaach ginn. Dat war hei net de Fall, souwäit ech informéiert sinn. Dat heescht, eleng schonn opgrond vun där Dispositioun vun 2008 wier also och déi Gemengerotssitzung net valabel.

Et ginn och mëttlerweil scho Jurisprudenzen. En Uerteel vum 30. Juni 2011 dëst Joer seet nämlech ganz kloer, datt alles da misst publik gemaach gi sinn. Dat war net de Fall. Also de facto misst och schonn déi Gemengerotssitzung dann aus där Ursaach annuléiert ginn.

Dat sinn elo nëmmen e puer Froen, déi mer hei an der Diskussioun weider agefall sinn. De Claude Meisch wäert herno och nach eng Kéier d'Wuert huelen. Hie wäert dann och nach déi eng oder aner zousätzlech Remarquen derzou maachen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Wëllt dozou…? Jo. D'Regierung.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, ech muss leider wierklech goen. Ech entschëllege mer och dofir, mä dat hei war jo net virgesinn. Et huet awer zurecht stattfonnt.

Alleguer déi Froen, déi d'Spuerkeess betreffen, déi kann ech net hei beäntwerten, éischtens, well ech d'Äntwert net weess, zweetens, well ech gemengt hat ze verstoen, de Finanzminister géif an eng Kommissioun kommen - ech weess net wat fir eng -, fir doriwwer ze schwätzen, oder d'Commission de l'Exécution budgétaire. Ech weess et net. Jiddwerfalls ass dat mam Finanzminister ze schwätzen. Deen ass zoustänneg fir d'Spuerkeess. An en ass net hei. Et sinn déi Froen, déi ech gemengt hunn als déi mussen ze bezeechnen, déi ech net kann direkt beäntwerten.

Ech wollt just froen, ob et am Zesummenhang mat deem Bréif, dee jo Anlass ginn huet zu dëser Ausssprooch, nach Froen u mech gëtt, vun deene gemengt gëtt, se wieren net adequat oder net komplett beäntwert ginn. Déi géif ech nach gären da beäntwerten.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Voilà. Den Här Meisch, deen hat sech opschreiwe gelooss. Da géif ech deem d'Wuert nach dozou ginn.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Ech stellen direkt déi Fro. Ech wollt duerno awer nach e puer allgemeng Remarquen…

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Jo, jo, sécher.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- …maachen zur Debatt an zu deene Froen, déi nach opstinn.

Fir mech ass nach ëmmer net kloer - wann Dir gesot hutt, mir hu keen Engagement, datt mer en Terrain ginn, also gratis zur Verfügung stellen; mir hunn en Engagement, datt am Fall, wou Léiweng näischt gëtt, mer dem Promoteur Rollinger en Terrain hëllefe sichen -, firwat de Promoteur Rollinger bereet war, op awer esou vill dausend Quadratmeter Fläch op sengem séchere Projet zu Wickreng ze verzichten, fir op eppes aneschters ze goen, wat awer nach ganz onsécher ass, a wou eng ganz Rei vun Hürden ze huele sinn.

Et ass virdru gesot ginn, et wieren 11.000 m$^2$, sollt de Promoteur Rollinger an deem Projet Léiweng partizipéieren. Fir en Terrain ze fannen, deen 11.000 m$^2$ Geschäftsfläch herno soll realiséieren, déi kaschte jo och eppes. An ech ka mer net virstellen, datt de Promoteur Rollinger bereet ass, deen aus der eegener Täsch dann ze bezuelen. Firwat war hie bereet, op säi grousse Projet vun 22.000 m$^2$ zu Wickreng ze verzichten, fir op eppes Onsécheres sech anzeloossen?

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech hunn, wéi gesot, nëmme mat dem Här Rollinger geschwat an net mat deem anere Promoteur, deen hei involvéiert ass. Dir sot, dee Projet zu Wickreng, dee wier sécher gewiescht. Ech hunn Iech drop opmierksam gemaach, dass mer ee ganz eeschte Rechts- a Sachsträit mat dem Promoteur zu Wickreng haten, an dass mer deen och ausgefochten hätten, wat dat verlängert hätt. Dat war net sécher, mä et war awer och net sécher, dass d'Regierung sech géif duerchsetze mat hirem Refus fir dee Projet definitiv ze autoriséieren. Duerfir mengen ech, dass den Här Rollinger décemment konnt dovunner ausgoen, dass dee Projet net sécher wier.

Wat fir Arrangementer d'Promoteuren dann ënnertenee fonnt hunn, wou deen een deem aneren huet misse schmackhaft maachen a Verhandlungen, wéisou et gutt wier, wann déi zwee Projeten zesumme gemaach ginn, entzitt sech menger Kenntnis, well ech hunn, wéi gesot, u kenge Gespréicher mat deenen zwee Promoteuren deelgeholl.

Mä Dir sot zu Recht, dass de Projet Léiweng en onséchere wier. Dat ass wichteg, dass Der dat och esou gesitt, well aus där Beschreiwung geet jo kloer an däitlech ervir, dass kee kann dovunner ausgoen, dass, egal wat geschitt, d'Regierung géif deem Projet d'Zoustëmmung ginn, ansonsten een en net als onsécher kënnt beschreiwen.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Mir hu jo awer och nach Geriichter hei am Land.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Gelift?

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Mir hunn och nach Geriichter am Land.

**Une voix**.- An an Europa!

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ma, ech sinn och ganz frou, dass mer Geriichter hunn. Et wier schlëmm, jee nodeem wien an der Regierung wier, dass d'Regierung eleng eppes ze soen hätt. An esou wéi ech alleguerten déi kennen, déi bis elo an der Regierung waren, inklusiv mech selwer, sinn ech och frou, dass et Geriichter gëtt.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Sou, elo huet... Ass dat?

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Ech ginn dem Claude Meisch recht, dass hien zu Recht de Projet zu Léiweng als een onséchere beschreift, well d'Regierung huet net versprach, dass deen anyway, wéi mer op Lëtzebuergesch soen, géif autoriséiert ginn.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den Eugène Berger hat och nach déi eng oder aner Fro gestallt. Ass vläicht ee vun deenen anere Ministeren, deen dozou eppes wëllt soen? Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech géif gäre just awer äntwerten op déi Fro vun de Coupures vertes a vun deem, wat een u sech nennt déi Zone verte interurbaine. Ech wëll kloer soen, wann een déi Kaarte kuckt - ech hu se ausgedeelt - dann ass hei d'Lokalisatioun kloer. Et ass jorelaang dru geschafft ginn, fir ze kucken, wéi dat méi prezis kënnt gemaach ginn, wéi et am Joer 2000 am Ufank war. Do hunn Experten, Beamten déi Kaarten hei rausginn, an ech wëll just soen, déi Insinuatiounen, fir

dann ze soen, do si Beamten, déi dat eent kannt hunn an da wësse mer jo net wat domadder geschitt ass, ech kann dat awer och net esou stoe loossen.

Ech wëll just eppes soen: Wien huet déi Kaarte kannt? Mä selbstverständlech déi Leit, déi dru geschafft hunn. Nécessairement hu se se misse kennen. Ob dat am Ministère vum... am fréieren Ëmweltministère, fréieren Innenministère mat dem Aménagement du territoire, fréiere Sportsministère, neen, Sport net, fréiere Wirtschaftsministère wéinst den Zone war, respektiv de fréieren Travaux-publics-Ministère an den Transportministère wéinst allen Transportsaachen. Un deene véier Plans sectoriels hunn déi Beamten dru geschafft, jorelaang dru geschafft, an all déi Kaarten, dat Material, dat ass esou laang an der Diskussioun schonns gewiescht, éier mer iwwerhaapt op déi Projeten hei komm sinn.

An dat, wat elo gemaach ginn ass, dat ass - nodeems datt déi Kaarten hei do louchen - fir ze kucken, dee Projet, passt deen dann dran oder passt en net dran? Esou datt ech all déi Mëschungen, déi elo esou am Sous-entendu sinn, awer net wëll stoe loossen, a soe kloer - d'Zäithierarchie weist eis et schonns -, datt esou eng Vermëschung net méiglech ass!

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Ech wëll eppes bäifügen. Ech ka just soen, d'Ministere waren och au courant, mä mëttlerweil sinn eng Rei Leit scheinbar och au courant, dat mierken ech u Bréiwer, déi ech kréien, ganz erstaunlech, wou Organisatiounen Detailer wëssen, wat mech wonnert. A souguer där Associatiounen, déi, menger Meenung no, keen Intérêt hunn, dass ee Saachen der Spekulatioun elo präisgëtt, déi däerfte keen Intérêt dorunner hunn! Souguer déi hunn et, dat mierken ech u Bréiwer, déi ech…

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- De Romain Schneider...

***(Interruption)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Wann ech gelift, een nom aneren. De Romain Schneider.

**M. Romain Schneider,** *Ministre des Sports.*- Här President, ech wollt just kuerz op déi Remarque vun den Events agoen. Ech mengen, wann een den Débat a meng Äntwert verfollegt huet, do hunn ech probéiert d'Relatioun ze maachen tëschent Sport, Foussball an Event an hunn eigentlech gesot, datt een hautdësdags - den Här Berger kënnt jo aus dem Sportsmilieu - weess, datt haut d'Ausriichtung vu Sportsmanifestatiounen, internationale Compétitiounen respektiv Finalë méi ass wéi nëmmen eng Finale respektiv e Match.

An duerfir soen ech, datt, wéi geplangt, déi 25 Matcher fir mech en Event sinn, e Sportevent, a wou een da selbstverständlech ka kucken an Zukunft, esou wéi dat am Indoor an der Coque zum Beispill war, wou mer och hautdësdags… e Beispill: Gymmotion, wat mat Sport ze dinn huet, eventuell ee sech kann iwwerleeën, datt ee mat dem Outdoor och esou eppes organiséiert, wat indirekt och mat dem Sport ze dinn huet, awer och als Event ze bezeechnen ass.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- An elo ass et un der Madame Polfer. Pardon, de Minister Halsdorf.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Ech wollt nach op déi Remarque, déi den Eugène Berger gemaach huet betreffend d'Avise vun der Commission

d'Aménagement, him soen, hie weess jo, wéi dat fonctionnéiert, do kommen d'Avisen eran, an dann ass d'Presidentschaft, elo am neie System fir de SUP. Bei deem heite Projet, wann e soll weidergoen, wäert et esou sinn, dass dee Projet erakënnt, dann ass e President do, e Vizepresident an da Leit. Déi Vizepresidenten, dat ass ëmmer ee vum Aménagement du territoire, dat heescht, alles wat do décidéiert gëtt an deenen Avisen, do gëtt sech orientéiert un deem, wat an der Landesplanung geschitt. Do gëtt gekuckt, wéi sinn d'Plans sectoriels; déi wësse wéi déi Plans sectoriels alleguerten ausgesinn.

Kloer ass et, dass, wéi de PAG 2008 vun der Gemeng Réiser gemaach ginn ass, do war ganz kloer deen Zoning hei als eng Zone d'activités économique agedroen, an du ass gekuckt ginn, landesplaneresch, ass dat keng Zone d'activités économique am Sënn vum Plan sectoriel? Och wann et nach net rechtskräfteg ass, ginn d'Décisiounen awer esou orientéiert, esou dass et da kloer war, dass do muss en negativen Avis kommen. An hei gëtt gekuckt mat deemselwechte Brëll, mat dem landesplaneresche Brëll, an da gëtt festgehal, dass dat heiten een nationalen Zentrum ass, och wa verschiddener dat a Fro stellen.

De Camille Gira huet d'Fro opgeworf, wéi een dohinner kënnt. Mä wann dat eben esou ass, da gëtt den Avis ganz anescht ausgeriicht, wéi wann dat net de Fall ass. Domadder wëll ech him soen, duerfir ass ze erklären, dass Avisen, déi fréier iwwer en Areal gemaach gi sinn, vläicht negativ sinn, an haut, déi haut gemaach gi sinn, dann ebe positiv oder manner negativ sinn. Dat ass wéi een et kuckt. Dat ass fir mech d'Erklärung.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- De Minister Marco Schank.

**M. Marco Schank,** *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech wëllt kuerz eng Äntwert op déi Fro vum Eugène Berger ginn. Mäi Kenntnisstand ass deen - den Innenminister misst mech dann elo korrigéieren -, datt d'SUP muss virleie beim Vote provisoire an och muss an der Délibératioun vum Gemengerot figuréieren.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Am Kader vum neie Gesetz an net vum ale Gesetz. An dat heiten ass…

**M. Marco Schank,** *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Jo, jo, selbstverständlech.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Sou, an elo kënnt d'Madame Polfer.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Här President, ech wollt nach eng Kéier op de Choix vum Site zréckkommen. Den Här Minister Krecké huet eis am Ufank gesot, déi verschidden oder eng Rei Siten opgezielt, déi gekuckt gi wieren an déi aus deenen engen oder deenen aneren Ursaachen net gaang sinn. Hien ass du bei engem ganz schnell driwwergaangen, de Midfield, an hien huet do am Fong een Argument gesot, firwat datt deen net gutt wier, well do hätt missen d'Croix de Gasperich, déi Stroossen, déi Zoufahrtsstroossen nei gemaach ginn. Dat war awer och dat Eenzegt, woubäi ech dorop dat nämlecht kann äntwerte wéi den Här Wiseler virdru gesot huet, fir zu Léiweng, déi Zoufahrte misste souwisou nei gemaach ginn, an zu Gasperech musse se och souwisou nei gemaach ginn am Kader vun deem ganze Réaménagement.

Deen Terrain vum Midfield, deen hat jo awer soss wierklech all, net nëmmen all d'Avantagen, mä der nach méi! Well et war deen eenzegen Terrain, deen an der Hand vum

Stat ass. An, Här Minister, Dir hutt et jo elo virdru selwer nach eng Kéier ënnerstrach, dat war also deen eenzegen Terrain, wou wierklech direkt hätt kënnen eppes gemaach ginn, vläicht net an där Envergure, déi elo zu Léiweng geplangt ass, dat ass wouer. An dat ass fir mech nach en anert Argument - an et ass elo vu verschiddene Riedner schonns opgeworf ginn - déi Envergure, déi déi Event-Arena dann do soll hunn, mat all deene Geschäftsméiglechkeeten. Dat ass jo enorm!

Ech ginn Iech nëmmen eng Ziffer - den Här Krecké huet, an et geet net op e puer Meter carré un, mä alles dat, wat Dir opgezielt hutt, do kënnt een awer op 70.000 $m^2$ - et sinn der vläicht 68.000 oder vläicht 72.000 - mä 70.000 $m^2$. Wësst Dir, wat dat ass als Surface vun der Geschäftswelt hei zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg? Dat ass d'ganz Uewerstad an d'ganz Gare zesummen!

Dat ass nëmmen, fir sech d'Envergure vun deem, wat do geplangt ass, fir datt ee sech dat ka virstellen. Also ech deelen déi Bedenken, déi hei gemaach gi sinn, well et ka jo awer net sinn, datt aus deem éischte Besoin, wat e Sportsstadion ass, datt mer doraus dann och nach en anere Besoin maachen, dee wierklech géint alles dat geet, wat mer bis elo gesot hunn, wat wichteg wier, fir d'Stied ze stäerken, fir de Commerce an de Stied ze stäerken. Also heimadder sinn d'Risikoen awer wierklech ganz grouss!

Awer meng éischt Fro ass: Firwat ass de Midfield, deen an dem Stat senger Hand ass, wou hätt kënne ganz schnell eppes gemaach ginn, firwat ass deen esou schnell ausgeschalt ginn?

**Une voix**.- Très bien!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Als Äntwert op déi dote Fro wëll ech der Madame Polfer soen, datt mer - si weess dat och als Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg -, datt mer wierklech um Ban de Gasperich momentan jo amgaang sinn, eng ganz Rei Pläng probéieren an d'Realitéit ëmzesetzen, emol fir d'Éischt mat der Entwécklung vum Ban de Gasperich op där enger Säit, a mat der Konstruktioun vun engem Arrêt Gare Houwald op där anerer Säit. An dann ass considéréiert ginn, datt mer dat sollen…

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Raison de plus…

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen, neen. Jo, raison de plus, fir et an der Reihenfolleg ze maachen, wéi Urbanismus soll gemaach ginn. Et ass fir d'Éischt décidéiert ginn, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, datt mer elo emol d'Entwécklungsgebitt - wat an der Chamber hei gestëmmt ginn ass - vum Ban de Gasperich selwer maachen. Dat, wësse mer awer alleguerten, wäert eng ganz Rei Joren elo emol wechhuelen.

A mir hunn elo viru kuerzem, viru sechs Méint, engem Joer emol ugefaangen, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, zesumme mat de Promoteuren, déi do Terrainen hunn, ze kucken, wat ass da sënnvoll op deem ganzen Midfield - méiglechst zesummen och mat der Gemeng Hesper, déi ech net wëll vergiessen - wat kënne mer elo logesch do maachen an a wat fir engem Zäithorizont kënnen déi Ëmgestaltungen, déi um Midfield just passéieren, gemaach ginn?

Dat ass awer wierklech e mëttelfristegen Zäithorizont. Dat ass näischt, wat elo d'nächst Joer kann ufänken. An dat muss een och, wann een d'Entwécklung vun deem ganzen Zentrum do wëllt esou gestalten, datt et logesch an organisatoresch ass, muss een och schéi propper déi Zäitfolleg anhalen, esou datt mer sécherlech elo emol fir d'Éischt wäerte probéieren, déi Stroossen ze bauen, wat Raiffeisen a Gasperech ass, an dann déi nächst Etapp, de Midfield ugoen, déi elo an der Planifikatioun nach laang net fäerdeg ass. An Dir hutt gesinn, wéi wäit de Ban de Gasperich…

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Entschëllegt, Här Minister. Dat do war net d'Fro. Well, wéi den Här Krecké et richteg gesot huet, mir gi jo op 2007 zréck, wou d'Diskussiounen ugefaange gi sinn, fir ze kucken no engem gëeegneten Terrain.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.-* Déi do ass Mëtt 2008 komm, déi Évaluatioun.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Dann och nach Mëtt 2008.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-* Mir hunn haut nach ëmmer net mam Fonds de Gasperich eng éischt Etapp ugefaang.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Mä Dir hutt déi éischt Etapp zu Léiweng doutsécher nach net ugefaang, he? Den Här Statsminister…

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.-* Et gëtt awer nach…

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Also, wéi den Här Statsminister elo geschwat huet, wäert déi éischt Etapp net méi laang daueren.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.-* Madame Polfer, et gëtt nach en anere Grond. Wann Der mech vläicht ausschwätze loosst, da soen ech Iech: Et gëtt nach en anere Grond.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Ma da sot deen.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.-* Et sinn nëmme siwen Hektar méiglech, wann ee gesäit, dass een net muer de Centre douanier kann einfach verschwannen doen. Et sinn nëmme siwen Hektar méiglech. Dat ass ze kleng, fir domat… Dat ass ze kleng, fir just… Wann een… Ech sinn dovun ausgaang, dass ech net vun der Regierung gréng Luucht kréien, fir e Stadion eleng ze bauen. Ech muss also e Stadion baue mat eppes… Jo! Dat ass meng Viraussetzung gewiescht: E Stadion, dee mat eppes ronderëm, ob et eng Luxexpo ass, oder Geschäfter sinn.

Ech hunn Iech gesot: Do kann ee mat d'accord sinn…

***(Interruption)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.-* Hei, wann ech gelift.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- …oder net. Mä et war kloer gesot: Et gëtt kee Stadion eleng gebaut. Also muss ech kucken, dass ech d'Fläch hunn.

An d'Madame Polfer weess nämlech ganz genau, wéi deen Terrain ausgesäit. Dee geet esou aus, dass een hanne souguer mindestens zwee, dräi Hektar verléiert, well et lénks a riets dann ugrenzt un déi bestehend Propriétéiten, an dass een do guer näischt ka maachen. Dat ass de Problem! Fir de Stadion eleng hätt een e kënnen huelen.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Ah voilà. Elo hu mer et verstanen.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Mä duerfir ass en à écarter, well ech hu keng Autorisatioun, dee Stadion eleng ze bauen. Dat war eng kloer Viraussetzung.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- D'accord.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Da schwätzt dat nach eng Kéier an der Regierung.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Mir halen also fest: Fir de Stadion eleng wier et gutt duergaang.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Dat ass net d'Fro gewiescht!

**M. Claude Meisch** *(DP).*- War et net Är Fro, oder war et déi falsch Fro?

**Une voix**.- Fir Iech ass et eng wichteg Ausso.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Da war et déi falsch Fro.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Wann ech gelift!

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Also, Här President, ech wëll just… Also, ech maache jo net gären dat do, Madame Polfer, mä d'Madame Brasseur, déi méi no um Geschäft war déi Zäit wéi Dir, déi war nämlech an deene Réuniounen alt emol derbäi als Sportsschäffen,…

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Très bien!

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- …huet gesot ganz kloer hei - onmëssverständlech Aussage -: „Die Stadt Luxemburg will nicht Bauherr sein…"

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Jo.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Jo lauschtert emol!

***(Interruption)***

Da lauschtert emol no!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Hei!

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- „… da solch ein Stadion keinen lokalen Nutzen hat."

***(Interruption)***

An da seet se: „Präsentiert aber jemand dem Schöffenrat ein fertiges Projekt, wird dann eine Baugenehmigung erteilt, wenn ein Promotor kommt? Ja.". Also huet si och nëmmen dru geduecht, de Stadion ze akzeptéiere mat engem Promoteur. Dee Promoteur, well dee kënnt jo net, fir d'Duschen ze bauen.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Mä et ass jo en nationale Stadion.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Wëllt Der dat kucken? Madame Polfer, wëllt Der deen Artikel kucken?

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Här Krecké, wann ech gelift.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Déi zoustänneg Sportsschäffin vun der Stad Lëtzebuerg.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).*- Ma dat ass alles richteg.

**M. Paul Helminger** *(DP).*- Här Krecké, Dir hutt ni probéiert, fir um Midfield vum Stat aus e Stadion ze bauen. Sou! Dat ass ganz kloer.

**Une voix**.- Aha.

**Une autre voix**.- Punkt.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Voilà! Ech hunn elo nach weider Wuertmeldungen hei. De Claude Meisch.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Merci, Här President. Bon, ech si wéi vill aner Kolleegen net ganz zefridden. Ech hat 45 Froe gestallt. Anerer haten der nach derbäigehaangen. Mir hunn op eng Rei vu Froe geäntwert kritt. Ech hunn oft d'Impressioun gehat, et ass probéiert ginn, laanscht eenzel Froen ze kommen.

Ech ginn awer dervunner aus, an de Premierminister huet dat jo gesot, mir hunn d'nächst Woch eng Debatt hei doriwwer. Do sollen d'Konklusioune gezu ginn, den nächsten Donneschdeg, datt sämtlech Froen, déi haut hei gestallt goufen, ob schrëftlech oder mëndlech, datt déi bis dohinner beäntwert ginn, soss gesinn ech mech als Deputéierten hei net…

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Claude Meisch** *(DP).*- …à même, fir eng Konklusioun zu dëser Debatt an zu dësem Sujet hei kënnen ze huelen.

An et muss ee sech dann d'Fro stellen: Wann d'Regierung net äntwert - ech verstinn, datt se haut net alleguerten, all Ministeren à même waren, direkt dorobber spontan ze äntwerten, an eng Rei vu Recherchen a Consultatiounen noutwendeg sinn -, wann dat bis den nächsten Donneschden awer net de Fall war, da muss ech schlechte Wëllen ënnerstellen. Da muss d'Chamber sech och froen, ob se sech net aner Moyene gëtt, fir dann déi Äntwerten do erbäizekréien.

Dann hunn ech generell nach eng Kéier d'Impressioun oder d'Konfusioun hei festgestallt, datt e klenge Projet zu Wickreng an den Ae vun der Regierung absolut contraire ass zu de Kritäre vun der Landesplanung, an e grousse Megaprojet zu Léiweng, deen ass absolut konform an den Ae vun der Regierung zu de Kritäre vun der Landesplanung.

Dat verstinn ech net! Ech kenne Léiweng, ech kenne Wickreng, a béides stellt fir mech déiselwecht Viraussetzungen. Entweder ass dat eent konform, dann ass och dat anert konform. A wann dat eent net konform ass, dann ass och dat anert net konform. Dat ass an dëser Debatt awer hei och nach eng Kéier ganz, ganz kloer ginn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Da wëll ech mech… Et ass schued, datt de Premierminister elo fort ass, mä ech verstinn, datt en nach aner Obligatiounen hat. Ech wëll soen, datt ech mech net schummen, datt ech déi Fro gestallt hunn no de perséinlechen Avantagë materieller an immaterieller Natur, well et eng Fro ass, déi dobausse gestallt gëtt, déi jiddwereen am Land sech stellt, wann een e bëssen d'Oueren opgespaant huet, wann een e bëssen d'Zeitung gelies a wann een e bësse Radio gelauschtert huet, dann ass dat eng evident Fro.

An ech verstinn dem Premierminister seng Reaktioun dorobber, well ech hätt mer bei him net kënnen erwaarden, datt et eng aner gewiescht wier, oder datt eng aner Äntwert komm wär. Ech stellen dës Fro awer nach eng Kéier un déi aner concernéiert Ministeren heibannen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Wëllt dozou ee vun de Ministere Stellung huelen?

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur*.- Also wann, da kritt Der eng Äntwert, esou wéi de Premier dat gesot huet, well esou wéi de Premier empfanne mir dat als rise Frechheet, wat Dir Iech do am Fong geholl frot.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Dat dote fannen ech eng Frechheet, well Dir hei net à même sidd, eng Äntwert ze ginn! Dat fannen ech eng Frechheet! Dat hale mer awer hei fest, Här Krecké! Dat hale mer awer hei fest! Da gitt…

***(Interruptions)***

**Une voix.-** Jo oder neen, Här Krecké?

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur*.- Dir kritt gesot…

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Jo oder neen? Da sot et hei!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Also, wann ech gelift!

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Ech kann a mengem Numm just soen, wat ech wëll. An ech kann Iech soen: Ech hunn domadder näischt ze dinn! Mä ech soen Iech just eent: Dir kritt fir se alleguerten, dat huet de Premier Iech versprach.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Elo huet den Här Gibéryen d'Wuert.

***(Interruption)***

**M. Eugène Berger** *(DP).*- Den Här Premier, deen huet kloer geschwat.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den Här Gibéryen huet d'Wuert, Här Berger.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Ech hu kee Problem mat deene Saachen. Ech hunn näischt do ze soen. Mä d'Aart a Weis, wéi mir hei matenee fueren, dat fannen ech net korrekt.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Merci, Här President,…

***(Interruptions)***

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- …fir d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Ech hunn dem Här Halsdorf eng Fro gestallt.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Ech wollt weider keng Froen…

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Ech sinn ni… Ech kann dem Här Meisch dat soen, wat dobausse gezielt gëtt: Ech hu keng Auer krit vum Här Becca an ech sinn och net mat him am Fliger geflunn. Voilà.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Also, den Här Gibéryen.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Bei mir ass et d'selwecht.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wollt just hei…

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Dann ass dat jo kloer.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess net, wéi Dir Iech virstellt, dass an enger Kommissioun geschafft gëtt. An enger Kommissioun stellt een eng Fro oder hëlt eng Positioun, an dann äntwert en aneren dorobber! Voilà! Esou ass et! An da lauschtert een, wat deen anere seet, an da schwätzt erëm deen aneren! Mä net duercherneen! Mir sinn hei net am Café du Commerce. Den Här Gibéryen huet d'Wuert!

**Une voix**.- Très bien!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wéilt just soen, och wat déi eenzel Froen elo ubelaangt. Ech mengen, déi eng si schrëftlech, déi aner si mëndlech ugeschwat ginn. Ech mengen, et wier ganz normal, datt d'Regierung eis géing op all déi Froen eng schrëftlech Äntwert ginn. Da wier och alles kloer, an da kéint jiddwereen och den Detail kontrolléieren, wat beäntwert wier oder net.

Ech wollt just eng Remarque maachen zum Bréif. Den Här Statsminister huet de Mëtten hei deklaréiert, datt dee Caractère hautement confidentiel, dee wier an de Bréif ageschriwwe ginn opgrond vum Wonsch vun de Promoteuren, well déi net gär hätten, datt dat soll public gemaach ginn, ier si mat hire Negociatioune fäerdeg sinn. Ech wëll just soen, datt et am Bréif awer ëmgedréit steet. Dat ass jo ee Bréif, dee geet un d'Promoteuren, an do schreift d'Regierung deene Leit «Cet accord revêt un caractère hautement confidentiel et les destinataires de la présente ne sont nullement autorisés à en communiquer le contenu à des parties tierces quelles qu'elles soient. En outre, seul le Gouvernement est autorisé à communiquer sur le contenu du présent accord.»

Et ass also net, datt hei d'Promoteuren der Regierung eppes virgeschriwwen hunn, mä d'Regierung huet de Promoteure virgeschriwwen, datt si net däerfte kommunikéieren.

Op där anerer Säit, en zweete Punkt, ech mengem den Här Meisch huet deen och elo nach eng Kéier ugeschnidden. Ech hat de Mëtteg dat och ugeschnidden hei, ob et Politiker ginn, déi mat engem gewësse Promoteur kéinten Avantagë gehat hunn. Ech mengen den Här Statsminister huet eis als Statsminister eng kloer Äntwert ginn. Hien hätt näischt domat ze dinn, an domat huelen ech elo mol zu dësem Zäitpunkt zur Kenntnis, datt et an der Regierung eng Persoun gëtt, an dat ass de Statsminister, deen näischt mat engem Promoteur ze dinn huet. An ech ginn dovun aus, datt dann all déi aner Memberen aus dëser an der virëschter Regierung, datt déi och eng deementspriechend Deklaratioun maachen, wéi de Statsminister se gemaach huet.

Dem Här Sportsminister géif ech soen, hien hat virdru gesot, hie wär frou festzestellen, datt all Partei heibanne fir e Fussballstadion wär. Dat stëmmt! Et muss een awer wëssen, datt mir fir de Bau vun engem Fussballstadion sinn, dee vum Stat gebaut gëtt. Et misst een dat awer dobäi soen, datt een net herno dobaussen denkt, all Partei wär fir ee Bau vun engem Fussballstadion vun engem Promoteur.

Ech an och déi aner Kolleege si fir de Bau vun engem Fussballstadion, deen an öffentlecher Hand gemaach gëtt. Den Här Wirtschaftsminister huet eis virdru gesot, hien hätt vun der Regierung keng Autorisatioun fir e Fussballstadion aleng ze bauen, huet awer e Site genannt wou e Fussballstadion kéint aleng gebaut ginn.

***(Interruption)***

Also ech... mir, an ech gesinn och déi aner Kolleegen, si fir de Bau vun engem Foussballstadion, deen an öffentlecher Hand gemaach gëtt.

Den Här Wirtschaftsminister huet eis gesot, hien hätt vun der Regierung keng Autorisatioun fir e Foussballstadion eleng ze bauen, huet awer e Site genannt, wou e Foussballstadion eleng kënnt gebaut ginn. Ech géif proposéieren - mir hunn d'nächst Woch eng öffentlech

Chambersitzung - wann hie jo keng Autorisatioun oder keng Opfuerderung vun der Regierung kritt huet, kéint d'Chamber vläicht d'nächst Woch eng Motioun stëmmen, wou d'Chamber da géif dem Minister den Optrag ginn, fir de Bau vun engem eenzelne Foussballstadion selwer ze iwwerhuelen. Dann huele mir dat no, wat d'Regierung him net gëtt.

**Une voix**.- Net selwer.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Net selwer, mä de Stat géif dann e Stadion bauen. Ech géif mengen, dat wier och, wann et dem Här Sportsminister wierklech eescht gemengt ass, fir e Foussballstadion ze bauen, wier dat och déi cleverst Léisung.

Well, esou wéi mir eis kennen, a vu datt d'Regierung jo gesot huet, dat heite confidentielt Schreiwes, dat wier keng Autorisatioun an do géifen all déi aner Prozeduren duerchlafen, a wa mer wëssen, wéi dat dann elo wäert hei zu Lëtzebuerg virulafen... a spéitstens d'nächst Woch wäert d'Gemeng Réiser - egal wat fir eng Majoritéit se kritt -, keng Majoritéit méi hunn, déi fir de Bau vun dësem Stadion ass. Well déi Majoritéit, déi elo do ass, wäert no dem nächste Sonndeg keng absolut Majoritéit méi hunn! Dann ass also eng vun deene Parteien, déi dergéint sinn, op d'mannst eng an enger Koalitioun derbäi, an da gëtt dee Bau näischt méi. Ech ka mer jo net virstellen, datt eng vun deene Parteie bannent aacht Deeg géif ëmfalen! Also, sou datt vun do aus un ee weess, datt dee Bau näischt méi däerft ginn.

Souguer och eng CSV am Réiserbann, muss ee wëssen, ass géint de Bau vun deem Foussballterrain, deen do ass. Gelungenerweis hunn d'CSV an d'LSAP an den Nopeschgemenge Beetebuerg a Réiser, pardon, Beetebuerg an Diddeleng, sech nach net dozou geäussert. Dat just niewebäi.

Duerfir géif ech mengen, wann ee weess, wéi dat heite leeft, an et ass ee wierklech fir de Bau vun engem Foussballterrain, hätt ech mer erwaart, datt d'Regierung hei gesot hätt: Dat ass e Wuert, e Bréif, mä dat ass keen Engagement a guer keng Autorisatioun. Komm, mer verzichte léiwer direkt drop a mer maachen eppes, wat mer kënnen an engem vernünftegen Zäitraum realiséieren. Dat wier, mir géifen dann eben als Stat higoen an e Foussballstadion bauen. Dann hätte mer de Mëtteg eppes geleescht, amplaz datt mer elo hei iwwer Méint a Joren iwwer eppes streiden, wou ech - wann ech géif eng Conclusioun vun deem soen, wat de Mëtteg d'Regierungsvertrieder hei gesot hunn -, haut schonns bal sécher sinn, datt dee Projet do ni däerft a wäert gebaut ginn!

Dann nach just eng Ofschlossfro: Ass och vun der Regierung evaluéiert ginn - doduerch, datt deen Terrain, wat elo eng Kouwiss ass, datt mer déi elo esou reclasséieren, datt ee kann eben do Dausende vu Meter carré Commerce a wat net nach alles drop bauen -, wat dat fir eng Plus-value fir ee Promoteur duerstellt, déi Décisioun, déi d'Regierung opgrond vun hirem confidentielle Schreiwes esou wierklech massiv wëllt ënnerstëtzen?

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président*.- Merci. Wëllt dozou ee vun der Regierung Stellung huelen?

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur*.- Ech mengen, et sinn haaptsächlech Remarquen. Et war am Fong geholl, ech hunn net gemierkt, datt do nach Froe wieren. Ech mengen, wat den Här Meisch gefrot huet, do ass gesot ginn, dat kritt e beäntwert. De Statsminister huet zu mir gesot - hie war amgaang hei auszefëllen: Jo, neen - hie seet, mir

kucken dat doten no, a mir maachen dat och. Mä ech hunn hei elo keng gréisser Froe festgestallt.

Ech muss just soen, ech bedauere just eppes a mengem Liewen: Firwat datt ech 2007 net an d'Chamber komm sinn a gefrot hunn, fir de Stadion ze bauen. Dann hätte mer en haut! Mä dorunner hunn ech net gegleeft deemools. Ech mengen, deemools wier et och net hei esou duerchgaang. Mä d'Stëmmung ass ëmgeschloen, dat mierken ech.

**M. Romain Schneider,** *Ministre des Sports.*- Här President, dat ass déi Feststellung, déi ech och maachen. Ech fannen och, datt et op eemol relativ einfach ass, esou e Projet dann op eemol vun der Chamber gestëmmt ze kréien, wann et sech nëmmen ëm e Foussballstadion handelt. Mä ech huelen dat awer ganz gären op, Här Gibéryen, wéi Dir gesot hutt, datt d'Chamber derhannert stéing, wann een nëmmen e Foussballstadion gestëmmt kritt, an och do eng Genehmegung géif kréien.

Ech wollt nach zu där leschter Fro soen, datt ech awer ganz...

***(Interruption)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Elo huet den Här Schneider d'Wuert.

**M. Romain Schneider,** *Ministre des Sports.*- Här Bettel, wann ech gelift. Ech wollt Iech awer nach just soen, datt ech zu där leschter Fro geäntwert hunn och mat engem ganz kloren Neen, an datt ech och keng Auere kritt hunn an och keng Fligerreese vun iergendengem gesponsert krut. Also meng Äntwert steet och net méi aus.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Elo kritt nach den Här Hoffmann d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Dir hutt meng och kritt.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dat gëllt och fir den Här Schank a fir mech. Ech wëll dann och, wann Dir mer schonn esou déi Froestellung maacht, fir d'Saach nach eng Kéier kloer an däitlech hei ze soen... Ech fannen et awer net an der Rei, datt een esou muss matenee schwätzen!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Dat ass zimlech douteux.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Also, Dir hutt vun eis kloer Äntwerte kritt, obscho mer fannen, dass déi Fro do iwwerflësseg wier an ënner Kolleegen, dat do, fannen ech, net an der Rei ass.

***(Interruptions)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den André Hoffmann huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.*- Ech hoffen, datt jiddweree vun Iech datselwecht ka soen. Ech hoffen, datt jiddweree vun Iech sech kann an de Spigel kucken an datselwecht soe kann. Ech hoffe fir Iech...

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Ech bieden Iech elo, Kolleege Ministeren, Kolleegen Deputéierten, déi Ënnerstellungen op der Säit ze loossen. Ech fannen dat onwürdeg enges Parlaments an enger Diskussioun, enger sachlecher Diskussioun, wéi se hei stattfonnt huet! Wann ech gelift, loosse mer op dem Teppech bleiwe vun der Kollegialitéit. Jiddweree ka seng kritesch Haltung hunn, mä ech mengen, loosse mer Ënnerstellunge perséinlecher Natur hei op der Säit!

Elo huet den Här Hoffmann d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Här President, ech wëll dozou herno nach eppes soen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Jo, herno. Elo huet den Här Hoffmann d'Wuert.

**M. André Hoffmann** *(déi Lénk).*- Här President, et ass gutt. Neen, et ass gutt, et ass laang genuch.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Den Här Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP).*- Här President, ech wëll hei preziséieren, ech hu keng Ënnerstellung hei gemaach! Ech hu just déi Froen opgeworf a widderholl, déi ech all Dag dobausse gestallt kréien, an ech mengen, déi jiddweree sech och heibannen eigentlech gestallt huet. Ech hu kengem dat doten ënnerstallt an ech si frou, datt hei all Kéier kloer an däitlech Neen geäntwert ginn ass, an ech hoffen effektiv, datt dat fir jiddwereen eigentlech gëlt, deen och hei soss ronderëm den Dësch sëtzt, egal op wat fir enger Säit!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Elo kritt dann den André Hoffmann d'Wuert.

**M. André Hoffmann** *(déi Lénk).*- Neen, ech verzichten, hunn ech jo gesot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), président.*- Gutt. Ass soss keng Wuertmeldung? Da soen ech Iech alleguerte merci, och de Ministeren, dass se esou zahlreich hei waren a fir all déi Informatiounen, déi mer kritt hunn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

Luxembourg, le 12 octobre 2011

| | |
|---|---|
| La Secrétaire,<br>Christiane Huberty | Le Président de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports,<br>Ben Fayot |
| La Secrétaire,<br>Rachel Moris | Le Président de la Commission du Développement durable,<br>Fernand Boden |

La Secrétaire,
Marianne Weycker

Le Président de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police,
Ali Kaes

Annexes :

1. « Fragenkatalog der Demokratischen Partei zu den Affairen Wickrange und Liwingen »

2. « Projet d’ensemble Stade National de Football à Livange »

Annexe 1

DEMOKRATESCH
PARTEI

# Fragenkatalog der Demokratischen Partei

Zu den Affairen Wickrange und Liwingen

## Zu dem Transfer der Gewerbsflächen von Wickrange nach Liwingen

**Frage 1:** Welche legalen Mittel standen der Regierung noch zur Verfügung um das Shopping Center Wickrange zu verhindern, nachdem das Verwaltungsgericht die Baugenehmigung des Projektes bestätigt und das Ministerium für Landesplanung kein Einspruch gegen diese Entscheidung eingelegt hatte ?

**Frage 2:** Das Projekt „Wickrange" war zum Zeitpunkt der geheimen Vereinbarung zwischen der Regierung und den Bauherren bereits in einem fortgeschrittenen Stadium und hätte im November 2010 seine Türen öffnen sollen. Hätten beide Projekte in Wickrange und Liwingen gleichzeitig realisiert werden können? Oder hätte eine Umsetzung des ursprünglichen Projektes in Wickrange, das Ende des „Stadion-Mall" Projektes in Liwingen bedeutet?

**Frage 3:** Warum hat der Bauherr des „Shopping-Center Wickrange" Abstand von seinem ursprünglichen Projekt genommen, das er sicher hätte bauen können, und sich auf unsichere Kompensationen in Liwingen eingelassen?

**Frage 4:** Mit welchen Argumenten hat die Regierung auf den Bauherr des „Shopping Centers" eingewirkt? Hat die Regierung Druck auf den Bauherrn ausgeübt?

**Frage 5:** Wenn es sich bei dem Transfer von Gewerbeflächen von Wickrange nach Liwingen um eine rein kommerzielle Transaktion handelt. Warum hat die Regierung dann intervenieren müssen?

**Frage 6:** Welche Rolle hat die Regierung bei den Verhandlungen mit den beiden Bauherren gespielt ?

## Zum geheimen Brief

**Frage 7:** Handelt es sich beim geheimen Brief zwischen der Regierung und den beiden Bauherren der Projekte „Shopping Center" und „Stadion-Mall" um die nötige Garantie, welche der Bauherr des „Shopping Center" einforderte, damit er im Gegenzug sein bereits genehmigtes Projekt in Wickrange nicht verwirklicht ?

**Frage 8:** Hat die Regierung sich mit der schriftlichen Vereinbarung zu Entschädigungen für finanzielle Ausfälle auf Seiten der Bauherren des „Shopping Center" verpflichtet, für den Fall, dass sich das Projekt in Liwingen verzögert?

**Frage 9:** Für den Fall, dass das „Stadion-Mall" Projekt in Liwingen nicht realisiert wird, hat die Regierung sich verpflichtet, als Kompensation einen neuen Standort für eine bedeutende Verkaufsfläche zu suchen.

- Auf welcher gesetzlichen Grundlage ist die Regierung dieses Engagement eingegangen?
- Zieht die Regierung in Erwägung dem Bauherren des „Shopping Center" eigene Grundstücke zur Verfügung zu stellen? Wenn ja, welche Grundstücke stehen zur Verfügung?
- Welchen Gegenwert stellen die Verkaufsflächen dar? Mit welchen finanziellen Entschädigungen muss der Staat rechnen, wenn sich keine geeigneten Flächen finden lassen?

**Frage 10:** Im genannten Brief verpflichtet die Regierung sich dazu, das „Stadion-Mall" Projekt in Liwingen „entschlossen zu unterstützen" und das Projekt „aktiv zu begleiten". Unter welchen Bedingungen sieht die Regierung dieses Engagement als erfüllt an?

**Frage 11:** Bedeutet das schriftliche Engagement der Regierung, dass auch zukünftige Regierungen und Schöffenräte in den Gemeinden durch dieses Engagement gebunden sind, und sich millionenschweren Schadensersatzklagen aussetzen, wenn sie das Projekt „Stade-Mall" Liwingen nicht realisieren sollten?

**Frage 12:** Ist die Allgemeinheit und damit der Steuerzahler durch das Engagement der Regierung somit dazu verurteilt, das Projekt „Stadion-Mall" entweder zu genehmigen oder Kompensationen an den Bauherrn des „Shopping Center" zu bezahlen?

**Frage 13:** Laut Aussagen des Wirtschaftsministers handele es sich bei dem geheimen Brief um eine „gängige Praxis". In welchen Fällen ist die Regierung ähnliche Engagements eingegangen?

**Frage 14:** Für den Fall dass es sich hierbei um ein einmaliges Vorgehen der vergangenen Regierungen handelt, warum ist man dieses Engagement im Fall Wickrange / Liwingen eingegangen?

**Frage 15:** Welche Minister waren, außer den Unterzeichnern des Briefes, an den Verhandlungen mit den beiden Bauherren beteiligt?

**Frage 16:** Hatte die gesamte Regierung Kenntnis von dem geheimen Brief und den Verpflichtungen, welche die Regierung darin eingegangen ist?

**Frage 17:** War die geheime Vereinbarung sowie die darin enthaltenen Verpflichtungen Gegenstand eines Regierungsrates?

**Frage 18:** Waren die Verantwortlichen der Gemeinde Roeser über das geheime Dokument und dessen Inhalt informiert? Wohlwissend, dass die Gemeinde ihre Zustimmung zu dem Projekt geben muss ?

**Frage 19:** Gibt es weitere Schriftstücke mit den beiden Bauherren, die im Zusammenhang stehen mit dem Transfer der Gewerbeflächen von Wickrange nach Liwingen ?

**Frage 20**: Ist die Regierung bereit dem Parlament alle Schriftstücke diesbezüglich zukommen zu lassen?

**Frage 21:** Waren andere Projekte, kommerzieller und nicht-kommerzieller Natur, Gegenstand der Gespräche zwischen der Regierung und den Bauherren ? Wenn ja, welche ?

## Zur Prozedur

**Frage 22:** Wurden nach Einschätzung der Regierung alle legalen Aspekte der Prozedur im Fall des „Stadion-Mall" Projektes in Liwingen eingehalten?

**Frage 23:** Handelt es sich bei dem Projekt überhaupt um ein PPP-Projekt (Private Public Partnership), wie sie an mehreren Stellen im Land bereits umgesetzt wurden?

**Frage 24:** Warum wurden dann keine öffentlichen Ausschreibungen gemacht?

**Frage 25:** Braucht die Regierung sich in diesem Fall nicht an das „Marché Publique" Gesetz zu halten? Wenn ja, warum?

**Frage 26:** Warum hat die Regierung sich nicht selber daran gesetzt, ein geeignetes Grundstück für den Bau eines Fußballstadions zu erwerben, um anschließend in voller Transparenz eine PPP-Prozedur anlaufen zu lassen?

**Frage 27:** Sind die Investitionskosten des Staates im Fall einer Realisierung des Stadion-Mall Projektes bereits detailliert chiffriert worden? Wenn ja, in welcher Höhe sind diese Kosten?

**Frage 28:** Sind diese Investitionskosten wirklich niedriger als die eines eigenen Stadions?

**Frage 29:** Hat die Regierung Kenntnis des ersten Gutachtens der „Commission de l'Aménagement" ? Wenn ja, warum wurde dieses vernichtende Gutachten ignoriert?

**Frage 30:** Wie kann es sein, dass ein zweites Gutachten der gleichen „Commission de l'Aménagement" wenig später, wesentlich weniger kritisch ausfällt?

**Frage 31:** Handelt es sich hierbei um eine Form der „aktiven Begleitung" wie sie im geheimen Brief mit den beiden Bauherren vereinbart wurde?

## Zu den Verbindungen zwischen der BCEE und dem Bauherrn des Shopping-Mall Projektes in Liwingen.

**Frage 32:** Stimmen die Presseinformationen, dass die staatliche Sparkasse dem besagten Bauherrn hohe Kredite gewährt hat ?

**Frage 33:** Auf welches Jahr gehen diese Kredite zurück?

**Frage 34:** Wurden die gesetzlich vorgesehenen Risikobewertungen des Kunden im Vorfeld dieser Kreditvergaben vorgenommen?

**Frage 35:** Hat der Kunde im Vorfeld konsolidierte Konten vorgelegt, welche solch eine Risikoabschätzung erst ermöglichten?

**Frage 36:** Hat die CSSF (Bankenaufsicht) der staatlichen Sparkasse eine „single exposure" Warnung zukommen lassen, wie dies in den Medien berichtet wird?

**Frage 37:** Was bedeutet dies konkret?

**Frage 38:** Ist die Realisierung des Stadion-Mall Projektes in Liwingen dadurch von großem Interesse für die staatliche Sparkasse?

**Frage 39:** Hätte ein Stopp des Stadion-Mall Projektes Auswirkungen auf die Zahlungsfähigkeit des Kunden?

**Frage 40**: Welche Auswirkungen hätte eine Zahlungsunfähigkeit des Kunden auf die staatliche Sparkasse?

**Frage 41:** Der Generaldirektor der Sparkasse ist gleichzeitig Präsident des Aufsichtsrates einer Gesellschaft, die große Teile der Aktivitäten des Bauherren des „Stadion-Mall" Projektes verwaltet. Laut einer Antwort des Finanzministers auf eine parlamentarische Anfrage des DP-Abgeordneten Eugène Berger, sitzt er im Verwaltungsrat in seiner Qualität als Generaldirektor der Sparkasse, um besser über die Ausgaben des eigenen Kunden informiert zu sein.

- Vertritt der Generaldirektor im Verwaltungsrat demnach ausschließlich die Interessen der Sparkasse?
- Sieht die Regierung in beiden Funktionen kein Interessenskonflikt?
- Wie hat der Generaldirektor der Sparkasse sich dementsprechend bei Entscheidungen über Kreditvergaben an den Kunden verhalten?
- Besteht aus Sicht der Sparkasse eine besondere Dringlichkeit, über ein Mitglied im Aufsichtsrat, die Aktivitäten und Ausgaben dieser Gesellschaft zu überwachen?

**Frage 42:** Ist die Regierung darüber informiert, dass der Generaldirektor in einem privaten Rahmen Immobiliengeschäfte mit dem besagten Kunden der Sparkasse getätigt haben?

**Frage 43:** Seit wann ist die Regierung über diese Sachlage informiert? Wie bewertet die Regierung diese Sachlage ?

## Materielle und immaterielle Vorteile

**Frage 44:** Aus den Medien geht hervor, dass der ehemalige Umweltminister zurzeit in einem Haus wohnt, das einer Gesellschaft des Bauherren des „Stadion-Mall" Projektes gehört. Gleichzeitig mehren sich die Gerüchte darüber, dass weitere Beteiligte an den Projekten in Liwingen und Wickrange, ob hohe Beamte oder Regierungsmitglieder, von materiellen oder immateriellen Vorteilen profitiert haben. Hat die Regierung Kenntnis von diesen Gerüchten?

**Frage 45:** Können die hier anwesenden Minister bezeugen, dass weder Sie noch ihnen unterstellte hohe Beamte von materiellen oder immateriellen Vorteilen im Zusammenhang mit den Projekten in Liwingen und Wickringen profitiert haben.

| | | |
|---|---|---|
| *Claude MEISCH*<br>*DP-Parteipräsident* | *Fernand ETGEN*<br>*DP-Generalsekretär* | *Xavier BETTEL*<br>*DP-Fraktionspräsident* |


# PROJET D'ENSEMBLE

## Stade National de Football à Livange

Luxembourg, le 5 octobre 2011

Annexe 2


présentation Commissions du Développement durable, des Affaires intérieures et des Sports
mercredi, 5 octobre 2011


Luxembourg
Leudelange
Hesperange
ligne ferroviaire
A 3
Roeser
N31
Bettembourg





présentation Commissions du Développement durable, des Affaires intérieures et des Sports
mercredi, 5 octobre 2011

# Avant-projet de plan directeur sectoriel Paysage





présentation Commissions du Développement durable, des Affaires intérieures et des Sports
mercredi, 5 octobre 2011

# Avant-projet de plan directeur sectoriel Paysage – Schutzgut “Biodiversität”




# Avant-projet de plan directeur sectoriel Paysage – “Landschaften als Naturerbe”




présentation Commissions du Développement durable, des Affaires intérieures et des Sports
mercredi, 5 octobre 2011

# Avant-projet de plan directeur sectoriel Paysage – Coupure Verte




présentation Commissions du Développement durable, des Affaires intérieures et des Sports
mercredi, 5 octobre 2011